Conseil communal

Séance publique du 8 septembre 2014

Durée de la séance: *10.00 à 11.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Absents et excusés:

Gira Carlo (CSV); **Pierre Norbert** (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (10.00 heures)

Affaires sociales

1.1. Démission de six éducateurs diplômés (m/f) - information.
1.2. Nomination de deux éducateurs diplômés (m/f) à raison de 40 heures/semaine - décision.
1.3. Nomination de trois éducateurs diplômés (m/f) à raison de 35 heures/semaine - décision.
1.4. Nomination de cinq éducateurs diplômés (m/f) à raison de 30 heures/semaine - décision.
1.5. Démission d'un aide-éducateur (m/f) - information.
1.6. Nomination de deux aides-éducateurs (m/f) à raison de 30 heures/semaine - décision.
1.7. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à raison de 13,5 heures/semaine - décision.

COMPTE RENDU

1.1. à 1.7.

Les points 1.1. à 1.7. de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nominations d'éducateurs diplômés (m/f) pour les Maisons Relais – décisions.

Mme *Seiler Janou* de Pétange et Mme *Thill Anne* de Rodange sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche complète (40 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme *De Jesus Julie* de Pétange, Mme *Baldinelli Laura* de Differdange, Mme *Steffenmünsberg Cindy* de Lamadelaine et Mme *Jung Sarah* de Differdange sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche partielle (35 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme *Hipp Audrey* de Merscheid, Mme *Deischter Diane* de Hautcharage, M. *Lopes Leonel* de Rodange, Mme *Fiermonte Katty* de Rodange et M. *Brix Jérôme* de Bascharage sont engagés comme éducateurs diplômés (m/f) à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Nominations d'aide-éducateurs (m/f) pour les Maisons Relais – décisions.

Mme *Goerend Pierrette* de Rodange et Mme *Hansen Danielle* de Lamadelaine sont engagées comme aide-éducatrices à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme *Schlienger Véronique* de Rodange est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (13,5 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Gemeinderatssitzung vom 8. September 2014

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Gira Carlo (CSV); **Pierre Norbert** (LSAP)

1.1. bis 1.7.

Die Punkte 1.1 bis 1.7 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung von Diplomerziehern (m/w) für die Maisons Relais - Beschlüsse.

Frau *Seiler Janou* aus Petingen und Frau *Thill Anne* aus Rodange wurden als Diplomerzieherinnen – ganztags (40 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Frau *De Jesus Julie* aus Petingen, Frau *Baldinelli Laura* aus Differdingen, Frau *Steffenmünsberg Cindy* aus Lamadelaine und Frau *Jung Sarah* aus Differdingen werden als Diplomerzieherinnen – Teilzeitbeschäftigung (35 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Frau *Hipp Audrey* aus Merscheid, Frau *Deischter Diane* aus Oberkerschen, Herr *Lopes Leonel* aus Rodange, Frau *Fiermonte Katty* aus Rodange und Herr *Brix Jérôme* aus Niederkerschen wurden als Diplomerzieher – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Ernennung von Hilfserziehern (m/w) für die Maisons Relais - Beschlüsse.

Frau *Goerend Pierrette* aus Rodange und Frau *Hansen Danielle* aus Lamadelaine wurden als Hilfserzieherinnen – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Frau *Schlienger Véronique* aus Rodange wurde als Hilfserzieherin – Teilzeitbeschäftigung (13,5 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Séance publique du 18 septembre 2014

Durée de la séance: *14.30 à 17.20 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Absents et excusés:

Gonçalves Cátia (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.30 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un ingénieur technicien - décision.
   1.2. Promotion d'un fonctionnaire - décision.
2. Enseignement musical: Ratification de quatre contrats de travail - décision.
3. Affaires sociales
   3.1. Ratification de cinq contrats d'apprentissage - décision.
   3.2. Démission volontaire d'une aide-éducatrice - information.
   3.3. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) - décision.

Séance publique (14.45 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   5.1. Approbation de la première modification budgétaire des dépenses et recettes de l'exercice 2014 - décision.
   5.2. Titres de recettes - approbation.
   5.3. Vote d'un crédit supplémentaire relatif aux primes de construction et d'amélioration pour les logements - décision.
   5.4. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2015 - décision.
   5.5. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2015 - décision.
   5.6. Formation du tableau de préséance du conseil communal - décision.
   5.7. Démissions et nominations dans diverses commissions consultatives - décisions.
   5.8. Demande d'adhésion de la Commune de Walferdange au syndicat SIGI - décision.
6. Enseignement
   6.1. Vote d'un crédit spécial relatif aux frais d'études pour le réaménagement de la cour avant de l'Ecole Am Park à Pétange - décision.
   6.2. Vote d'un crédit spécial relatif au réaménagement de la cour des écoles de Lamadelaine et des alentours immédiats - décision.
7. Propriétés
   7.1. Approbation du compromis relatif à la vente d'une parcelle à Rodange, rue Jos. Philippart à M. Joao Carlos De Sousa Araujo et Mme Maria Lucilia Ribeiro Antunes - décision.
   7.2. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'une parcelle à Pétange, rue de l'Eglise de la part de la société « Agilis » sàrl - décision.
   7.3. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'une parcelle à Pétange, rue du Chemin de Fer de la part de la société « Polari » S.A. - décision.
   7.4. Approbation du compromis relatif à l'acquisition de parcelles à Lamadelaine, lieux-dits « rue de la Providence », « avenue de la Gare », « rue Mathias Heinen », « Auf den Gehren » et « rue des Prés » de la part de M. Romain Thill - décision.
   7.5. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'un bâtiment religieux à Lamadelaine, rue du Moulin de la part de l'Eglise néo-apostologique de Luxembourg et vote d'un crédit spécial - décision.
   7.6. Approbation de l'acte avec l'Etat luxembourgeois relatif à l'échange de terrains à Pétange, lieux-dits « Hinter den Garten » et « Im Laerchen » - décision.
   7.7. Approbation de l'acte avec les consorts Holz-Chabot relatif à l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, rue de la Providence - décision.
   7.8. Approbation de l'acte avec M. Guy Thill et Mme Anita Jennetten relatif à la vente d'une parcelle à Rodange, rue du Clopp - décision.
   7.9. Approbation de l'acte avec M. Luc Gindt et Mme Christiane Baltes relatif à la vente d'une parcelle à Lamadelaine, lieu-dit « Zwischen den Recher » - décision.
   7.10. Approbation de l'acte avec Mme Jacqueline Bérat veuve Sarti relatif à l'acquisition de terrains à Lamadelaine, lieux-dits « Im Dielchen » et « In Stackels » - décision.
   7.11. Approbation de l'acte avec la société « Elsa Immo » sàrl relatif à l'acquisition d'une parcelle à Rodange, rue de la Fontaine - décision.
8. Prévisions sociales: Approbation de la convention bipartite 2014 avec le Ministère de l'Education Nationale et de la Jeunesse pour les Maisons Relais - décision.
9. Environnement
   9.1. Approbation de l'accord environnemental relatif aux déchets d'équipements électriques et électroniques - décision.

9.2. Approbation du devis relatif à la construction d'un chemin forestier à Pétange, lieu-dit « Rollengerbësch » - décision.

10. Hygiène: Adaptation du nouveau règlement sur les cimetières - décision.

11. Urbanisation

11.1. Approbation du devis relatif à la mise en souterrain d'une partie des infrastructures dans la rue du Clopp à Rodange (phase III) - décision.

11.2. Vote d'un crédit spécial relatif à l'établissement du Plan d'Aménagement Particulier du site de l'ancien Lycée Technique Mathias Adam à Pétange – décision.

11.3. Approbation des rectifications apportées au Projet d'Aménagement Particulier NORD 2 à Rodange présenté par la société « Rodange Lotissement S.A. » - décision.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un ingénieur technicien (m/f) – décision.

M. Falco Michel, de Differdange, est nommé aux fonctions d'ingénieur technicien.

Contrats d'apprentissage signés avec cinq apprentis (m/f) – ratification.

Les contrats d'apprentissage suivants ont été ratifiés:

Nom de l'apprenti	Métier
Goergen Mike	paysagiste-pépiniériste
Laroche Céline	instructeur de natation
Maquet Max	instructeur de natation
Ribeiro Faria Dane	auxiliaire de vie
Schaack Vanessa	auxiliaire de vie

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les Maisons Relais – décision.

Mme Spigarelli Alissa, de Rodange, est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir sinn haut fir déi éischt Gemengerotssëtzung no der Summervakanz zesummekomm. An ech begréissen an eise Reien den Här Claude Tockert, deen den Här Bouché hei am Gemengerot ersetzt. Mam Här Bouché hu mer leider Gottes e gudde Mann aus eise Reie verluer an dee sech ganz vill engagéiert huet. Och haut, op dësem Dag, denke mer un hien. Ëmsou méi datt hien e Mann war, deen – zanter hien am Gemengerot war – ganz vill Engagement gewisen huet. Leider war et him net gegonnt fir ganz laang am Gemengerot ze sinn, mä a Gedanke si mer sécherlech haut bei him.

Mir sinn awer och frou, fir als säi Remplaçant den Här Tockert hei begréissen ze kënnen a mer géifen him dann och d'Wuert gi fir sech dem Gemengerot virzestellen.

Tockert Claude (DP):

Här Buergermeeschter, Madame an dir Häre aus dem Schäfferot, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot.

Ech begréissen Iech ganz häerzlech. Elo sinn et scho 6 Wochen, wou mäi Parteikolleg, de Claude Bouché, net méi ënnert eis ass. Leider konnt hien emol net ee Joer hei am Gemengerot matschaffen. Mat Leif a Séil huet hie sech fir eng Sécherheetskommissioun agesat, well d'Sécherheet vun de Bierger him um Häerz louch. Als säin Nofollger wäert ech a sengem Geescht weiderfueren a mech fir d'Wuel vun de Bierger aus dëser Gemeng asetzen.

Ech wëll hei profitéiere fir de Leit, déi mir hiert Vertraue geschenkt hunn, e grousse Merci ze soen. Wann ech och op der Oppositiounsbänk sëtzen, ass et mäin Zil fir eng kritesch, awer virun allem eng fair Politik ze maachen. Oppositiounspolitik heescht fir mech net alles, wat vun der Majoritéit aus kënnt, d'office als negativ ze bewäerten an och deementspriechend ze kritiséieren. Esou déif wäert ech mech net erofsetze loossen. Mir ass och de respektvollen Ëmgang ënnerenee ganz wichteg. Ech freeë mech op meng nei Aarbecht, déi ech mat vollem Engagement wäert ugoen. An ech wënsche mir, esouwuel mam Schäffen- wéi och mam Gemengerot, eng flott Zesummenaarbecht.

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Tockert Merci soe fir seng léif a flott Wierder. Dat wäerte mer och entgéinthuelen. Mir hunn eng ganz flott Équipe hei, ob Oppositioun oder Majoritéit. A mir wäerten och an deem selwechte Geescht mat Iech zesummeschaffen. An ech sinn iwwerzeegt, datt dat eng flott Zesummenaarbecht gëtt. An dat Wichtegst fir eis alleguerten ass, fir am Intressi vun eise Bierger ze schaffen an dat Bescht fir eis Gemeng ze maachen. An ech mengen, wa mer alleguerten un deem nämmlechte Strang zéien, da wäert eis dat och geléngen.

Da géif ech d'Wuert nach un den Här Breyer ginn, deen nach eng Matdeelung ze maachen huet.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn als Schäfferot gemengt fir en oppene Bréif z'adresséieren un de François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, well mer schonn iwwer Joere mat engem Dossier confrontéiert sinn an deen ëmmer méi akut an ëmmer méi aktuell gëtt. Duerch verschidden Décisioune vun «communes transfrontalières» kéint dat eng Katastrof ginn.

Ech ginn e bëssen zeréck an d'Geschicht. Mir stelle fest, laut deene rezente Chifferen, datt mer hei am Land iwwer 130.000 Navetteuren hunn, déi all Dag iwwer d'Grenzen an d'Land erakommen. Wa mer kucken, wat vun der Belsch a vu Frankräich a Lëtzebuerg erakënnt, da sinn et ronn 35.000 «travailleurs belges», 25.000 aus der Province du

Luxembourg an ongeféier d'Halschent dovunner aus dem «arrondissement d'Arlon», déi all Dag heihinner op Lëtzebuerg schaffe kommen. Op där aner Säit hu mer 68.000 «travailleurs français», dovunner bal 90%, déi aus dem «bassin lorrain» op Lëtzebuerg kommen an iwwer 10.000 Leit, déi aus der «communité des communes» hei vu Lonkesch erfort kommen. Dat bréngt all Dag e gréissert Verkéiersopkommes mat sech.

Wann et op den «Horizon 2020» geet, da gëtt esouguer domatter gerechent, datt déi Zuel vun 130.000 «navetteurs» op 200.000 an d'Luucht geet an datt der iwwer 16.500 vun Arel erfort an 12.000 aus der «communité des communes» vu Lonkesch kommen. Dat sinn iwwer 28.500 Leit, déi all Dag dann iergendwéi an deem Eck hei iwwer d'Grenz wëlle kommen.

Mir hu Statistiken an Zielunge gemaach, déi op Enn 2013 zeréckginn, an do stelle mer fest, datt op der Avenue de l'Europe – dat ass tëscht der Biff an der «Glaverbel» - an deenen zwou Richtungen all Dag 28.700 Vehikelen zirkuléieren an dovunner iwwer 30% Camionen.

Mir hunn Zielungen op der Athuser Strooss gemaach, an do sinn et an der Moyenne 13.500 Ween pro Dag. Op der RN5 zu Rodange a Richtung Grenz läit Dagesmoyenne bei 6.500 Ween. Op der Bretelle bei der Fontaine d'Olière läit Moyenne awer bei 11.500 an op deem Stéck, wou et bei d'Tankstatiounen erageet bis un d'Grenz selwer, sinn et 7.600 Ween an dovunner 1.300 Camionen.

Mir wëssen, datt d'Avenue de l'Europe schonn zanter laanger Zäit iwwerlaascht ass an einfach net méi senger «destination primaire» ka gerecht ginn, dat heescht de Contournement vu Péiteng ze garantéieren. Esou war dat virun 20 Joer geplangt ginn. Péiteng hätt sollen domatter entlaascht ginn. Et hätt ee kënnen um «niveau urbain» e ganze Koup Verbesserunge maachen. Et ass awer ni dozou komm, well déi Axen duerch d'Uertschaften och duerch dee «malfonctionnement» vum Contournement saturéiert sinn, an dat haaptsächlech zu den Haaptverkéierszäiten an och haaptsächlech duerch de Schwéiertransport, deen ëmmer méi d'Attraktivitéit vun de Pompelstatiounen opsiche geet. Dobäi ass och nach komm, datt e ganze Koup Akafszentren an der Périphérie bäikomm sinn, op der franséischer Säit an der Käerjenger Säit. An dat huet d'Mobilitéit och nach weider an d'Luucht gedriwwen.

De Schäfferot vu Péiteng huet zanter Joeren op déi Situatioun opmierksam gemaach a gesot, datt dee Contournement vun Ufank un eng Feelgebuert war, well en nëmmen op 2 Pisten ausgebaut war ginn. Dat war e faule Kompromëss, deen déi Zäit gemaach ginn ass. Et ass ëmmer versicht gi fir Verbesserungen ze maachen, egal watfir ee Ministère un der Spëtz vun deem Trafik sollt stoen. D'Qualitéit vun de Bierger war eis ëmmer méi wichteg wéi aner Argumenter, déi do komm sinn.

Et ass dann och nach dobäi komm, datt 2006 de SIKOR, zesumme mat enger spezialiséierter franséischer Firma EGIS (Ingénierie du trafic et des systèmes d'exploitation), mat der AGORA a mat sämtlechen «acteurs transfrontaliers», eng «étude de concepts d'aménagement de l'avenue de l'Europe» gemaach huet, mat Perspektiven, wéi een der Mobilitéit bis d'Joer 2020 Meeschter kéint ginn.

Bei där Reunioun 2006 waren déi Verantwortlech, d'Acteuren an d'Décideuren, esougutt vun de Lëtzebuerger Verwaltungen, wéi och vun deene franséischen an deene belschen, an och duerch Ponts et Chaussées vertrueden. 2007 ass eng Conclusioun gemaach ginn, déi och all Mënsch zougestallt ginn ass a wou se mat dru geschafft hunn de facto fir eng Décisioun ze huelen. An zwar war do Propositioun opkomm, fir dee Contournement «avenue de l'Europe» an ee «boulevard urbain» ëmzebauen. Fir iech ze weisen, wat e «boulevard urbain» ass, verweisen ech op de Kierchbierg, wat esou ee «boulevard urbain» ass. Do hu mer och eng Kadenz vun iwwer 28.000 Vehikelen all Dag. An dee fonctionnéiert einfach mat Pisten a mat Luuchten, esou datt een do den Trafik ka besser dirigéieren.

Et sollt een awer Emprisë maachen an déi reservéiere fir bei deenen Enkpäss, déi drop sinn, spéider nach kënne Saachen ze erméiglechen. Et sollt een och kucken, watfir Mëttelen – an do ware scho Pisten opgezeechent ginn – een huet fir d'Mobilité douce an den Transport collectif an de Grëff kënnen ze kréien. An et sollt gekuckt ginn, watfir Stroossennetzer oder Strukturen an der Périphérie nach ausgebaut oder complétéiert miisste ginn, fir dat an de Grëff ze kréien.

Zanter 2007 läit deen Dossier am Ministère. An et ass bedauerlech – an ech anticipéieren - , datt mer bei enger Entrevue, déi mer elo den 12. Mäerz am Ministère haten – an dat a Präsenz och vun de Ponts et Chaussées – erauskomm ass, datt se deen Dossier emol guer net kannt hunn. Esou datt mer elo – 7 Joer duerno – hinnen deen Dossier erëm eng Kéier hu miissten zoustellen.

Mir sinn also dauernd hannendru bliwwen, esougutt als SIKOR wéi och als Gemeng Péiteng. Et si Bréiwer geschriwwe ginn, et si Propositioune gemaach ginn, wéi de Contournement kéint lafen, wat den Transit ubelaangt. Datt do eng Méiglechkeet wier, fir entweder beim Lycée eng Bréck ze bauen, an esou de Rond-point ze iwwerbrécken, oder en duerch en Tunnel ze ëmgoen. Et si Propositioune gemaach gi fir dee klenge Rond-point, deen zousätzlech bäikomm ass, ewechzehuelen. Alles huet näischt gedingt an et ass ëmmer dobäi bliwwen.

De «cri d'alarme» ass dunn 2013 komm, wou den deemolege Buergermeeschter vu Longlaville gesot huet, datt hien net méi géif stallhalen. Et wier e Polferfaass op der Grenz an all Dag géifen esouvill Dausend Camionen dohinnerfuere fir ze approvisionéieren. Dotëschent wieren dann och nach e ganze Koup privat Autoen, déi duerch dee Camionstrafik verschwannen an net méi siichtbar sinn. An hie war der Meenung, datt et nëmmen eng Saach vun der Zäit wier bis do e schrot Accident an en Drama géif geschéien. An hie wier net méi averstane fir dat opstoen ze loossen a mir solle mat him no Léisunge sichen.

Dat hu mer dann erëm eng Kéier ugefaangen a mir hu lénks a riets Bréiwer gemaach an hunn eng Entrevue am Ministère du Développement durable et des Infrastructures den 12. Mäerz 2014 zougestane krut. An där Entrevue hu mer eis Propositiounen an eis Iddien niddergeluegt.

Zanter dem 12. Mäerz 2014 waarde mer elo op eng Äntwert vum Ministère oder vun enger vu senge Verwaltungen. Duerch verschidde Bureaux d'étuden, déi hei am Land schaffen, wësse mer, datt se am gaange sinn an de Kulissen eppes ze mautschen. Mir bedaueren awer, datt do e «manque de transparance et de dialogue» zanterhier besteet an datt mer näischt vum Ministère héieren. Mir ginn awer gäre mat agebonnen an déi Diskussiounen.

Deen neie Buergermeeschter vu Longlaville huet dunn de 24. Juli 2014 nach eng Kéier en dramateschen Appel gemaach, an datt hie sech sengem Virgänger wéilt uschléissen an net méi wëll stallhalen. A wa mir vun eiser Säit näischt géifen ënnerhuelen, da géif hien d'Grenz zoumaache fir den Trafik. Dat heescht, wann een elo iwwer d'Grenz fiert an dohinner tanke geet, da muss een d'Kéier maachen an erëm zeréckfueren. Dee Bouclage iwwer Longlaville, wéi en de Moment bestanen huet, géif dann net méi fonctionnéieren.

Doropshin hu mer dem Minister dat erëm weiderginn a gesot, datt eng Léisung muss kommen an datt hien eis soll soe wou mer dru wieren. Et koum awer keng Äntwert. Mir hunn dunn erëm eng Kéier den 12. August 2014 e Bréif un de Minister geriicht, an deem mer him soen, datt et urgent wier, datt eppes do géif geschéien. An d'Décisioun ass elo vum Buergermeeschter vu Longlaville matgedeelt ginn. An zwar wëllt hien ab dem 1. Oktober 2014 d'Grenz fir de Schwéiertransport zoumaachen. Dat heescht, et dierf da kee Camion iwwer 3,5 Tonne méi do erafueren. Dat heescht am Kloertext, wa se da vun der «Glaverbel» eriwwer op d'Brëttell fueren, a si gi bei déi Rodanger Statiounen tanken, da mussen se do kierpen a kéiere fir d'Kéier ze maachen an iwwer dee Wee zeréckzefueren iwwer deen se komm sinn.

Dat gëtt e Chaos, dee programméiert ass. Wann et bis elo e Polferfaass war, da gëtt et elo nach schlëmmer an d'Gefor op där Plaz geet nach weider an d'Luucht. Et soll een och net vergiessen, datt mer nach ëmmer vun engem Grand-Bis schwätzen, vun enger «zone régionale», déi anscheinend no bäi ass fir Realitéit ze ginn. Wa mer eis op där Plaz elo 50 nei Entreprisë virstellen, mat ronn 500 Leit, déi dohinner schaffe kommen, dann ass d'Attraktivitéit schonn a Virfeld ugeschloen.

Mir bedaueren, datt mer vu kenger Verwaltung méi eppes héieren hunn, weder vu Ponts et Chaussées nach vum Ministère. Mir wëssen awer, datt an de Kulisse Saache gemautscht ginn, déi net direkt eppes mam Trafik ze dinn hunn, mä déi eventuell eppes mat Vëlosweeër ze dinn hunn oder mat engem Parking, deen op der Rodanger Gare sollt entstoen. A mir ginn als Gemeng einfach net informéiert. A wa mer net zoufälleg iwwer Bureaux d'étuden, déi mer an anerer Kontexter begéinen, déi eng oder aner Informatioune géife matkréien, dann héiere mer, datt e Parking, dee virdrun nëmmen 350 Plaze sollt kréien, eventuell sollt ausgebaut ginn, oder datt national Vëlosweeër vu Käerjeng iwwer Déifferdeng a Bieles op Esch solle lafen an datt Péiteng bei där Saach net berücksichtegt gëtt. Dat sinn elauter Saachen, wou mir alt erëm eng Kéier d'Gefill kréien, wéi wa mer de Blinddarm vum Land wieren. Et ass esou ee Wutz, deen e bësse stéiert, an deen einfach ëmmer vergiess gëtt wann op nationalem Plang grouss Décisioune geholl ginn. A mir wollten einfach en Zeeche setzen an en oppene Bréif un de Minister schreiwen, an deem mer soen, datt et elo duergeet. Mir schwätzen elo vum Contournement, mä et sinn awer nach aner Punkten, déi mer den 12. Mäerz opgefouert hunn an déi mer och gären décidéiert hätten. Op mannst solle mer matgedeelt kréien, datt se am gaange sinn driwwer ze schwätzen an datt se deen oder dee Bureau domatter befaasst hunn. Mir hätten och gären, datt mer mat um Dësch sëtze wann Décisioune geholl ginn. Net datt – esou wéi et elo schéngt ze sinn – e ganze Koup Décisioune laanscht eis ginn.

Et kann ee soen, datt mer eis dem «ras-le-bol» vum Buergermeeschter vu Longlaville uschléissen. A mir schléisse keng Aktioun aus. Den Dialog ass dat éischt, wat soll sinn. A wa mer muer zesummekommen, da solle mer zesummen diskutéieren. Wa mer awer spieren, datt dat net de Fall ass, da musse mer och Aktioune vun der Zort «coup de poing» maachen. Péiteng hat där schonn emol an der Vergaangenheet, wou mer op d'Strooss gaange sinn. Et weess ee jo, wéi d'Leit reagéieren, wann den Trafik guer net méi leeft. Dat hu mer gesinn, wéi de Grand-Duc de leschten Dënschdeg op Péiteng komm ass. Do konnt ee gesinn, wat et mat sech bréngt, wann nëmmen eng Sortie um Contournement gespaart ass.

Ech schwätzen net vun dramatesche Fäll, déi emol um Contournement kënne geschéien. Et kéint jo emol eng Massenkarambolage do geschéien. Wéi ass et da mat den «moyens de secours» an esou weider? Dat si lauter Saachen, mat deenen een den Däiwel kann un d'Wand molen, mä et muss een awer realistesch soen, datt et Perspektive sinn, déi eng Kéier kënnen antrieden.

An dofir solle mer näischt ausschléissen. Mir waarden elo op e ganz séieren Dialog säitens dem Ministère oder senge Verwaltungen. Mir wëssen, datt de Minister net eleng schëlleg dorunner ass. Hien huet gudde Wëlle bewisen, wou hien eis emfaangen huet. Mä et ass awer och esou, datt hie responsabel ass fir seng Verwaltungen unzekierpen. An et schéngt mer awer, datt do erëm eng Kéier hanner zouenen Diere geschafft gëtt. An dat ass eng Manéier, déi mer net méi wëllen akzeptéieren.

Dofir hu mer dee Bréif geschriwwen a Kopie dovunner ass och un d'Press gaangen.

Dat wier de Moment de «Stand der Dinge» an ech hoffen, datt de Gemengerot där selwechter Meenung ass wéi de Schäfferot, dee seet, datt hei eng Urgence besteet an datt mer elo musse reagéieren. Well stellt iech fir, datt den 1. Oktober déi 2.500 Camionen, déi all Dag dohinner tanke fueren, op der Grenz musse kierpe fir d'Kéier ze maachen. Et kann ee sech dee Chaos virstellen, deen dann op der Grenz entsteet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat war e bëssen déi Suerg, déi mer iech wollte matdeelen. Den Zoufall huet gewollt, datt mer kuerz virun dëser Sëtzung déi Informatioun vum Buergermeeschter vu Longlaville krut hunn. Mir wossten effektiv dat scho méi laang a mir hunn ëmmer erëm drop higewisen, datt déi Gefor géif bestoen. Leider Gottes ass awer keng Reaktioun aus der Stad komm a mir riskéieren – wann dat doten elo ëmgesat gëtt a mer net séier eng Léisung virleien hunn – datt et Chaos «au carré» an deem Eck gëtt.

5.1.

Administration générale.

Première modification des recettes et des dépenses au budget ordinaire de l'exercice 2014 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Mount September hu mer ëmmer verschidde «modifications budgetaires», wat den ordinäre Budget ubelaangt. Am Tableau, deen der an ärem Dossier bäileien hutt, gesitt der, datt et eng Rei klenger Modifikatioune sinn. Engersäits hu mer supplementar Ausgabe vun 159.338,55 Euro an anersäits zousätzlech Recettë vun 142.747,38 Euro, esou datt de Solde bei minus 16.591,17 Euro wäert leien. Dat ass awer kee Problem, well eis Finanzsituatioun et erlaabt fir dës zousätzlech Ausgab opzefänken.

Ervirzesträichen ass, datt et eng ganz Rei méi kleng Changementer sinn. Et ass näischt Dramatesches dobäi. Et ass just ee Chiffer, deen ëmmer erëm Schwieregkeete mécht, an zwar «fournitures en nature aux élèves». Et ass esou, datt mir hei zu Péiteng schonn ëmmer déi Bicher, déi eis Kanner am «Fondamental» gebraucht hunn, subventionéieren an och geliwwert hunn. Et ass awer esou, datt mer duerch e Gesetz vun 2009 forcéiert gi sinn, fir dat ze maachen. Do si mer dann natierlech ofhängeg vun deene Bicher, déi dann do erausgesicht ginn. Mir haten am Budget 2014 dofir 200.000 Euro virgesinn. Mir stellen awer fest, datt mer schonn eng ganz Rei Bestellungen hunn, déi doriwwer eraus ginn an déi mer musse maache well mer dozou obligéiert sinn. Esou datt mer dem Gemengerot proposéiere

fir dee Budgetsartikel op 250.000 Euro eropzesetzen. Mat där Erhéijung vu 50.000 Euro wäerte mer déi Engagementer, déi mer fir d'Schoulrentrée 2014/2015 geholl hunn, och kënnen honoréieren.

Soss fir de Rescht sinn et kleng Saachen, déi mer an der «modification budgetaire» hunn. Dat Ganzt konnt, an dat wollt ech nach eng Kéier ënnersträichen, quasi an engem Equiliber gehale ginn dank den Dividende vu Sudgaz. Well soss hu mer ëmmer ronn 50.000 Euro krut an am Joer 2013 war de Bénéfice méi héich, esou datt d'Dividenden aus dem Joer 2013 op 158.000 Euro konnte gehéicht ginn. Déi zousätzlech 108.000 Euro hunn et eis erlaabt fir dës zousätzlech ordinär Ausgaben, déi mer iech hei presentéiert hunn an zur Ofstëmmung virleeën, ofzedecken.

Accord par 14 voix contre 2 voix (déi gréng).

5.2.

Administration générale.

Titres de recettes au montant de 2.579.452,32 euros – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An deene leschte Wochen a Méint sinn erëm eng ganz Rei Recetten erakomm. Zu deene Recettë gëtt et net ganz vill ze soen, bis op déi Terrainen, déi mer verkaf hu fir 22.800 Euro a wou mer den Acte och schonn hei am Gemengerot guttgeheescht hunn. Mir hunn och eng Rei Rembourse-menter krut, wou Leit Investissementer gemaach hunn an hiren Haiser a wou mir eis och als Gemeng engagéiert hu fir en Deel vun deene Fraise matzedroen, an dat bis zu 50% vun deem, wat de Stat bezilt. Dat ass un déi selwecht Conditioune gebonne wéi beim Stat. Et muss een dann awer nach virun dra wunne bleiwen. Et sinn awer eng Rei Leit, déi bannent 10 Joer trotzdem geplënnert sinn an déi Hëllefen hu mer an deene Fäll zeréckgefrot. An dofir hu mer déi Suen, déi mer de Leit zeréckgefrot hu well se d'Conditiounen net erfëllt hunn, elo hei opgelëscht.

Op der aner Säit hu mer och e Subsid bei der Waxweiler Mille krut vun 346.771 Euro. Ech géif soen, dat wier de Solde vun deem Ganzen an do hu mer näischt méi ze erwaarden. Mir hunn och d'TVA vun de Méint Juni a Juli zeréckkrut a mir hunn och – wat d'Maison Relais ubelaangt – déi éischt an déi zweet Avance krut. Et sinn dat eemol 966.957 Euro an eemol 933.488 Euro.

Am Total hu mer haut Recetten an der Héicht vun 2.579.452,32 Euro virleien.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Vote d'un crédit supplémentaire de 30.000 euros relatif aux primes de construction et d'amélioration pour des logements – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech hat scho virdrun ugeschwat, datt mer eng «prime de construction et d'amélioration pour des logements» un eis Bierger ginn. Et ass dat 50% vun deem, wat de Stat gëtt, an dat geschitt laut engem Reglement, wat mer scho méi laang hunn, an zwar scho säit 1999. Do sinn am Prinzip an deene leschte Joeren ongeféier 60.000 Euro pro Joer ausbezuelt ginn. Dat ass natierlech ofhängeg vun der Zuel vun de Leit, déi wëllen investéieren. Dëst Joer ass déi Zuel vun deene Leit, déi eng Demande gemaach hunn, an och vun deenen, déi Investissementer gemaach hunn, eropgaangen. De Moment hu mer scho fir ronn 15.000 Euro Demandë virleien, déi iwwer déi 60.000 Euro erausginn, déi mer am Budget stoen hunn. Als Schäfferot ware mer der Meenung, datt mer déi Leit net kënne bis d'nächst Joer waarde loossen an dofir proposéiere mer dem Gemengerot fir dëse Kredit vu 60.000 Euro op 90.000 Euro ze hiewen, dat heescht ëm 30.000 Euro ze erhéijen. Dat géif eis d'Méiglechkeet gi fir déi 15.000 Euro, déi elo schonn als Demande virleien, ze honoréieren. An da behale mer nach 15.000 Euro iwwereg fir wann nach weider Demandë sollte kommen.

Domatter brauchen d'Leit net bis 2015 ze waarde bis se hir Primë kréien. Et sinn dat Leit, déi Suen an hir Haiser investéiert hunn a se si sécherlech frou fir all Subsid, deen se kënne kréien. Wann et elo am Dezember net sollt mat deene restleche 15.000 Euro duergoen, da miissten déi Leit da bis an de Januar 2015 waarde fir hir Primen ze kréien. Dat ass awer manner dramatesch wéi wann een, deen seng Demande am Juni gemaach huet, miisst bis 2015 waarden.

Scheuer Romain (déi gréng):

Geet bei deenen Demanden, déi mer op der Gemeng erakréien, och eng Persoun kontrolléieren, ob déi Demande valabel ass?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Conditioun, fir vun der Gemeng eng Ënnerstëtzung ze kréien, ass, datt de Stat schonn eng Prime ginn huet. Wann d'Leit eis en Zertifikat virleeën, datt de Stat zum Beispill 3.000 Euro gëtt, da gi mir nach 1.500 Euro dobäi. Duerch déi Pièce – an ech ginn dovunner aus, datt de Stat déi Suen och net einfach esou gëtt – mat där de Stat sech engagéiert fir eng gewëssen Zomm ze ginn, engagéiere mir eis och fir nach eng Kéier d'Halschent drop ze ginn. D'Pièce vum Stat ass fir eis d'Garantie, datt déi Aarbechte gemaach goufen.

Accord à l'unanimité.

5.4.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2015 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wéi all Joer ëm dës Zäit wëlle mer eis am Gemengerot ausschwätzen, wat den Impôt commercial ubelaangt. Mir haten an deene leschte Joeren en Taux vun 325%, an dat war e bësse mat deenen anere Gemenge ronderëm ofgeschwat. Mir proposéieren dem Gemengerot, fir déi 325% och fir d'Joer 2015 bäizebehalen, wuelwëssend datt mer fir de Moment keng Informatioun hunn, datt iergend eng aner Nopeschgemeng un dësem Taux eppes wäert änneren. Dat heescht, mir bleiwen an där Linn, déi mer d'lescht Joer festgeluegt haten.

Becker Romain (déi gréng):

Et war jo esou, datt an deene leschte Joeren eis Nopeschgemengen ëmmer méi héich louchen. A fir d'nächst Joer hu mer keng Informatiounen, datt si hiren Taux wäerten eropsetzen. Hunn ech dat esou richteg verstanen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt eigentlech Suessem a Käerjeng dee selwechten Taux vun 325% hunn. Déi eenzeg Gemeng, déi ëmmer méi héich war, war d'Gemeng Déifferdeng. Si louche

bei 350%. A wou mir op 325% gaange sinn, war d'Differenz net méi esou grouss an den Ënnerscheed tëscht deenen eenzelne Gemenge gouf domatter erofgesat. Esouwäit ech weess, ass Déifferdeng an Diddeleng nach ëmmer op 350%, an all déi aner Gemengen aus dem Prosud sinn op 325%, esou datt mer op engem Punkt sinn, wou et praktesch iwwerall d'selwecht ass. Déi Gemeng mat deem klengsten Taux ass – mengen ech – d'Gemeng Schëffleng mat 300%. A virdru war déi Differenz wesentlech méi grouss.

Becker Romain (déi gréng):

Et wier jo awer interessant, wann alleguerten déi Gemengen an där selwechter Linn géife leien. Well déi Gemenge sëtze jo och alleguerten an deem selwechte Boot, wat d'Investissementer ubelaangt a wat nei Industriezonen ugeet. Well et ass jo nëmmen esou, wéi een déi nei Industrië kann erakréien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat kloer ass, mir haten eng Kéier am Prosud – an dat muss 4 bis 5 Joer hir sinn – eng Initiativ gestart, fir all d'Gemengen aus dem Prosud op deem nämmlechten Niveau ze halen. An dat war deemools un Déifferdeng an Diddeleng gescheitert.

Thein Joe (adr):

Mir fannen et als adr gutt, datt mer den Impôt foncier esou bäibehalen, wéi en ass. An och den Impôt commercial. Mä mir wëllen da léiwer déi Gemenge kucken, net déi, di hir Steieren an d'Luucht setzen, mä déi, di hir Steieren erofsetzen, respektiv op engem Niveau halen. An dofir solle mer eis un deenen orientéieren. An ech mengen, mir sollen dann als Péitenger Gemeng net higoen an – nëmme well eng aner Gemeng hiren Taux erhéicht – eisen dann och erhéijen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn ëmmer versicht fir hei zu Péiteng um ënneschten Niveau ze bleiwen. Et däerf een natierlech och net – op gutt Lëtzebuergesch gesot – ze domm sinn. Et muss een awer och kucke fir déi Fraisen, déi ee generéiert an déi opkommen, ze decken. Well mir wëssen, datt déi Suen, déi Gemengen iwwer de Stat, respektiv den Impôt commercial, respektiv iwwer d'Steieren oder och nach d'TVA kréien, an nächster Zukunft net automatesch wäerte klammen. Dofir muss een awer garantéiert kréien, datt een déi Déngschtleeschtungen – déi ee gäre wëll senge Bierger ginn – och nach ka weider assuréieren. Dofir hu mer ëmmer déi Politik hei gehat, fir um ënneschten Niveau ze sinn a mir sinn och haut nach um ënneschten Niveau. Mä mir mussen awer och kucken, datt den Écart net ze grouss gëtt. Well wat den Écart méi grouss gëtt, wat eis Recetten iwwer den Impôt commercial par rapport zu deenen anere Gemengen erofgeet. D'Déifferdenger Gemeng huet säit laanger Zäit vun där Situatioun profitéiert, well si op 350% waren a mir an aner Gemengen am Süden nëmmen op 275%. Elo ass deen Écart erofgesat ginn, mä mir leien nach ëmmer méi niddereg wéi verschidden aner Südgemengen. An déi eenzeg Gemeng, déi – mengen ech – nach méi niddereg ass, ass Schëffleng, mat 300%.

Thein Joe (adr):

Ech wëll awer och nach drun erënneren, datt mer och sollten dat Ganzt am Kontext mat deenen anere Steiere betruechten. Well och elo mat där neier Regierung komme ganz vill Steiererhéijungen op eis duer. An et ass net am Intressi vun der Gemeng, wa mir och nach eise Bäitrag zu der Steiererhéijung leeschten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass ganz richteg an dofir hu mer et jo och op deem Niveau vum leschte Joer gelooss.

Brecht Guy (LSAP):

Et ass ganz richteg, wat de Buergermeeschter éinescht gesot huet. Dir hat eng Kéier den Optrag hei kritt, fir dat mat an de Syvicol ze huelen. Dat ass leider do un Déifferdeng gescheitert. Ech géif et ganz flott fannen, wa mer en eenheetleche Barême am Süden hätten. Well – wann ee bedenkt – mir leien nach relativ niddereg. Wann een d'Gemenge ronderëm d'Stad Lëtzebuerg kuckt, da wier et ganz schlëmm, wa mer op deem Niveau wieren. Wéi gesot, mir fanne vläicht eng Kéier eng Méiglechkeet fir am Süden op en eenheetleche Barême ze kommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir si schonn no beieneen, mä de Barême ass nach net eenheetlech.

Accord unanime de fixer, pour l'année 2015, le taux multiplicateur en matière d'impôt commercial communal d'après le bénéfice d'exploitation à 325%.

5.5.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2015 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da kéime mer zum Impôt foncier, iwwer dee mer jo schonn e bëssen diskutéiert hunn. Och do proposéiere mer dem Gemengerot, fir déi Tauxe vum leschte Joer bäizebehalen. Mir hate virun 2 bis 3 Joer eng Kéier – wat déi Haiser ugeet, déi eidel stinn, respektiv bei de Bauplazen – den Taux gehéicht. Mir sinn awer der Meenung, datt mer fir d'Joer 2015 d'Tauxen net sollen hiewen.

Accord unanime de fixer, pour l'année 2015, les taux multiplicateurs en matière d'impôt foncier comme suit:

Impôt foncier A: Propriétés agricoles	**400%**
Impôt foncier B1: Constructions industrielles et commerciales	**640%**
Impôt foncier B2: Constructions à usages mixtes	**400%**
Impôt foncier B3: Constructions à autre usage mixte	**200%**
Impôt foncier B4: Maisons unifamiliales, maisons de rapport	**200%**
Impôt foncier B5: Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitations	**400%**
Impôt foncier B6: Terrains à bâtir à des fins d'habitations	**600%**

5.6.

Administration générale.

Formation du tableau de préséance du conseil communal – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann e Changement am Gemengerot ass, dann ass et Usus fir deen Tableau nei festzehalen. Den Här Bouché – wéi mer virdru scho gesot hunn – huet eis leider fir ëmmer verlooss an doduerch ass duerch eng Décisioun vum Inneministère vum 13. August 2014 den Här Claude Tockert an de Gemengerot

komm fir den Här Jean-Claude Bouché ze ersetzen an och deem säi Mandat fäerdeg ze maachen. Den Här Tockert huet den 3. September 2014 säin Eed ofgeluegt, esou datt mer elo kënnen deen Tableau de préséance änneren. Et ass esou, datt den Här Claude Tockert elo als 17. op deem Tableau bäikënnt an den Här Marco Stoffel ëm eng Plaz eropréckelt.

Accord à l'unanimité.

5.7.

Administration générale.

Démissions et nominations dans diverses commissions consultatives – décisions.

Op Grond vun engem Reglement hunn Enn 2011 déi eenzel Parteien hir Leit nominéiert fir an déi eenzel Kommissiounen. An der Tëschenzäit hunn e puer Leit démissionéiert oder, wéi beim Här Bouché, si verstuerwen. Déi Leit sollen elo ersat ginn an et leien eis Propositioune vun de Parteie vir. Den Detail vun de Propositiounen hutt der virleien an ech géif dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote secret: par 15 voix pour et une abstention

- **démission est accordée à Mme Stéphanie Streveler ép. Arendt comme membre de la Commission de la Famille;**
- **M. Alvaro Pica est nommé nouveau membre de la Commission de la Famille;**
- **démission est accordée à M. Robert Polfer comme membre de la Commission de la Famille, comme membre de la Commission de la Circulation et comme membre de la Commission des Relations publiques;**
- **M. Jo Soares est nommé nouveau membre de la Commission de la Famille;**
- **M. Romain Peters est nommé nouveau membre de la Commission de la Circulation;**
- **M. Laszlo Toth est nommé nouveau membre de la Commission des Relations publiques;**
- **démission est accordée à M. Guy Joseph Wagner comme membre de la Commission des Finances;**
- **M. Robert Mines est nommé nouveau membre de la Commission des Finances;**
- **démission est accordée à M. Robert Mines comme membre de la Commission des Affaires culturelles;**
- **M. Jos Engel est nommé nouveau membre de la Commission des Affaires culturelles;**
- **M. Gaston Freymann est nommé nouveau membre de la Commission de la Circulation en remplacement du défunt M. Jean-Claude Bouché;**
- **Mme Marie-Louise Berens est nommée nouveau membre de la Commission des Sports en remplacement du défunt M. Jean-Claude Bouché.**

5.8.

Administration générale.

Demande d'adhésion de la Commune de Walferdange au Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique (SIGI) – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Gemeng Walfer huet gefrot, fir och Member ze ginn am SIGI. Wéi d'Statuten, respektiv och d'Gesetz iwwer d'Gemengesyndikater et virgesäit, muss all eenzel Membersgemeng säin Accord zu där Admissioun ginn. Mir proposéieren dem Gemengerot, fir deem zouzestëmmen an d'Gemeng Walfer an de SIGI opzehuelen.

Stoffel Marco (LSAP):

Als Vertrieder am SIGI ass dat jo fir mech och eng flott Saach, wann erëm eng Gemeng bäikënnt. Mir begréissen et och als SIGI, datt mer Gemenge bäikréien an datt lues a lues all d'Gemengen am Syndikat dra sinn an esou och besser Servicer fir d'Gemenge kënne bidden.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Enseignement.

Vote d'un crédit spécial de 25.000 euros relatif aux frais d'études pour le réaménagement de la cour avant de l'Ecole Am Park à Pétange – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wann der hei an der Gemeng ronderëm kuckt, da gesitt der, datt mer an eise Schoule ganz vill geschafft hunn, heiansdo och «par la force des choses», oder dass mer se vergréissert hunn. Mir hunn och bei vereenzelte Gebaier d'Schoulhäff schonn erneiert. Wat mer elo wëllen no an no maachen, dat ass fir bei deene Schoulen, wou dat nach net geschitt ass, och de Schoulhaff kannerfrëndlech ze maachen a se och ë bëssen – wéi ee seet – op dëst Joerhonnert ze bréngen.

Fir déi Aarbechte kënnen unzegoen, hu mer eis entschloss fir mat der Schoul «Am Park» lass ze fueren. Dir wësst, datt mer d'lescht Joer déi Schoul bannendra komplett renovéiert hunn. Mir hu bei där Schoul 2 Schoulhäff, mä mir wollten elo emol mat engem Schoulhaff ufänken. Et ass jo och allgemeng gewosst, datt esou ee Schoulhaff och e gewëssene budgetäre Volet brauch. Dat ass jo net vun der Hand ze weisen, datt dat ëmmer ganz deier gëtt.

Mer hu jo och e Kannergemengerot hei an der Gemeng gestëmmt. An dat ass ee Punkt, dee laut dem Kannergemengerot ganz uewe läit. Ech war schonn e puermol bei d'Kanner selwer a mir wäerten se och nach deemnächst empfänken. An da wäert och deen een oder anere vun iech gesinn, dass et de Kanner wierklech um Häerz läit fir e flotte Schoulhaff ze hunn.

Mir hunn eis als Schäfferot virgestallt, fir emol 25.000 Euro ze stëmme fir Pläng ze maachen. Déi Pläng mussen dann och mat de Kanner, mam Léierpersonal a selbstverständlech och mam Gemengerot diskutéiert ginn. A wann et méiglech ass, da wéilte mer gären d'nächst Joer während der grousser Vakanz mam deem Schantjen an der Park-Schoul ufänken.

Thein Joe (adr):

Mir stëmme jo hei e «crédit spécial» a keen «crédit normal» vu 25.000 Euro. An der Délibératioun steet «ce réaménagement a été, entre autres, un sujet de notre nouveau 'Kannergemengerot'». Ech froe mech awer elo, ob dee «crédit spécial» net soll domatter eng méi schéi Verpakung kréien oder ob do elo effektiv den Intressi do miisst si fir elo de Schoulhaff ze reaménagéieren.

Kënnt dir eis do net nach méi Informatiounen doriwwer ginn? Well et ass e «crédit spécial», dee mer op en neits erëm mussen dobäistëmmen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat de Kredit ubelaangt, wollt ech just kloerstellen, datt dat eng normal Prozedur ass, wann een en Architekt wëll

domatter beoptrage fir Pläng ze zeechne fir e Projet ze realiséieren. An dee Projet steet jo och am «plan pluriannuel» fir d'nächst Joer. An et muss ee fir d'éischt e Kredit stëmmen ier een en Architekt ka mat den Aarbechte beoptragen. A wann den Architekt mat deenen Aarbechte chargéiert ass, da kann deen eis Pläng zeechnen an normalerweis kënne mer déi dann am Dezember am Gemengerot diskutéieren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir sot, datt dee Vermierk mam Kannergemengerot nëmmen eng schéi Verpakung wier. Wann dir emol bei déi Schoul gitt, da gesitt der, datt et en normale Schoulhaff mat Tarmac ass. D'Kanner kënnen nëmmen do mam Ball spillen, mä soss sinn awer keng Kanner-spezifesch Spiller an deem Haff. Wann een elo zum Beispill de Schoulhaff bei der Neiwiss-Schoul zu Rodange kuckt, oder och d'Eigent-Schoul hei zu Péiteng – wou mer bäigebaut hunn – da gesäit een, datt bei deene Schoulhäff op Wonsch vum Léierpersonal an natierlech och op eise Wonsch hin, dës erneiert goufen an op de Stand vum 21. Joerhonnert gesat goufen.

An et muss ee sech d'Fro stellen, ob ee léiwer einfach Schoulhäff wëll mat engem «einfache Buedem» oder gi mer de Kanner d'Méiglechkeet fir sech spilleresch besser ze entfalen. Mir sinn op dee Wee gaange fir eis Schoulen ze erneieren an da solle mer eis och net scheie fir hinzegoen an och déi budgetär Méiglechkeeten auszenotze fir och d'Schoulhäff ze erneieren.

Thein Joe (adr):

Mä hu mir dann elo wëlles op ee Coup all d'Schoulen ze sanéieren, esou wéi mer dat elo bei de Stroosse maachen? Well mir hu jo och nach op der Dagesuerdnung déi Rollenger Schoul stoen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et geet hei guer net ëm d'Sanéiere vun de Schoulen.

Thein Joe (adr):

Neen, ech mengen «cours de récréation».

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, et geet hei reng ëm de Schoulhaff. Ech hu jo gesot, wann ee sech de Schoulhaff vun der Park-Schoul ukuckt an dee vergläicht mat deene vun der Neiwiss oder der Eigent-Schoul, da gesäit een, wat mer wëlles hunn ze maachen.

Spiller drasetzen, wou d'Kanner kënnen drop klammen an turnen, e klenge Multisport op deem se eventuell kënne Fussball oder Baskett spillen. An déi Spiller sollen net nëmme während de Pause genotzt ginn, mä sollen och kënnen ausserhalb vun de Schoulzäite genotzt ginn.

A wann een déi Rollenger Schoul kuckt, esougutt d'Spillschoul wéi och déi aner, wou mer d'Kanner fir d'Rentrée praktesch an eng fuschnei Schoul gesat hunn, an et kuckt een dee Schoulhaff, da si mer eis bewosst, datt mer och mussen de Kanner déi Méiglechkeete gi fir och an deem Schoulhaff e wéineg aneschters ze spillen ewéi dat, wat virdrun do war.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et ass jo elo grad gesot ginn, datt zu Rodange jo schonn 2 Schoulhäff esou aménagéiert gi sinn. Ech fannen dat och ganz flott. Mä ech fannen, datt déi 25.000 Euro, déi mer elo zu Péiteng fir Frais d'étuden ausginn, awer eng stattlech Zomm ass. Ass dat net ze héich gegraff? Oder sinn d'Usprëch esou héich, datt et bei de Frais d'étuden esou deier gëtt? Ech fannen et gutt, datt dee Schoulhaff an d'Rei gesat gëtt. Dat bréngt awer och mat sech, datt duerno keen esou ee flott Fest méi kann am Schoulhaff organiséiert ginn, wéi mer dat elo de Weekend bei de Liberatiouns-feierlechkeeten haten. Mä, wéi gesot, ech fannen déi Frais d'étuden einfach ze héich.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi 25.000 Euro ass e Kredit. Mir soen net, datt mer fir 25.000 Euro Frais d'étudë maachen. Mir maachen e Kredit vu 25.000 Euro, fir datt mer Suen hu fir den Architekt domatter ze chargéieren. An eisem Plan pluriannuel sti fir dëse Schoulhaff 500.000 Euro dran. Wa mir vun deene 25.000 Euro nëmme 15.000 Euro brauche fir Frais d'étuden, da bleift de Rescht iwwereg fir den Aménagement vum Schoulhaff.

Hei geet et elo drëm fir e Kredit ze schafen an domatter eng gewëssen Zomm zur Verfügung ze hunn. A wat mer duerno domatter maachen a wéivill dee Bureau d'études kritt, respektiv wéivill den Architekt kritt, ass souwisou a Relatioun zum Chiffer, wat dee ganze Projet kascht. Wa mer dovunner ausginn, datt et 500.000 Euro kascht, da sinn dat sécherlech keng 25.000 Euro fir Frais d'étuden.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dann hunn ech dat schlecht verstanen. Well hei steet «réaménagement de la cour avant – frais d'études».

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass scho richteg. Mä fir de Kredit steet awer dran «Il y a lieu de voter un crédit spécial de 25.000 euros en vue de pouvoir commencer à faire élaborer ce projet par un bureau spécialisé.»

Mir wëssen net, wat et kascht. Wa mer natierlech duerno décidéiere fir e Schoulhaff ze baue vun 1 Millioun, da ginn déi 25.000 Euro net duer. Et hänkt ëmmer dovunner of, wat mir duerno hei am Gemengerot décidéieren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Fir eis net duerno ze blockéieren, musse mer eis eng gewëssen Zomm budgetiséieren. Well wa mer «en cours de route» op eemol géife gesinn, datt mer keng Suen hätten, da wiere mer ganz schnell blockéiert. A mir wëlle jo awer weiderkommen a wëllen de Projet esou schnell ewéi méiglech weiderdreiwen. Well et gëtt jo e gréissere Projet an dee muss jo wahrscheinlech ausgeschriwwe ginn. Dat hëlt och eng gewëssen Zäit an Usproch. A bei dësem Projet kënne mer jo nëmmen an de grousse Vakanzen dru schaffen, well mer jo während de Schoulzäiten eise Schoulhaff brauchen.

Becker Romain (déi gréng):

Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, dann ass dat dee grousse Schoulhaff vun der Bouweschoul, an deem mer elo während de Liberatiounsfeierlechkeete verschidde Manifesta-tiounen haten. An ech hat gehofft, datt mer mat dësem Haff eng flott Plaz fonnt hätten. Dat heescht, wa mer elo e kannerfrëndleche Schoulhaff maachen – wat absolut an der Rei ass – da verléiere mer awer domatter och erëm dee flotte Standuert.

Eng aner Saach ass awer, datt een net onbedéngt dee Schoulhaff vu Péiteng ka mat deene vu Rodange vergläichen. Well dee Péitenger Schoulhaff läit an enger Wunnzon, woubäi zu Rodange déi éischt Haiser méi wäit vum Schoulhaff ewech sinn. Mir wëssen, datt – wann d'Kanner dobausse spillen – verschidde Leit dat net gären hu wann d'Kanner jäitzen. An d'Kanner solle jäitzen a si däerfen dat och. Mä et ginn awer verschidde Leit, déi dat net gären

hunn a reklaméieren. Dat musse mer alles mat aplangen. Op där aner Säit hoffen ech awer och, datt dee ganze Projet zesumme mam Léierpersonal a virun allem mat de Kanner – ëmsou méi mer elo dee Kannergemengerot fonctionnéieren hunn – realiséiert gëtt. An do dierf dann och net méi dee Critère spillen «d'Kanner maache sech dreckeg», well mir haten och Schoulhäff – virun allem och zu Rodange – wou d'Elteren an d'Léierpersonal reklaméiert hunn, datt d'Kanner sech géifen dreckeg maachen. Ech mengen, mir hunn eis fréier och dreckeg gemaach an d'Kanner sollen a sollten a miisste sech kënnen dreckeg maache beim Spillen.

Virdrun hate mer och eng länger Diskussioun iwwer de Präis. Mir hu jo awer elo schonn Erfahrungswäerter zu Rodange an zu Rolleng. Kéint dat net vun eisen eegene Servicer zum Deel ausgeschafft ginn?

Gëtt dann och, nodeem deen ieweschte Schoulhaff gemaach ginn ass, deen ënneschte Schoulhaff gemaach? Well als Vertrieder vum Jugendhaus muss ech soen, datt mer eng Basketséquipe am Jugendhaus hunn, déi ëmmer an deem ënneschte Schoulhaff trainéiert. Dat heescht, da miisste mer deenen och op enger anerer Säit entgéint kommen. Well déi, di do Basket spillen, sinn déi, di zum Deel vum Jugendhaus encadréiert ginn. An déi maache soss keen Unfug an der Gemeng wa se do spillen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt kuerz op dee finanzielle Volet agoen. Wéi der konnt am Plan pluriannuel gesinn, ass fir 2015 de Schoulhaff viraus virgesinn an 2018 de Schoulhaff hannenaus. Wéi dee Schoulhaff awer 2018 wäert ausgesinn, wësse mer nach net, well do si jo nach Wahlen dotëschent. An dee Moment kann ee sech da Gedanke maachen, wat een do realiséiert.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wat de pädagogesche Volet vun de Schoulhäff ubelaangt, esou musse mer jo och eng gewësse Récksiicht op d'Elteren huelen. Mir begrenze jo och ëmmer d'Zäit, wou op deene Schoulhäff ka gespillt ginn. Dat ass och esou bei de Schoulhäff zu Rodange, wou mer jo Schëlter opgestallt hunn, während watfir Zäiten an de Schoulhäff dierf gespillt ginn. Et weess ee jo och ëmmer, wat dat bedeit. Et muss een natierlech och kucken, wéi tolerant d'Urainer sinn a wéi efficace eis Police ass, wa se geruff gëtt.

Mir mussen awer och drun denken, datt – wann d'Kanner an der Schoul sinn a si hunn déi 15 Minutte Paus – se sech musse kënnen austoben. A si mussen och kënnen e wéineg spillen an deem Sënn, wat och nach kandgerecht ass.

Dir hutt ugeschwat, datt mer dat solle mat de Kanner am mam Léierpersonal zesummen ausschaffen. Dat hu mer och zu Rodange gemaach an et gouf och virdrun zu Rolleng esou gemaach. An dat gëtt och selbstverständlech esou hei zu Péiteng gemaach. No der Schoulrentrée huele mer Kontakt op mat de Léierpersounen, mat dem Schoulpresident a mat dem Kannergemengerot. Mir setzen eis mat hinnen zesummen a kucken, wat ass do wierklech nëtzlech a wat kéinte mer do gebrauchen, wéi ass den Alter vun de Kanner, déi do an d'Schoul ginn an datt mer dat dann deementspriechend och kënne realiséieren. Natierlech bleiwe mer an där «enveloppe budgétaire», déi mer eis virgestallt hunn. Well et wier falsch, wa mer elo géifen doriwwer erausgoen, ausser et kéimen héich Präiserhéijungen.

Wat elo nach déi Fro betrëfft, ob mer déi Saachen net kéinte mat eise Betriber maachen, muss ech soen, datt – well déi Aarbechte jo musse während der Vakanz geschéien – eis Betriber och duerch de Congé manner besat sinn. An déi Leit hunn déi Zäit och scho genuch an de Schoulgebaier selwer ze schaffen. A wa mer eis Usträicher, eis Plätterchersleeër oder eise Service bâtiment, déi Refektiounen an de Schoulen ze maachen hunn, géifen do ofzéien, da bleift et nach ëmmer schwiereg fir e esou ee Projet mat där Envergure kënnen ze realiséieren. A wa mer dat Ganzt jo souwisou mussen ausschreiwen, dann hu mer duerno och en Entrepreneur op der Plaz, deen eis dat Ganzt an engem Coup ka maachen. Well et dierf een och net vergiessen, datt mer beim Réaménagement vum Schoulhaff eis och mussen un d'Virschrëfte vu Luxcontrol halen. Well Luxcontrol kënnt jo duerno och nach op d'Plaz fir de Schoulhaff ofzehuele wat d'Sécherheetsmoossnamen ubelaangt.

Pierre Norbert (LSAP):

Op déi Froen, déi ech och zum Deel wollt stellen, hunn ech elo schonn e ganze Koup Äntwerte kritt. Ech hunn och kee Problem mat deem Kredit. Mir hunn awer schonn esouvill Schoulhäff gemaach an déi sinn och gutt gelongen. Mä eisen techneschen Service kéint awer d'Elaboratioun vun deene Pläng do maachen. Déi miissten dach genuch Erfahrung hunn – duerch all déi Saachen, déi scho realiséiert goufen – fir an Eegeregie dee Projet auszeschaffen. Datt duerno de Projet muss ausgeschriwwe ginn, ass jo eng normal Saach. Mir hu Leit an eisen Servicer, déi awer kapabel miisste sinn, fir dee Plang vun deem Schoulhaff hei auszeschaffen. Well ech gi jo dovunner aus, datt se bei deenen anere Schoulhäff déi Aarbechte jo iwwerwaacht hunn an Erfahrunge konnte sammelen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Natierlech hu mer Leit an eisen Servicer. Mä bei deene Schoulhäff virdru si mer op de Wee gaange fir Landschaftsarchitekten mat anzebannen. An déi hate ganz vill Erfahrung mat esou Schoulhäff a si wossten am Beschten, wéi se déi Schoulhäff kënnen an d'Schoulen integréieren. Bei deem Péitenger Schoulhaff wollte mer och op dee Wee goen, datt deen Architekt, deen den Ausbau vun der Eigent-Schoul gemaach huet, och säi Landschaftsarchitekt dobäi gesat huet. Zu Rodange hate mer eng Landschaftsarchitektin beoptraagt, mat där mer ganz gutt gefuer sinn an déi och ganz gutt Iddien an déi néideg Kompetenzen hat.

Et muss een ëmmer kucken, a watfir eng Richtung ee wëll goen. Et ass richteg, datt mer an eisem Service Architekten an Techniker hunn, mä déi eng sinn e bësse méi am Bâtiment doheem an anerer ë bësse méi am Beräich Voirie. Mir hunn och eis normal Gäertner, mä dat ass awer nach net grad an där Logik wéi e Landschaftsarchitekt.

Pierre Norbert (LSAP):

Ech halen Iech dat gutt, Madame Conter. Mä ech mengen, datt een aus Erfahrungen och ka léieren. A wann ee verschidde Saache matgemaach huet a superviséiert huet, da muss ee jo bal esou vill kenne wéi déi aner. Där Meenung sinn ech.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass dat sécherlech eng interessant Fro a mer kënnen där Saach jo och emol nach nogoen a kucken, wat sech maache léisst.

Bosseler Camille (CSV):

Wéi steet et mat den Accidenter an de Schoulhäff? A wie kontrolléiert déi Installatiounen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

An de Schoulhäff huet jo en Deel vum Léierpersonal d'Opsiicht während de Pausen. Accidenter hu mer u sech, wann emol ee beim Fussball fält an wann emol een d'Knéie

geschannt huet. Et ass ni ze vermeiden, datt näischt geschitt. An dat net an engem Schoulhaff an och net op enger Spillplaz. Mä bis elo kënne mer net vu gréisseren Accidenter schwätzen an dat, wat bis elo geschitt ass, läit an deem Rahmen, wat mir als Kanner och erlieft hunn. Mir sinn och emol Heem komm, dass mer am Schoulhaff gefall waren an eis d'Knéien opgerappt hunn. Dat ass dat Üblecht, wat do geschitt.

Thein Joe (adr):

Den Här Pierre huet jo elo just gesot, datt de Präis hien net interesséiert. Mech interesséiert de Präis awer an dofir wollt ech nach eng Kéier kuerz op de Präis zeréckkommen. Et steet hei an eisem Aide-mémoire «Il y a lieu de voter un crédit spécial de 25.000 euros en vue de pouvoir commencer à faire élaborer ce projet ...». Dat heescht jo da 25.000 Euro d'office fir unzefänken an da gëtt dat Ganzt jo wahrscheinlech nach méi deier well mer net wëssen, wéi et soll ausgesinn. An da kommen nach d'Frais d'étuden dobäi.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen. Fir de Moment kënne mer guer net mat Schaffen ufänken, well mer kee Kredit hunn. Dat heescht, fir d'éischt muss de Gemengerot emol soen, datt en dem Schäfferot e Kredit gëtt an da kënne mer eréischt mat den Aarbechten ufänken.

Dat heescht, de Gemengerot seet elo, datt en dem Schäfferot 25.000 Euro gëtt. Mir hätten och kënnen 15.000, 18.000 oder 30.000 Euro soen. De Gemengerot gëtt eis eng «enveloppe budgétaire». Mat deene Sue fänke mer elo mat den Aarbechten u fir eng Preparatioun ze maachen. An duerno musse mer souwisou nach eng Kéier an der Gemengerot komme fir de Plang ze presentéieren. An dorauser ergëtt sech dann e Käschtepunkt X, wou den Architekt e gewëssene Prozentsaz vum Chiffer zegutt huet. An dat geschitt laut engem Kontrakt, deen ausgeschafft gëtt mat der OAI. An op Grond vun deem Kontrakt gëtt festgehalen, wéivill duerno d'Frais d'étuden ausmaachen. Déi stinn a Relatioun mat deem ganze Projet. Wann de Projet 4 Millioune kascht, dann ass dat méi wéi wann de Projet nëmme 500.000 Euro kascht.

Mir sinn an eisem Plan pluriannuel dovunner ausgaangen, datt dee ganze Projet eng hallef Millioun wäert kaschten. A mir hunn eis einfach elo e Kredit vu 25.000 Euro gi fir kënnen unzekommen. Méi ass et net. Ech kann net soen, datt mer elo fir 25.000 Euro Frais d'étudë wäerten hunn. Dat musse mer kucken a Fonctioun vun deem, wat de Projet wäert kaschten.

Accord par 15 voix pour et une voix contre (adr).

6.2.

Enseignement.

Vote d'un crédit spécial de 25.000 euros relatif au réaménagement de la cour des écoles de Lamadelaine et des alentours immédiats – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dëse Punkt ass praktesch d'selwecht wéi dee vu virdrun, just datt et sech hei op de Schoulhaff vun de Rollenger Schoule bezitt.

Wann een d'Rollenger Schoule kuckt an et kuckt een och d'«alentours immédiats», da gesäit een, datt et och do néideg ass, déi Schoulhäff ze erneieren. Besonnesch deen Haff bei der Spillplaz, wou d'Kanner um Tarmac musse spillen an deen Haff esou ausgesäit wéi 1960, wou déi Schoul gebaut ginn ass. Do ass also e ganz grousse Bedarf fir dat nei ze aménagéieren.

Och hei hu mer e Kredit vu 25.000 Euro virgesinn, fir datt mer och hei kënnen ukomme mat plangen.

Stoffel Marco (LSAP):

Sinn déi Suen elo hei nëmme virgesi fir e Projet vum Schoulhaff selwer oder ass do nach eppes Aneres virgesinn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir wëlle jo dat Ganzt ronderëm déi Schoule berouegen. Do musse mer natierlech nach mat de Spezialiste vun der Voirie kucken, wéi mer dat Ganzt do kënnen aménagéieren, fir datt mer deen Trafik, deen och a Richtung Kierfecht geet, do eraus kënne kréien an de Schoulhaff och méi grouss kënne maachen. Wa mer dee Plang bis ausgeschafft hunn, da wäerte mer och zeréck an de Gemengerot komme fir en ze presentéieren. Mir stellen eis vir, fir do eng Berouegung ze kréien a vläicht nëmme méi e Foussgängerwee do unzeleeën.

Duerch de Bau vun «Atzéngen» kommen och Kanner bäi an et brauch een doduerch och eng Plaz, wou déi Kanner kënne spillen a wou se sech kënnen austoben. An dat feelt eis de Moment zu Rolleng. A fir Rolleng selwer wier et e Mehrwäert, wa mer géifen drun denke fir dee ganze Site nei ze aménagéieren. Och wann et mat där Zomm, déi am Plan pluriannuel dra steet, net géif duergoen a mer a Phase miisste schaffen. Mä «à temps utile» wäerte mer nach eng Kéier doropper zeréckkommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Och wann den Här Thein am Virfeld d'Wuert net gefrot hat, géif ech him et awer nach ginn.

Thein Joe (adr):

Et gi leider Froen, déi sech heiansdo méi spéit eréischt erginn.

Becker Romain (déi gréng):

Mä et muss ee sech awer un d'Spillregelen halen an d'Wuert froen ier d'Diskussiounsronn ugeet.

Thein Joe (adr):

Jo. Mä Här Becker, et wier ganz interessant vläicht nozelauschtere wat ech elo soen. Well dat kéint Iech och vläicht interesséieren.

Also, hei um Ordre du jour steet «des écoles». D'Madame Conter schwätzt awer vun der Spillschoul.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech hunn haaptsächlech vun der Spillschoul geschwat.

Thein Joe (adr):

Dat heescht, d'Primärschoul ass awer och do mat dran?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Selbstverständlech.

Thein Joe (adr):

Obwuel d'Primärschoul schonn nei aménagéiert gouf?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir schwätze vun den Alentouren, déi nach eng Kéier musse mat eragezu ginn. De Schoulhaff vun der Primärschoul, plus d'Alentouren, plus de Schoulhaff vun der Spillschoul, plus de Wee, deen op de Kierfecht zou geet, dat alles soll ee Ganzt ginn. An do si mer, zesumme mat der Voirie, am gaangen ze

kucken, wéi mer dat kënnen aménagéieren an e ganz flotte Site do schafen. Well mer musse jo och bedenken, datt – wa mer «Atzéngen» bauen an et kommen 100 Haiser bäi – wa Lamadelaine sech vergréissert, mir och eise Leit, déi dohinner wunne kommen, och eng gewësse Liewensqualitéit musse ginn. Well do si jo virun allem jonk Leit – wahrscheinlech mat Kanner – déi dohinner wunne kommen. An da musse mer och kucken, datt bei eise Schoulen an an den Alentoure vun de Schoulen, sech déi Leit kënnen treffen an d'Kanner kënne spillen. Dat ass dat, wat mer an deenen nächste Joeren do nach wëlle mat realiséieren.

Dat hei ass elo emol een éischte Volet, bei deem mer mat deene 25.000 Euro wëllen ufänke mat plangen. An esoubal mer emol de Plang fäerdeg hunn, wäerte mer domatter an de Gemengerot kommen an dee virleeën. An da kënne mer kucken, a watfir Phasë mer weiderfueren.

Thein Joe (adr):

Mä dann ass et scho vläicht ze spéit mat de Suen. Well et gëtt scho ganz laang bei de Lamadelainer Schoule ronderëmgedoktert. Do gëtt och déi ganzen Zäite sanéiert an hei an do gemaach. A wa mer elo hei Kreditter stëmmen, an herno kënnt erëm ee bäi, dann hu mer déi aner Suen doudsécher scho verluer.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech weess net, wéi Dir dat elo gesitt. Dir gesitt dat aus engem falsche Bléckwénkel, Här Thein.

Thein Joe (adr):

Jo, ech gesinn dat ëmmer aus engem falsche Bléckwénkel, well Dir mer net déi richteg Äntwerte gitt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech mengen net, datt mer bei deene Rollenger Schoule gedoktert hunn. Mir hunn deen ale Kiosk ewechgerappt, well e baufälleg war a well et eng Gefor war fir déi Kanner, déi ëmmer drop gaange sinn. Mir hu jo do e ganz flotten Amphitheater gebaut, deen och ganz vill vun de Schoule genotzt gëtt. An dat ass och gutt esou.

Eng Partie vum Schoulhaff ass jo schonn an d'Rei gesat ginn, déi ass sanéiert ginn. An do gëtt gekuckt, ob deen Deel esou bleift oder net. Well mir däerfen net vergiessen, datt mer elo do Schoulsäll bäigemaach hunn an datt mir an nächster Zäit och nach do Kanner bäikréien. Mir musse kucken, ob déi Schoulhäff nach grouss an adequat genuch sinn. Well mir kréie jo och vum Ministère eng Oplo, wou et heescht, datt all Kand esouvill Quadratmeter am Schoulhaff zegutt huet. Dat heescht, mir kënnen net andauernd Schoulklasse bäimaachen an d'Schoulhäff net vergréisseren. Also muss och dono gekuckt ginn.

An dat ass e Volet, deen zu deem Ausbau vun der Schoul Lamadelaine gehéiert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass, wéi d'Madame Conter seet, eng logesch Suite. Mir hunn elo d'Gebai frësch gemaach a vergréissert an da musse mer natierlech och ronderëm kucken, datt mer déi Schoulhäff deementspriechend upassen a vergréisseren, a Fonctioun vun der Vergréisserung vum Schoulgebai.

Am Hierscht wäerte mer domatter fäerdeg ginn an d'nächst Joer wäerte mer ufänken, fir d'Schoulhäff ronderëm ze maachen an alles a Conformitéit ze setzen. An dir wäert gesinn, datt dat sécherlech e flotte Projet gëtt.

Accord par 15 voix pour et une voix contre (adr).

7.1.

Propriétés.

Compromis relatif à la vente d'une parcelle à Rodange, rue Jos. Philippart, à M. Joao Carlos De Sousa Araujo et Mme Maria Lucilia Ribeiro Antunes – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu enger Rei vun Transaktiounen, déi fälleg sinn, respektiv a Preparatioun oder schonn ofgeschloss sinn.

Beim dësem Punkt geet et ëm e Compromis vun enger Parzell, déi mer enger Famill vu Rodange wëlle verkafen. Et ass eng Parzell vun 0,30 Ar, déi virun hirem Haus läit an déi fir eis vu kengem Notzen ass. Si sinn interesséiert, fir déi Parzell ze kafen an esou eng Entrée fir eng eventuell Garage kënnen ze maachen. De Verkafspräis fir dësen Terrain läit bei 225 Euro. De Compromis huet de Schäfferot de 25. Juli ënnerschriwwen a wann de Gemengerot mat dëser Transaktioun averstanen ass, da wäerte mer och den Acte kënne maachen.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition d'une parcelle à Pétange, rue de l'Eglise, de la part de la société «Agilis» sàrl – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei ass de Promoteur obligéiert, fir eng Parzell vun 13 Zentiar, déi op der Voirie respektiv um Trottoire läit, ze cédéieren. Mir kréien deen Terrain gratis well et am Kader vun enger Baugenehmegung ass an d'Fraise sinn och exklusiv fir de Promoteur. De Compromis huet de Schäfferot den 2. Juni 2014 ënnerschriwwen a wann de Gemengerot haut deem zoustëmmt, dann ass dee Volet och ofgeschloss, wat déi Emprise virun där Residenz ubelaangt.

Approbation à l'unanimité.

7.3.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition d'une parcelle à Pétange, rue du Chemin de Fer, de la part de la société «Polari» S.A. – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dëse Compromis hu mer den 28. Mee 2014 ënnerschriwwen an do geet et drëm, fir datt mer en Deel vun enger Parzell an eis Voirie kënnen integréieren. Dat ass geschitt och op Grond vun enger Baugenehmegung, déi mer ginn hunn. Mir kréien also och hei eng kleng Parzell vu 24 Zentiar vun deem Promoteur gratis cédéiert.

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition de parcelles à Lamadelaine, lieux-dits «rue de la Providence», «avenue de la Gare», «rue Mathias Heinen», «Auf den Gehren» et

«rue des Prés» de la part de M. Romain Thill – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir sinn am gaangen eng ganz Rei al Kamellen opzeschaffen, an dat hei ass eng dovunner. Et geet ëm d'Lotissement «Gehren», wou mer vun deem deemolege Promoteur Romain Thill och versprach kritt haten, datt mer am Kader vun deem Lotissement verschidden Terraine gratis cédéiert géife kréien. Dat ass awer nach ni regulariséiert ginn an dat huele mer dann elo no. Et sinn dat eng ganz Rei Terrainen. Et sinn dat Terrainen, déi an d'Voirie publique integréiert ginn, mä et sinn awer och 2 Terrainen – besonnesch deen, deen hannert dem Kierfecht ass – déi mer an den «domaine privé communal» setzen. Et sinn dat, wéi gesot, zwee Terrainen. Deen een ass hannert der Spillschoul an deen aneren hannert dem Kierfecht. All déi aner Terraine si Stroossen, respektiv kleng Plazen, déi an d'Voirie publique integréiert ginn.

Och hei ass d'Cessioun gratis an d'Fraise vum Acte sinn zu Laaschte vum Lotisseur.

Bosseler Camille (CSV):

Ech wollt emol froen, ob hannert dem Kierfecht virgesinn ass fir eppes ze maachen? Well déi leschte Kéier ass do geschafft ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir de Moment ass do näischt virgesinn. Wann den Acte hei duerch ass, dann hu mer emol den Terrain an der Propriétéit vun der Gemeng. Et kéint ee sech virstellen, datt een op deem Terrain de Kierfecht kéint vergréisseren. Wéi gesot, deen Terrain ass fir «besoins communaux» virgesinn. Wat mer mat deem Terrain solle maachen, dat musse mer eng Kéier zesumme festleeën. Direkt ass awer elo op deem Terrain kee Projet virgesinn.

Approbation à l'unanimité.

7.5.

Propriétés.

Approbation du compromis relatif à l'acquisition de l'Eglise néo-apostolique à Lamadelaine, rue du Moulin et vote d'un crédit spécial de 350.000 euros – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu engem Projet, dee mer an eisem Plan pluriannuel schonn ugeschwat hunn. Mir hunn d'Offer krut, fir déi néo-apostolesch Kierch ze kafen. Den Här Breyer hat och gesot – an ech ginn him och duerno d'Wuert fir d'Detailer – wat mer eis virstellen an deem Gebai ze maachen. Dat Gebai ass sécherlech vun Intressi fir eis Gemengenaktivitéiten. Wat awer elo wichteg war, dat ass, datt mer elo emol déi Kierch kafen. De Präis, deen do ausgehandelt ginn ass, beleeft sech op 325.000 Euro a mir hunn dann och elo e Compromis ausgeschafft mat dem Propriétaire. Wann de Gemengerot domatter averstanen ass, da wäerte mer och dat Haus kafen an am Budget 2015 wäerte mer dann – esou wéi et am Plan pluriannuel virgesinn ass – d'Destinée an déi néideg Ëmbauaarbechte vun dësem neie Gebai, wat an de Patrimoine vun der Gemeng kënnt, finaliséieren.

Haut geet et drëm fir dëst Gebai fir 325.000 Euro ze kafen. Ech géif dann elo d'Wuert un eise Kulturschäffe weiderginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann een e Gebai ugebuede kritt, da muss een emol fir d'éischt kucken, wat ee kéint domatter maachen. D'Destinatioun ergëtt sech e bëssen aus der Configuratioun vum Gebai an e bëssen aus de Méiglechkeeten, wat den Environnement ubelaangt, souwéi d'Parkplazen an esou weider.

Et huet sech erwisen, datt dat Gebai sech net eegent fir gréisser ëffentlech Veranstaltungen, well et einfach ze kleng ass. Mä mir hunn eis awer Gedanken driwwer gemaach, wat ee mat deem grousse Sall, dee fréier eng Kierch war, kéint maachen. Et ass dat e Sall, deen elo net extra grouss ass, mä deen awer eng gewësse Potentialitéit huet. Et sinn och nach Nieweraim dobäi. Mir hu festgestallt, datt an der Gemeng e Manktem besteet un engem Studio. Ech schwätzen hei vun engem Studio fir opzehuelen, fir Produktiounen ze maachen oder e Studio fir Repetitiounen ze maachen. Mir hunn eventuell kleng Gesanksgruppen, kleng Museksgruppen oder Theatergruppen, déi gären esou kleng Performancen trainéieren. Bis elo hu se dat ëmmer an eise grousse Centrë gemaach. Si hunn do d'Bühn besat, mä si waren net équipéiert a si hunn u sech dee ganze Centre oder dee ganze Sall blockéiert fir déi kleng Produktioun, déi se trainéiert hunn. Hei wier elo eng Méiglechkeet, fir se technesch esou ze équipéieren, datt se wierklech ganz performant audiovisuell Produktioune kéinte maachen. Et kéint ee sech virstellen, fir lues a lues – wann den Intressi do wier – kleng Televisiouns-produktiounen ulafen ze loossen. Mir hu scho mam Lycée geschwat, an déi hunn eventuell esou Équipen, déi dorunner interesséiert wieren a vu Formateuren encadréiert kéinte ginn.

Et kéint een och un d'Jugendhaus denken, déi sécherlech och Bedierfnesser hu fir do gewësse Plagen ze kréien. Mir hunn och verschidde Veräiner, déi fir de Moment nach ëmmer grouss Säll blockéiere fir eng Répétitioun ze maachen. Alles dat kéint ganz optimal a ganz intelligent do zesummegebaut ginn.

Et muss natierlech deementspriechend isoléiert ginn. Et ass awer net geduecht fir de «grand public» a fir do Prestatiounen ze maachen, déi honnerte Leit unzéien. Well déi Kapazitéit ass net do. Dee grousse Sall huet vläicht eng Kapazitéit vun 30 bis vläicht maximal 50 Leit, deemno wéi d'Bühn aménagéiert ass. Wann een déi richteg Technik dra mécht an et mécht een dee richtegen Encadrement, da kann ech mer virstellen, datt mer do eng ganz flott Léisung kréien, wou Leit aus der Musek, der Konscht, dem Gesank, der Televisioun oder dem Radio kënnen eng ganz flott Aarbecht maachen an och ganz vill Satisfactioun kënne kréien.

Et soll u sech e gréissere Studio ginn, dee performant équipéiert kéint ginn an deen d'Méiglechkeet gëtt fir sech do ze entfalen. Dat ass u sech de Grondgedanken.

Et ass awer bis elo nach guer näischt do geschafft ginn. Et sinn och nach keng Frais d'étudë virgesinn, mä dat wäert awer nach kommen.

Thein Joe (adr):

Ech muss dem Schäfferot villmools Merci soen, datt en awer elo higaangen ass an zu Lamadelaine eppes fir déi Jonk wëll realiséieren. Well wou mir deemools d'Jugendhaus am ale Paschtoueschhaus uewen zu Lamadelaine proposéiert haten, war dat jo net vun Intressi, respektiv ass ofgeleent ginn. Mir hate jo eng entspriechend Motioun deemools hei am Gemengerot abruecht. Elo geet et jo ëm déi «église néo-apostolique» an do soll elo – vu datt elo kee Besoin méi do besteet – eppes fir déi Jonk entstoen, esou wéi den Här Breyer elo a sengen Ausféierungen erkläert huet.

An dofir wäerte mer dat och matstëmmen. Mir si frou, datt dir awer iergendwou op eis gelauschtert hutt an a Richtung Jugendaktivitéit zu Lamadelaine gitt. An dofir soen ech iech Merci.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass awer net exklusiv fir d'Jugend geduecht. Et ass geduecht fir eis Bevëlkerung, wou Besoine bestinn. Dat kann esougutt fir eeler Damme sinn oder fir eeler Hären, déi dohinner kommen. Dat kann esougutt si fir d'Rappdeckelen, déi nach keen Ënnerdaach hunn, oder fir de KaGePe, wou eng Produktioun gemaach gëtt. Bis elo sinn ëmmer verschidde Säll gehëtzt ginn oder komplett besat gi fir nëmmen eng Bühn ze gebrauchen. An dat kënne mer méi optimal oder besser organiséiere mat dësem Gebai, wou ee sech kann ophuelen, et da kucken a sech verbessere kann. Et ass geduecht fir déi breet Spart vun der Populatioun, woubäi d'Jugend awer wäert den Haaptdemandeur sinn. Mä et ass awer och fir déi aner geduecht.

Becker Romain (déi gréng):

Wéi mer deemools am Gemengerot driwwer geschwat haten, datt eng Méiglechkeet wier, fir d'Kierch ze kafen, hat ech mer schonn erlaabt ze soen, datt dat net alldeeglech ass, datt eng Gemeng oder de Gemengerot eng Kierch keeft. Och wann et scho relativ interessant ass.

Ech war awer elo e bëssen iwwerrascht. Well deemools war vun enger Klengkonschtbühn geschwat ginn oder vu klengem Kabarett oder vu klenge Musekspresta tiounen. Dofir war ech e bëssen iwwerrascht, wéi ech an der Délibératioun gelies hunn, datt et elo geduecht ass fir «mettre en place un panel d'actions sociales et d'activités socio-culturelles». Dat klengt jo och wierklech gutt an et ass och dat, wat mer an der Gemeng brauchen. Et ass dat ganz interessant fir mat der Jugend zesummen ze schaffen. Well déi Demande war schonn am Jugendhaus, fir e Studio anzeriichte fir do kënnen opzehuelen, well den SNJ déi Saache promovéiert, respektiv hëlleft anzeriichten. Mä wa mer dat a Coopératioun mat anere Veräiner kéinte maachen, sief dat Theaterveräiner oder Gesank- oder Museksveräiner, asw., esou géif dat awer Sënn maachen.

Déi aner Geschicht ass natierlech déi, wa bis 30 Leit dohinner kommen, da sinn d'Alentouren awer net esou, datt ee kann 30 Autoen dohinner stellen. Wa mer bis wëssen, wat mer genee mat deem Gebai maachen, da musse mer awer och kucken, wéi mer et ronderëm aménagéieren. Net datt mer d'Leit, déi ronderëm wunnen, zevill ploen. Well, wann ech dat elo richteg virun Aen hunn, dann ass do wierklech net vill Sputt fir e gréissere Parking anzeriichten.

En Televisiounssender ass natierlech och interessant. Dat kéint een och do virgesinn. An esou wéi ech gesot kritt hunn, bestinn do verschidde Säll. Et ass net nëmmen ee grousse Sall, mä et sinn nach verschidde Säll do. An an deem Sënn kéint een dat weiderspanen an duerno dat do opriichten, wat elo an der Diskussioun ass.

Dat ass alles méi interessant, wéi eng Klengkonschtbühn, vun där am Ufank geschwat gi war. Well mir hu scho Plaze fir Klengkonscht ze maachen. Ech erënneren do nëmmen un de WAX, woubäi mer am WAX de Problem mat der Hëtzt uewenop am Sall hunn. Dat ass fir d'Klengkonscht och net esou immens.

Op jiddwer Fall si mir frou ze héieren, datt d'Gemeng eng Kierch kaf huet a mir sinn och frou ze héieren, wat de Schäfferot wëlles huet aus där Kierch ze maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir si frou dat ze héieren. Déi Klengkonschtbühn, déi kënnt och nach an d'Alentoure vum WAX. Bei deem Projet «Roud Haus», dee jo an der Maach ass, komme jo déi Paraventen hannenaus. An déi ginn esou aménagéiert, datt am Summer eng Klengkonschbühn Richtung Terrasse ka fonctionnéieren. Doduerch kréie mer nach eng Opportunitéit wieder.

Bei der Kierch huet et sech einfach erwisen, datt – duerch déi Enclave, déi do ass – praktesch net méi dran ass a mer keng gréisser Organisatiounen do kënne maachen. Et ass éischter fir den interne Gebrauch, wann een esou ka soen. Parkplazen ass effektiv e Problem. Fir de Moment hu mer 6 Parkplazen hannert der Kierch. Mir wäerten héchstwahrscheinlech e bësse mussen ausbauen, fir kënnen e klenge Lift oder e «monte-charge» dran ze setzen. Och bei der Accessibilitéit fir behënnert Leit ass et nach net ganz kloer, wou dat alles hikënnt. Mä vis-à-vis ass eng Plaz, déi aménagéiert ginn ass vun de Ponts et Chaussées, an do kann een nach mat hinne schwätzen, fir dat nach e bëssen aneschters ze definéieren. Well fir de Moment gëtt déi Plaz net gutt genotzt an et kéint ee vläicht eppes aneschters dorauser maachen.

Ech si frou, datt mer an déi selwecht Richtung denken. A wann de Projet definitiv op den Dësch kënnt, da kucke mer fir do méi an den Detail ze goen.

Stoffel Marco (LSAP):

Mech freet et ganz besonnesch, datt dee Projet esou evoluéiert, well – wéi gewosst – wunnen ech direkt niewendrun. A fir mech ass et ganz interessant, wann dat aménagéiert gëtt an och flott duerno genotzt ka ginn. Ech bidde mech dann un, fir – wann ech d'Pensioun hunn – do Portier ze spillen. Dann ass dat jo och flott, well ech brauch jo nëmmen iwwer d'Strooss ze goen an da sinn ech do.

Mä den Här Breyer huet dat richteg gesot, mat där Plaz vis-à-vis. Ech kann nëmme soen, datt dat éischter eng Hondstoilette ass. An dat ass net gutt, wéi sech déi Saach vun de Ponts et Chaussées aus evoluéiert huet. An déi Plaz wier besser genotzt, wann ee se géif deelweis als Parking aménagéieren an och en anere Belag kéint dropmaachen. Esou datt een do zwou Saache mat enger Klapp géif schloen.

Beim Gebai selwer kann ech nëmme soen, datt déi Aktivitéiten, déi do solle stattfannen, eng gutt Iddi ass. Mir hunn och an der Gemeng e Manktem u Proufsäll fir «Banden». An déi kéinten och do prouwen.

Dann ass awer och nach eng aner Saach, no där miisst gekuckt ginn. Wéi mer virdrun d'Kierch do haten, do si scho mueres um 9 Auer d'Fënsteren opgerappt ginn, well et ze waarm war. An dann huet ee se scho mueres fréi héiere sangen. Dofir wier et flott, wann déi Isolatioun an déi Fënsteren esou géifen aménagéiert ginn, datt déi Leit, déi niewendru wunnen, net géife gestéiert ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Eis freet et och, datt Dir dat esou approuvéiert. Wéi gesot, mir hunn et elo net extra kaf wéinst Iech. Mä de Präis war interessant an ech sinn elo schonn iwwerzeegt, datt – wéinst der Demande, déi do ass, an duerch déi Opportunitéiten, déi sech do erginn – d'Plagë vu mueres bis owes scho beluegt wäerte sinn. Iwwerall do, wou een de Projet nëmme lues uschwätzt, kritt ee gesot, datt et eng interessant Saach wier. Well et ginn esou kleng Formatiounen, déi net wësse wou se kënnen higoen an ëmmer mussen op e grousse Sall zeréckgräifen. An dat heite kéim deenen entgéint.

Brecht Guy (LSAP):

Esou wéi meng Virriedner begréissen ech dat dote selbstverständlech och. Et ass dat eng ganz gutt Saach an den Här Breyer huet och heiansdo gutt Iddien. An dat heiten ass wierklech eng ganz gutt Iddi. An esou wéi den Här Stoffel scho gesot huet, soll och bei der Isolatioun opgepasst ginn. Et ass net nëmmen, datt kee Kaméidi vu bannen no bausse soll eraustrieden, mä och – wann Opnamen dobanne solle

gemaach ginn, muss och gutt isoléiert si fir datt näischt vu baussen no bannen dréngt. Well et leeft eng Strooss do laanscht, wou vill Verkéier ass. Dofir ass eng gutt Isolatioun am Intressi vun 2 Parteien, an zwar vun deenen, déi bausse wunnen a vu deenen, déi bannen eppes ophuelen.

Wat de Parking ugeet, esou géif ech mer do net zevill Gedanke maachen. Et leeft eng grouss Strooss do derlaanscht, an där vill Autoe kënne parken. An, wéi gesot, vis-à-vis ass och nach eng grouss Plaz, déi ee kéint aménagéieren an do wier och vill Plaz fir Autoen hinzestellen.

Breyer Roland, Schäffen:

Den Här Brecht schwätzt och heiansdo ganz intelligent a ganz logesch. Esou datt mer eis an deem Punkt jo eens sinn.

Bosseler Camille (CSV):

Et ass elo scho villes gesot ginn, mä ech wollt just nach froen, ob eng Méiglechkeet besteet fir eng Ramp do ze maachen. Well et ass eng zimlech héich Trap fir eran an d'Gebai ze kommen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir mussen dat Gebai handicapéiertegerecht maachen. Et ass en ëffentlecht Gebai an d'Accessibilitéit muss garantéiert sinn. Wéi dat elo geschitt, musse mer nach kucken. Mä et ginn e puer Perspektiven, mä mir sinn am Projet nach net esou wäit.

Bosseler Camille (CSV):

Wat d'Parkingen ubelaangt, esou géif ech déi Strooss, déi derlaanscht geet, als Einbahn maachen. Da wier eng Méiglechkeet, fir – zur Bréck hin – d'Parkplaze schréi anzezeechnen an esou vill Autoe kënnen dohinner ze stellen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass schonn am Verkéiersreglement virgesinn. An am Oktober – wa mer d'Verkéiersreglement erëm hunn – wäert dës Strooss Einbahn ginn.

Gira Carlo (CSV):

Ech ka mech mat deenen Iddien, déi hei virgestallt si ginn, ufrënnen. Ech géif mengen, datt et gutt wier fir hei e bescheidene Projet ze maachen, bei deem wierklech virun allem déi lokal Veräiner dovunner kënne profitéieren. Well – wéi den Här Breyer gesot huet – besteet do nach e klenge Manktem.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt, wa mer bei enger Schoul oder bei engem Schoulhaff, wou mer an engem Wunngebitt leien – an hei leie mer och an engem Wunngebitt – Problemer kréie mam Kaméidi, da musse mer och bei dësem Gebai oppasse wéi mer et isoléieren. Well soss hu mer och hei Kaméidi. Besonnesch well dovunner geschwat gëtt fir Museksbanden hei prouwen ze loossen.

Zu deem, wat den Här Becker vun deem Studio ugeschwat huet, wollt ech soen, datt – esouwäit meng Informatioune ginn – bei der Aweiung vun esou engem Studio beim Jugendhaus zu Déifferdeng gesot ginn ass, datt den SNJ mengt, datt do u sech d'Besoine gedeckt wieren an net onbedéngt nach esou Studioe miissten entstoen. Mä dat ass vläicht nach e bëssen Zukunftsmusek an et muss een nach préiwen, wat een doranner mécht. An da stellt sech eraus, ob een dat dann als Proufsall hëlt oder och als Studio. Well et huet kee Wäert, datt een do eppes installéiert wat duerno net gebraucht gëtt.

Breyer Roland, Schäffen:

Dee Studio an déi Technik, déi dohinner soll kommen, ass sécherlech fir d'Jugend geduecht, well si u sech dee gréisste Besoin doranner hunn. Mä et sinn och aner Leit, déi e Besoin hunn. Mir brauchen et eventuell och. Eis schwieft vir, datt mir lues a lues eng Produktioun do maachen. Zum Beispill, datt mer eng Televisioun do installéieren an datt mer kënne vun do aus Saachen ausstrahlen.

Wann den SNJ mengt, datt et um Niveau vun der Jugend erfëllt ass, da muss een dat kucken. Mä et ass awer vläicht fir aner Sparte vun der Populatioun vläicht wichteg, datt esou eng Installatioun do ass. Sief et fir sech opzehuelen, sech ze kucken a sech ze verbesseren. Oder fir kleng Produktiounen ze maachen. Mir als Gemeng brauchen et och als Mëttel vun der Kommunikatioun mat eise Bierger. An dofir ass et e flotte Site, ëmsou méi mer jo elo eis Gebaier an der Gemeng duerch d'Glasfaser matenee verbonnen hunn. Mir mussen net méi alles am Gemengenhaus hunn. Mir kënnen alles vun do aus combinéieren an dat gëtt eis ganz aner Perspektiven.

Gira Carlo (CSV):

Ech si doranner mat iech ganz averstanen. Ech soe just, datt een einfach sollt préiwen, wat néideg ass, an datt mer déi Saache sollen drasetzen, déi mir selwer och brauchen. A mir sollen net nach Leit vu baussen eranhuelen, well mir hu mat eise Leit scho Besoin genuch.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass richteg. Ech muss awer och nach soen, datt – duerch de Präis, dee mer proposéiert kruten – et eng Opportunitéit duergestallt huet, an datt mer där Gemeinschaft solle Merci soen, datt se net mam Verkafspräis iwwerdriwwen hunn.

Accord à l'unanimité.

7.6.

Propriétés.

Acte avec l'Etat luxembourgeois relatif à l'échange de terrains à Pétange, lieux-dits «Hinter den Garten» et «Im Laerchen» - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dës Terraine leie bei der Eisebunn an do sinn e puer Échangen ze maachen an der «rue du Chemin de Fer». Mir hunn den Acte vum 2. Juli 2014 hei virleien an ech géif dem Gemengerot proposéiere fir dëse guttzeheeschen. Domatter géife mer dann och regulariséieren, datt déi jeeweileg Terrainen dann och an de Besëtz vun deem kommen, deem se eigentlech gehéieren.

Approbation à l'unanimité.

7.7.

Propriétés.

Acte avec les consorts Holz-Chabot relatif à l'acquisition d'un terrain à Lamadelaine, rue de la Providence – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu engem weideren Acte, dee mer den 3. Juli 2014 beim Me Robert Schuman ënnerschriwwen hunn. Et geet hei ëm d'Uschafe vun engem weideren Terrain. Et ass eigentlech dee leschten Terrain, dee mer kafe fir dat Lotissement «An den Atzéngen». Et ass de Präis vun 20.000 Euro den Ar festgehale ginn. Den Terrain huet eng Gréisst vun 1,29 Ar, esou datt de Verkafspräis bei 25.800 Euro läit.

Wann de Gemengerot dësen Acte approuvéiert, dann hu mer d'Terrainen alleguerte bis op een, wou mer en Tosch

maachen. An do musse mer ofwaarde bis de P.A.P. an och de Kadasterplang virläit, fir den Tosch ze maachen. Mä och do sinn d'Gespréicher am Lafen an de Compromis ass ënnerschriwwen. An den Acte gëtt gemaach esoubal de Kadasterplang fäerdeg ass. Mir haten déi lescht Woch nach mat deenen eng Entrevue an et steet och näischt deem entgéint. Mä mir mussen nach op de Kadasterplang waarden.

Wann dat dann och nach ofgeschloss ass, da gehéieren alleguerten déi Terrainen, déi mer brauche fir dat Lotissement ze maachen, der Gemeng.

Approbation à l'unanimité.

7.8.

Propriétés.

Acte relatif à la vente d'une parcelle à Rodange, lieu-dit «rue du Clopp» à M. Guy Thill et Mme Anita Jennetten – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu enger Contre-emprise, wou mer den Acte haut virleien hunn. De Compromis hate mer schonn hei am Gemengerot. Den Terrain, ëm deen et hei geet, huet eng Gréisst vu 74 Zentiar a mir cédéieren dësen Terrain fir de Präis vu 555 Euro.

Approbation à l'unanimité.

7.9.

Propriétés.

Acte relatif à la vente d'une parcelle à Lamadelaine, lieu-dit «Zwischen den Recher» à M. Luc Gindt et Mme Christiane Baltes – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dësen Acte hu mer den 3. September 2014 virum Me Robert Schuman ënnerschriwwen. De Compromis hate mer och schonn am Gemengerot. Den Terrain huet 48 Zentiar an de Präis vun der Vente läit bei 360 Euro.

Approbation par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

7.10.

Propriétés.

Acte avec Mme Jacqueline Bérat veuve Sarti relatif à l'acquisition de terrains à Lamadelaine, lieux-dits «Im Dielchen» et «In Stackels» - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Och hei hate mer de Compromis schonn am Gemengerot an haut hu mer den Acte virleien. Et geet hei ëm eng Acquisitioun vun e puer Terrainen, déi d'Gemeng mécht. Am Total sinn dat 63,80 Ar. Well dat u sech Terraine sinn, déi Gréngzon sinn, hu mer se fir 500 Euro den Ar kaaft, wat dann e Präis vun 31.900 Euro ausmécht. Wa mer den Acte elo guttheeschen, da ginn déi Terrainen an de Patrimoine vun der Gemeng iwwer.

Approbation à l'unanimité.

7.11.

Propriétés.

Acte relatif à l'acquisition d'une parcelle, lieu-dit «rue de la Fontaine», de la part de la société Elsa Immo sàrl – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et ëm eng weider Acquisitioun, déi mer «à titre gratuit» kréien, an dat op Grond vun enger Residenz, déi an der rue de la Fontaine zu Rodange gebaut gëtt. Et sinn dat 48 Zentiar, déi an d'«voirie publique communale» integréiert ginn.

Approbation à l'unanimité.

8.

Prévisions sociales.

Convention bipartite 2014 avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – approbation.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Da komme mer zu engem Punkt, dee mer all Joer erëm op den Dësch kréien. An zwar geet et do ëm eng «convention bipartite» tëscht dem Ministère de l'Education nationale an eiser Gemeng, betreffend d'Fonctionnement vun eise Maisons Relaisen, wou de Stat sech jo mat 75% un den Ausgabe bedeelegt.

Dat wat elo hei virläit, ass nëmmen eng Estimatioun vun de Présencë vun de Kanner iwwer d'Joer. An zwar steet do «Maison Relais Péiteng», mä gemengt ass domatter alleguerten eis Maisons Relaisen, esou gutt déi vu Rolleng, vu Péiteng wéi och vu Rodange. D'Hausaufgaben ass och mat dran an där Conventioun opgelëscht, esou datt mer elo op eng Estimatioun vun der Présence vun de Kanner vun 593.221 Stonne pro Joer kommen. Dat kann natierlech nach am Laf vum Joer änneren, well heiansdo hu mer Zougäng an heiansdo Ofgäng oder heiansdo gi Plage geännert.

Dat hei ass elo nëmmen eng Estimatioun an um Enn vum Joer gëtt dann dat Ganzt nach eng Kéier ganz genee ausgerechent.

Dee ganze Coût beleeft sech dann op 3.040.711 Euro. D'Participatioun vum Stat wier 2.280.533 Euro.

Wann de Gemengerot domatter averstane wier, da wier ech frou, wann hien dat géif stëmmen. Well eis Maisons Relaise si jo schonn um Fonctionnéieren. Eis Hausaufgabenhëllef leeft och elo un, esou datt mer elo emol dat ganzt Joer kéinte schaffen an um Enn vum Joer géife mer dann d'Ofrechnung maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Wann een hei d'Capacité maximale an d'Capacité effective kuckt – et si wuel Estimatiounen, wéi mer elo héieren hunn – da gesäit et awer esou aus, wéi wann do nach Plazen an de Maisons Relaise wieren. Wéi ass dat dann a Wierklechkeet um Terrain?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass esou, datt déi eng Kanner nëmme mueres kommen, anerer komme mëttes. Dat hei sinn déi maximal Plagen, déi si eis uginn a wat si eis accordéieren. Mir hunn awer Kanner, déi nëmme mueres kommen oder si kommen zum Beispill während de Vakanze ganzdags, oder ausserhalb vun de

Vakanzen, wa Schoul ass, kommen se vläicht nëmmen iwwer d'Mëttesstonn. Wa mir dat Ganzt awer dann ausrechnen, da si mer fir de Moment scho voll beluegt. An dat ass doduerch, datt si unhuelen, datt d'Kand dee ganzen Dag do wier. Mir mussen awer elo kucken, wien elo wéini genee kënnt. Et ass och esou, datt mer ëmmer nëmmen 11 Kanner kënnen an ee Grupp eranhuelen, esou wéi et virgeschriwwen ass, mat enger Éducatrice. Mä d'Präsenz vun de Kanner ännert. Mir hunn der, déi iwwer d'Mëttesstonn do sinn, an dann hu mer schonn d'Plage voll. An da kann et awer och sinn, datt nomëttes en anere Grupp kënnt, well d'Elteren eréischt hir Kanner kënnen am Nomëtteg ewechhuelen. Aner Eltere fänken eréischt mëttes u mat schaffen a bréngen hir Kanner zum Beispill nëmme vu 16 bis 19 Auer.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, et ass awer net de Fall, datt mir zu Péiteng d'Kanner aus de Péitenger Schoule musse refuséiere well mer net genuch Plazen hunn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir mussen heiansdo Kanner refuséiere well mer de Moment net genuch Plaz hunn. Mir hunn de Moment eng Waardelëscht vun iwwer 100 Kanner. Mir haten 100 Kanner op der Waardelëscht, wou d'Schoul ugaangen ass. An ech muss éierlech soen, datt mer fir de Moment saturéiert sinn. Eis Assistante d'hygiène sociale huet mech schonn untelefonéiert a scho versicht fir Kanner nach bei «nounous agrées» ënner ze kréien. Do si mer och bei eisen «complet». Mir hu wierklech de Moment Problemer. An et ass net besser an anere Gemengen. Gëscht konnt der jo och an den Nouvellen héieren, wéi dramatesch et an der Stad Lëtzebuerg ass, déi iwwer 240 Kanner hunn, déi se net ënnerdaach kréien. An an eiser Gemeng, déi jo nach vill méi kleng ass wéi d'Stad Lëtzebuerg, hu mer fir de Moment iwwer 100 Kanner, déi op eng Plaz waarden.

Wa mer déi nei Rodanger Maison Relais scho fäerdeg gebaut hätten, da wier déi scho voll. Wann déi Entwécklung esou weider geet, da musse mer eis nach Froe stellen a kucken, wat mer an deenen nächste Joere maache kënnen. Wéi gesäit et budgetärsméisseg aus? Et ass jo net näischt, wat esou eng Maison Relais kascht. Mä, wéi gesot, fir de Moment si mer saturéiert.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Environnement.

Accord environnemental relatif aux déchets d'équipements électriques et électroniques – approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

Eisen Accord environnemental ass «à échéance» komm. Zudeem huet d'Administration de l'environnement en neit Reglement adaptéiert, wat um groussherzogleche Reglement vum 30. Juli 2013 baséiert.

Déi éischt Saach ass, datt eisen Accord 2006 ënnerschriwwe gi war. Dësen ass ausgelaf an hätt souwisou miissten erneiert ginn. Op där aner Säit – bei der Elaboratioun vun deem neien Accord – sinn och nei Saachen drakomm. Ënner anerem ass bei den «déchets électriques et électroniques» dobäikomm, datt mer am Recycling kënnen LED-Luuchten ofhuelen an och Neonstüben.

Wéi gesot, et ass u sech normal, datt mer deen Accord verlängeren an nei ënnerschreiwen.

Approbation à l'unanimité.

9.2.

Environnement.

Devis au montant de 98.201 euros relatif à la construction d'un chemin forestier à Pétange, lieu-dit «Rollenger-bësch» - approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

De Fierschter huet scho méi laang gefrot, fir e Bëschwee um «lieu-dit Rollengerbësch» ze aménagéieren an där Demande wëlle mer och elo nokommen. Dat ass do uewen um Hierschtbierg, an zwar hanner dem Hondsterrain geet dat erop bis op déi belsch Grenz an da kënnt dee Wee zeréck bis bei d'rue du Bois.

Firwat ass deen Aménagement gefrot ginn? De Fierschter huet keng Méiglechkeet fir mat senge Maschinnen an de Bësch ze fueren. Hie muss ëmmer duerch d'Belsch fueren an dofir hu mer virgesi fir do en neie Wee ze maachen. Déi Aarbechte géife sech op ronn 98.000 Euro chiffréieren, wou mer awer duerno iwwer e Subsid vum Stat 80% zeréckkréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Gëtt dee Wee hei esou gemaach wéi dee Wee hanner dem Péitenger Kierfecht, mat deem selwechte Material?

Mertzig Romain, Schäffen:

Am Prinzip ass dat selwecht virgesinn. Wéi gesot, de Fierschter hat jo och «main mise» drop, esou datt déi selwecht Constructioun virgesinn ass.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech weess net, ob dir schonn eng Kéier dee Wee kucke waart. Esou wéi do geschafft ginn ass, ass et net ganz glécklech. Och wéi di Firma do geschafft huet. Well deelweis ass jo och do Gréngzon, an et gouf do ewechgerappt an ëmgerappt, a Beem goufen einfach leie gelooss. Et ass awer näischt méi duerno erëm a Stand gesat gi wéi et virdru war. Ech weess elo net, ob bei deem heite Wee déi selwecht Firma geholl gëtt wéi beim Kierfecht, mä ech hoffe just, datt déi duerno mam Ouer geholl ginn an datt se sollen déi Saachen erëm «à jour» setze wéi et war.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech géif awer mengen, datt eise Fierschter doriwwer am Bild ass, an datt hien och déi néideg Schrëtt ënnerhëlt, wann et net esou sollt geklappt hu wéi et hätt sollen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hu selwer mam Fierschter geschwat, nodeems d'Firma fäerdeg war. Well ech war iwwerrascht, datt eis Gemengeleit dee Wee duerno genat hunn an och gebotzt hunn. Well dat muss anscheinend gemaach gi fir datt de Wee duerno kompakt ass. Dat kann ech och verstoen. Mä wann een normale Stierflechen ee gesäit duerch de Bësch fuere fir de Wee ze netzen a mat der Walz driwwer ze fueren, da froe sech d'Leit, op et net méi gutt géif goen. Mä bei där Saach mat de Beem, ass et esou, datt et deelweis net e Bësch ass, deen der Gemeng gehéiert, mä dem Stat, an dofir besteet de Problem wie wat géif ewechhuelen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass jo och esou, datt een déi Erfahrungen, déi een do uewe gesammelt huet, och muss mat eriwwer huelen an et da probéiert besser ze maache bei deene Saachen, déi net geklappt hunn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dann hoffen ech, datt dat dann och gemaach gëtt.

Approbation par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

10.

Hygiène.

Nouveau règlement pour les cimetières – approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

Den Direkter vun der Santé huet eis op verschidde Saachen higewisen, respektiv huet eis e puer Recommandatioune gemaach am Kontext mat eisem Kierfechtsreglement. Mir sinn och doropper agaangen an hu verschidden Artikelen an deem Reglement adaptéiert. Haaptsächlech geet et do ëm «installations frigorifiques», wou mer Artikelen, déi net virgesi waren, respektiv net esou adaptéiert ware wéi et hätt sollen. Wéi gesot, mer hunn eist Reglement elo «à jour» gesat.

Mir hunn et och nach op engem anere Punkt «à jour» gesat, an zwar bei deene Punkten, déi d'Exhumatioune betreffen. Do ass u sech laut Gesetz virgesinn, datt eng obligatoresch Präsenz vun engem Member vum Schäfferot an en Dokter vun der Direktioun vun der Santé mussen dobäi sinn. Dat war och net an eisem Reglement virgesinn a mir hunn dat dann elo an deem Sënn adaptéiert.

Eng drëtt Saach, déi och net explizit an eisem Reglement virgesi war, war de Gebrauch vum Obituaire. D'Admissioun kann u sech nëmmen do accordéiert ginn, wann d'Leit keng schlëmm ustiechend Krankheet haten, an dat och ëmmer op Avis vum Dokter vun der Inspection sanitaire. Déi Saach hu mer och an eisem Reglement adaptéiert.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir hate jo hei am Gemengerot gestëmmt, fir dat Haus ëmzebauen oder eppes neies dohinner ze setzen, fir datt déi Saachen, déi elo hei am Reglement stinn, och kënnen ëmgesat ginn. Wéini gëtt da mat deenen Aarbechten ugefaangen? Wéi ech héieren hunn, wier et dréngend néideg fir dat ze maachen, well déi Zoustänn do uewen net méi grad adequat sinn. Well et ass net nëmmen interessant fir deejéinegen, deen dat Ganzt muss duerchféieren, mä och – wann e Begriefnes ass – sinn him d'Hänn gebonnen. An och déi Saach mat den Toiletten op der Plaz ass scho säit längerer Zäit e Problem. Dofir wier et flott, wa mer emol endlech géife mat deem Projet ufänken.

Ech war deemools net glécklech, datt dat Haus géif ewechgerappt ginn. Mä nodeems ech mam Doudegriewer geschwat hunn, sinn ech och iwwerzeegt, datt et wierklech dréngend néideg wier.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass esou, datt mer net méi spéit wéi gëschter Mueren d'Devisen am Schäfferot guttgeheescht hunn an elo esou séier wéi méiglech mat deenen Aarbechte kënnen ufänken.

Approbation à l'unanimité.

11.1.

Urbanisation.

Approbation du devis au montant de 420.000 euros relatif à la mise en souterrain et du renouvellement des réseaux dans une partie de la rue du Clopp à Rodange (phase III) – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

De 4. Mäerz 2014 huet de Gemengerot e Kredit gestëmmt vun 230.000 Euro, fir d'Phase 2 ze maachen. Et ass dat d'Mise en souterrain vun de Post a vun der Gemeinschafts-antenn. Och Creos bedeelegt sech do wéinst hiren Aarbechten un der Nidderspannungsleitunge mat 50% un de Fraisen. Déi Aarbechte si besser virugaange wéi erwaart. Mir hate geduecht, datt déi Aarbechte vun der Phase 2 géife bis Enn 2014 daueren a mir géifen dann 2015 déi nächst Phase an Ugréff huelen. Et wier elo onsënneg, fir de Schantjen elo leien ze loossen an dëst Joer näischt méi ze maachen. An dofir wollte mer de Gemengerot froen, fir d'Phase 3 elo virzezéien an direkt mat deenen Aarbechte weiderzefueren. Mir rechnen domatter, datt am Laf vun 2015 d'Phase 3 ka fäerdeggestallt ginn. Mir hu mat der Post geschwat a si wieren och averstane fir d'Virfinanzéierung ze garantéieren, esou datt mer eréischt 2016 bräichten zeréckzebezuelen. Dat wier fir deen Deel vun der «rue Schio» bis hannenhinner um Clopp. An den Devis beleeft sech op 420.000 Euro.

Wann de Gemengerot elo domatter averstanen ass, da kéint den Entrepreneur direkt mat der Phase 3 weiderfueren.

Accord à l'unanimité.

11.2.

Urbanisation.

Vote d'un crédit spécial de 20.000 euros relatif à l'établissement du Plan d'Aménagement Particulier du site de l'ancien Lycée technique Mathias Adam à Pétange – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Beim Punkt 11.2. geet et och drëm, datt de Gemengerot eis e Kredit bewëllegt. Ech wéilt dann och erkläre firwat de Schäfferot dorunner interesséiert ass.

Mir si schonn eng gewëssen Zäit am gaange fir ze kucken, wat um Site vum alen LTMA geschitt. Mir waren a Gespréicher mat der Regierung, mä am Moment héiert een net méi ganz vill dovunner. Mir haten esouguer am Ufank wëlles, fir en Architekteconcours ofzehale fir ze kucken, wat op dee Site do soll kommen.

Mir stellen och fest – wat d'Gebai ubelaangt - , datt einfach gestoppt gouf fir ofzerappen, obwuel eis versprach gi war, datt déi Aarbechte bis Abrëll/Mee sollte fäerdeg sinn. Elo sollen déi Aarbechten eréischt am Hierscht gemaach ginn, a mir hoffen, datt dat dann och de Fall wäert sinn an datt mer endlech déi Ruin do ewech kréien.

Wat eis awer méi Suerge mécht ass dat, wat soll dohinner kommen. Mir haten eis jo schonn eng Kéier als Schäfferot geäussert, datt dat, wat do geplangt ass, net deem entsprécht. Mir haten och eng Entrevue mat deene Ministèren, fir zesummen ze kucke wat mer dann elo definitiv do maachen. Mä zanter där Reunioun vu Mëtt Juni 2014 ass eigentlech erëm eng Kéier «Totenstille» a mir fäerten, datt – wa mer net d'Initiativ huele fir e Büro domatter ze chargéiere fir eis Gedanken an eis Iwwerleeungen do mat eranzekréien – mer fréier oder spéider d'Gefor lafe fir iwwerrannt ze ginn an eppes op den Dësch geluegt ze kréien, wou mer mussen «en toute urgence» da musse reagéieren. Dofir menge mer, datt et besser wier, fir eis emol 20.000 Euro Kredit ze ginn an eis e Büro ze huelen, deen eis eng Viraarbecht mécht a mer doduerch prett si wa mer mat engem Plang oder enger Propositioun vun der Regierung confrontéiert ginn.

Mir hätte vill léiwer gehat, wann dat am Dialog hätt kënne geschéien an datt mer e gemeinsame Büro hätte kënne

chargéieren. Mä dat schéngt awer fir de Moment net méiglech ze sinn. Well et awer eng Plaz am Zentrum vu Péiteng ass, an eng ganz wichteg Plaz an eiser Gemeng an no bei eise Schoulen ass, si mer der Meenung, datt mer elo musse reagéieren an eis déi néideg Mëttele musse gi fir kënnen ze reagéieren, wa mer dann eng Kéier Pläng vun der Regierung virgeluegt kréien. An dat kënne mer nëmme maachen, wa mer eis vu professionelle Leit encadréiere loossen. Mir stellen eis vir, fir e Büro ze chargéiere fir eis Vuen ze preparéieren a fir déi da mat deene vun der Regierung ze confrontéieren.

Gira Carlo (CSV):

Esouwäit ech gesinn hunn, hu se dee Schantjen erëm opgemaach, Clôturen dohinnergestallt an e Gerüst opgeriicht. Esou datt ech unhuelen, datt et elo definitiv gëtt.

Just zur Verständnis. Mir wëllen elo kucken, wat op där Plaz ka geschéien. Mä mir gi jo do e bëssen an d'Blannt eran, well mir maache jo awer elo do Pläng fir en Terrain, deen eis net gehéiert. A mir wëssen och nach net, wat soll dohinner kommen. Wat ass elo eigentlech deen Optrag, dee mer fir 20.000 Euro un dee Büro ginn?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Terraine gehéieren deelweis eis an deelweis dem Stat. Wann een elo dee PAP realiséiert, da muss ee kucken, ob een dee PAP just op dem Terrain vum fréieren LTMA realiséiert oder ob een net och aner Terraine mat eranhëlt, wéi zum Beispill den Terrain «Shell». De Schäfferot ass bis elo ëmmer der Meenung gewiescht, datt ee soll dee ganze Quartier kucken. Et muss een och kucken, wat den Impakt op de Verkéier ass a wat den Impakt op dee ganze Quartier ass. Dat ass ee Volet, deen de Büro muss maachen. De Ministère huet eis jo eng Rei Iddie gesot a mir wëllen och emol vun engem Büro gesot kréien, wat op där Plaz méiglech ass. Och de Gabarit vun deene Gebaier wëlle mer eng Kéier definéiere par rapport zu deene Gebaier, déi ronderëm sinn. Mir géife gären en éischte Plan directeur, eng éischt Iddi ausschaffen, nodeem mer jo schonn eng Kéier eppes ausgeschafft haten an nodeem datt mer awer wëssen, datt de Ministère wesentlech méi wäit an deem Quartier wëll goen.

Dofir wëlle mer emol eng Kéier vun engem Büro gesot kréien, wéi wäit mir kënne matgoen a wat den Impakt dovunner ass. An dee Büro soll och Mediateur spillen tëscht der Gemeng an dem Stat. Dat ass e bëssen Iddi, déi eis virschwieft.

Mir haten eng Kéier informell Gespréicher mat verschiddene Büroen, fir ze kucken, ob esou eppes machbar ass. Wéi gesot, et ginn esou Büroen an et ginn och schonn esou Aarbechten, déi vu Büroe gemaach goufen. An dofir ass et schonn net schlecht, wa mer eis déi néideg Mëttele ginn.

D'Aufgab ass och e bëssen an deem Kontext, fir mat enger professioneller Équipe d'Intresse vun der Gemeng ze bewahren.

Gira Carlo (CSV):

Dir hutt elo de Plan directeur ugeschwat. Mir hu jo eng Kéier e Schema directeur opgesat. Wéi wäit ass deen dann nach gülteg?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dee Schema directeur ass vun der Regierung kontestéiert, well e groussflächeg zevill gréng wier. Et miisst méi op där Plaz besidelt ginn. Dat ass dat, wat si wëllen. Mir sinn och bereet fir mat hinnen doriwwer ze diskutéieren. Et ass net esou, datt mir gesot hunn, datt dat doten en Dogma ass an et sollt een net driwwer ewech goen. Mir si gäre bereet fir doriwwer ze diskutéieren. A wa si soen, datt hinnen d'Bebauung op deem Site net wäit genuch geet, da wëlle mir awer och kucken, wouhinner mer wëlle goen. Wat heescht dat konkret, wa mer méi bebauen. A mir wëllen dat analyséiere well mer wëssen, datt vun der Regierung eng Demande kënnt fir de Site wesentlech méi ze bebauen a wesenlech manner Gréngfläch op deem Site ze loosse wéi dat, wat de Gemengerot virgesinn hat. Dat wësse mer schonn. An dofir wëlle mer mat e Schratt méi wäit goen, mä mir wëllen awer och kucken, op dat fir eis Bierger nach tolerabel ass.

Gira Carlo (CSV):

Dat muss jo awer dann och am Aklang si mat eisem PAG.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Sécherlech muss dat am Aklang si mat eisem PAG. Mä «a priori» ass et jo e PAP, deen och hei muss duerch de Gemengerot goen. Dat heescht och do muss ee kucken, wat machbar ass. Mä wat am Aklang ass mam PAG, do si grouss Divergenzen tëscht deem, wat akzeptabel ass a wat vläicht am Aklang ass an deem, wat fir eis net méi akzeptabel ass a vläicht awer nach a groussen Zich am Aklang mam PAG ass.

Becker Romain (déi gréng):

Ech krut elo schonn e Pak Äntwerten op eng Fro, déi ech hat, an dat war eng Fro vu Verständnes, well deen Terrain eis net gehéiert, an den Terrain dem Stat gehéiert a mir dann elo op deem Terrain kënnen e PAP maachen. Ech hunn elo eng Rei Erklärunge krut. Mä ech mengen awer, datt – wann de Stat do baut – dee sech awer och muss un eise PAG halen. Ech mengen, déi baue jo net ausserhalb vun eisem «Plan d'aménagement général».

Fir de Moment weess jo keen, wat do direkt soll geschéien a wéi et duerno soll ausgesinn. A wa mir elo e Büro beoptrage fir e PAP auszeschaffen, da kënne mir dat maachen. Mä de Stat kann duerno nach ëmmer op sengem Terrain d'Richtung ännere wéi e wëll bauen. Et ass jo ëmmer nach en Terrain vum Stat.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, et ass esou, datt d'Gemeng décidéiert wat op deem Terrain ka gebaut ginn. Dat musse mir hei am Gemengerot stëmmen. A mir kënnen als Gemeng och e PAP maachen op Terrainen, déi eis net gehéieren. An ech soen nach eng Kéier, datt mir net averstane sinn, datt hei nëmmen e PAP op hirem, um LTMA-Terrain, gemaach gëtt. Mir wëlle gären dee ganze Quartier mat abannen. Och den Terrain hanner der «Shell». Et kann net sinn, datt mir de Parking stellen a si bebauen hiren Terrain. Mir wëllen dat gäre mat abannen. Mir wëlle gären dee ganze Quartier kucken a mir mussen och dee ganze Quartier kucken. Iwweregens ass dat och am Kader vum PAG virgesinn.

A wéi et de Moment geet, fäerte mer – well dat leeft jo alles hannert zouenen Dieren – , datt mer op eemol virun e Fait accompli gesat ginn an da si mer net prett vir ze reagéieren an ze soen, datt dat net conforme ass mat deem, wat mir eis virstellen. Da kënne mir vläicht soen, datt mer net domatter averstane sinn, mä mir kënne keng Géigepropose maachen. An da kréie mer den zweete Präis.

Dat heescht, mir wëlle gären elo mat engem professionelle Büro zesumme kucken, bis wouhinner mir kënne matgoen. A wann dann de Stat mat engem Projet kënnt, dann hu mer och Méiglechkeete fir richteg doropper ze reagéieren an och professionell ze reagéieren. Mir sinn net géint eng Entwécklung, mä mir wëllen awer och net gären eng Kaz am Sak kafen. Net datt mer op eemol virun engem Fait accompli

stinn. Net datt – deemno wat duerno do projezéiert gëtt – spéider gesot gëtt, wat dann an der Gemeng zu Péiteng gemaach ginn ass an dat huet esouvill Inzidenzen op de Quartier ronderëm an op d'Schoulen. An all déi Saache wëlle mir gären analyséiere loossen.

Becker Romain (déi gréng):

Mä et soll een awer och net direkt den Däiwel un d'Mauer molen. De Schäfferot kennt jo och nach net déi konkret Pläng, wéi et duerno soll ausgesinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jo, mä dat ass jo dee grousse Problem. Mir waren a Gespréicher bis d'lescht Joer. Mir hunn op eemol am Radio héieren, datt do ganz aner Saachen an der Maach wieren. Mir hunn dunn eng Entrevue vum zoustännege Minister zougesot krut, an déi hu mer am Juni oder Juli krut. Elo sinn erëm eng Kéier 3 bis 4 Méint ëm a mir gi guer näischt gewuer. Mir sollten a Gespréicher geruff ginn, esou wéi mer dat versprach kruten. Och do geschitt näischt. An ech fäerten, datt – wa mer eis elo hei net déi néideg Mëttele ginn – mir op eemol als Gemeng virun engem Fait accompli stinn. An da wäert de Gemengerot eis duerno als Schäfferot soen, datt mer geschlof hunn a mir hunn eng Saach an der Gemeng, op déi mer net méi kënne konteren an net méi an der Lag si fir eis dergéint ze wieren. A wa mer net déi néideg Argumenter hunn – an déi musse jo och déi Büroen an Urbanisten eis ginn – da wäerte mer net an der Lag si fir engem Projet – deen de Stat eis virleet – eventuell ze widderspriechen.

Hei geet et jo och net drëm fir dat, wat de Stat eis proposéiert, ze kontestéieren. Mä hei geet et drëm, fir prett ze sinn. Well de Stat ass am gaangen drun ze schaffen, ouni eis awer mat anzebannen. An elo wëlle mir dat selwecht maache wéi si, fir datt mer duerno op engem «pied d'égalité» kënnen diskutéieren, wann eng Kéier en Dossier vum Stat kënnt.

Becker Romain (déi gréng):

Wann een et esou gesäit, da komme mer awer net méi virun. Wa mir elo extra 20.000 Euro op den Dësch leeë fir e Büro ze huele fir de Fall, wou mer vum Stat géifen iwwer den Dësch gezu ginn, dann ass dat awer kee Geschaffs.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass schwéier nozevollzéien, wann een net an der Entrevue dobäi war. Déi Entrevue ass effektiv komm, well e Pressecommuniqué komm ass a well op eemol all Mënsch erféiert war ze héieren, wat soll op Péiteng kommen. Mir waren als Schäfferot guer net doriwwer informéiert. An et waren aner Aussoe wéi déi, déi schonn emol fréier geschwat goufen.

An där Entrevue – wat eng grouss Entrevue war – souzen 20 Leit. 3 Ministèrë ware vertrueden. A wat ee vun den Techniker a Spezialiste vun de Ministèren héieren huet a wat si sech virstellen, da géife mir déi sämtlech sozial Équipementer, déi hei am Land feelen, an deen Eck do kréien. Alles! Mir hu gesot, datt mer averstane si fir eppes unzehuelen, mä dat awer an engem gewëssene Mooss. Mir sinn awer der Meenung, datt et eng Mixitéit soll sinn. An et muss och nach Fräiraum do sinn. Well mir sinn awer do an engem Schoulquartier. Wa virdrun d'Madame Conter gesot huet, datt d'Kanner Defoulementsméiglechkeete brauchen, da kënne mer de Kanner net alles zoubauen. Dem Stat seng Iddi war et, fir e Maximum dohinner ze maachen, well si hiren Terrain wéilten optimal ausnotzen. Mir wëllen awer och eisen Areal optimal gestallten. A wa mer héieren, wat do geplangt ass a wat ugeschwat ginn ass, da musse mir als Gemeng virbeugen. Mir kënne soen, datt mer averstane si fir sozial Ariichtungen ze huelen, awer nëmme bis ee bestëmmte Punkt. A mir hätten awer och gären normal Saachen dertëschent. An et soll net esou sinn, datt mir nëmmen d'Parkplaze solle stellen, déi noutwenneg sinn, a si huelen als Stat dee gudde Bauterrain.

Becker Romain (déi gréng):

Dat weess jo nach keen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hätte gären eng Musekschoul do an dat soll alles mat integréiert ginn. An net, datt de Stat duerno seet, mir sollen eis Musekschoul op déi Parkplaz setzen, déi de Moment do ass.

Becker Romain (déi gréng):

Esouwäit sinn d'Diskussioune jo awer nach net.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat war awer schonn esou ugedeit ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Deen Haaptproblem ass, datt mir Demandeur ware fir e gemeinsame Büro ze chargéieren a wou mir als Gemeng op deem gläiche Niveau géife stoe wéi de Stat. A mir wollten zesumme mam Stat kucken, wat op dee Site soll kommen. Dat gëtt awer elo net gemaach! D'lescht Joer war dat awer nach ganz kloer. Do gouf vun engem Architekteconcours geschwat. Mä zanter Ufank 2014 ass dat eriwwer. Mir haten dat nach eng Kéier an där Versammlung ugeschwat, datt mer gäre wëlle mat um Dësch setzen an datt mer gäre wëllen e gemeinsame Büro hu fir dat auszeschaffen. Mä wann dann awer vu Regierungssäit näischt kënnt, da musse mer awer oppassen, datt mer net iwwer den Dësch gezu ginn a mer eppes dohinner kréien, wat fir eis net akzeptabel ass. A wa mir eppes op den Dësch kréien, wat fir eis net akzeptabel ass, a mir hu keng Géigepropositioun, da gëtt et awer schwéier. Ech wéilt déi 20.000 Euro léiwer huele fir eppes aneres ze maachen. Mä ech fäerten awer – wa mir dat net maachen - , datt mer am Oktober/November e Projet op den Dësch geluegt kréien a mer dann ufänke mat rudderen. An da musse mer eis awer e Büro huele fir eis ze beroden, wéi et mam Verkéier ass, watfir een Impakt dat huet. An da lafe mer hannendrun. An dofir si mir der Meenung, datt mer op engem Punkt ukomm si wou mer reagéiere sollen. Well et ass jo net egal watfir een Terrain. Den Terrain läit matzen am Zentrum, bei eise Schoulen, an do musse mer oppasse wat sech do entwéckelt. A mir musse prett sinn. An ech géif mengen, datt de Gemengerot géif gutt doe fir eis an där Saach ze ënnerstëtzen. Well et geet net drëm fir eppes ze torpedéieren, mä et geet drëm fir datt mir och d'Intressie vun der Péitenger Gemeng an deem Quartier bewahre kënnen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech gesinn dat e bëssen aneschters. De Schäfferot gesäit dat relativ schwaarz a moolt den Däiwel schonn un d'Mauer. Wann een och net weess, wat geschitt ass, da fannen ech déi 20.000 Euro wierklech vill Sue fir e Büro domatter ze chargéieren, fir datt d'Gemeng sech vis-à-vis vum Stat ka schützen. Esou kann et awer net sinn an esou kënne mer net fonctionnéieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass awer leider Gottes noutwenneg, well mer op där aner Säit op daf Ouere stoussen. Wann et esou gaange wier, wéi et urspréinglech virgesi war, a mir hätten e gemeinsame Büro geholl an eventuell en Architekteconcours gemaach, a mir

hätten eis zesummen un een Dësch gesat fir ze kucken, wéi sech deen Terrain soll entwéckelen, da bräichte mer elo net op dee Wee ze goen. Haut gëtt vu Regierungssäit hanner zouenen Diere geplangt a mir ginn näischt gewuer, wat dann elo do leeft. An dir wësst selwer, wéi laang mer schonn am gaange sinn doriwwer ze diskutéieren. Mä et herrscht Totenstille an dat ass e Styl, deen eis net gefält. A mir sollen eis elo d'Mëttele gi fir prett kënnen ze si wa mer mat deem Projet confrontéiert ginn, an datt mer dann och kënnen Alternativen op den Dësch leeën. An dat geet nëmmen iwwert de professionelle Büro an et huet sécherlech och méi Gewiicht, wann en Urbanist eis Proposë preparéiert a sech Gedanken iwwer d'Entwécklung op deem Terrain mécht, wéi wa mir als Schäfferot selwer eppes ausschaffen.

Dat muss net bis an dee leschten Detail sinn, mä a groussen Zich soll een awer kucke wat machbar ass a wat am Intressi vun der Entwécklung vun der Gemeng a vun eiser Uertschaft Péiteng méiglech ass.

Becker Romain (déi gréng):

Ech gesinn dat doten elo als Complément zu all deenen anere Saachen. Fir d'éischt den oppene Bréif dowéinst, an dann elo en zweeten oppene Bréif un den Transportminister an dann elo déi 20.000 Euro fir de Büro ze chargéiere fir sech virum Stat ze schützen. Iergendwa musse mer eis awer kënnen un den Dësch sëtzen a soen, datt et dat war. Wann eng Gemeng vis-à-vis vun der Regierung esou Schrëtt anhëlt an d'Regierung gëtt jo doduerch wahrscheinlech ëmmer méi stuer, dann ass dat jo awer net schéin.

Breyer Roland, Schäffen:

Et geet net géint déi heite Regierung. Et war och scho bei deene Regierunge virdrun de Fall, datt Péiteng ëmmer als Blinddarm vum Land betruecht gëtt. Mir kréien alles esou dohinner getässelt. Mir sollten d'Goudrongsfabrik heihinner kréien an et sollt dat hei oder dat doten heihinner kommen. Ech war mer elo nach net ganz sécher mam Grand-Bis, an ech sinn och nach net iwwerzeegt, datt do eng Industriezon entsteet. Wann et fäerdeg ass, dann hu mer d'Tanklageren hei. Et gëtt ëmmer iergendwéi en Eck gesicht, wou een esou Saache kann hisetzen. A wann een d'Konfiguratioun vum Land kuckt, da gesäit een ënne riets de Blinddarm leien. An deen héiert een net an et spiert een en net, bis en entzünt ass an e rose gëtt. An da fält engem op, datt do och nach e Wutz ass.

Mir wäerten dat och d'selwecht maache mat de Vëlospisten, mat der «mobilité douce». Am Moment gëtt e Gesetz gestëmmt – a mir hunn inoffiziell Pläng dovunner gesinn – an do läit Péiteng net mat dran. Do musse mir e Büro huele fir ze soen, datt och mir national sinn. Mir sinn esouguer international, well mir maachen d'Verbindung mat der Belsch am mat Frankräich. Do musse mer Argumenter développéieren, datt mer iwwerhaapt déi Subventioune kréien. Well soss gi mer lénks leie gelooss. Soss geet déi national Piste (PC 8), déi elo schonn do ass, komplett laanscht eis an da si mer erëm net ugebonnen.

An dat ass bei all Regierungen de Fall gewiescht, egal wéi se geheescht hunn. An do musse mer eis wieren. An d'Experienz huet gewisen, datt – wa mir eis net wieren – och näischt geschitt. A wa mir op eemol ufänke queesch ze ginn, als gereiztene Blinddarm, da gëtt op eemol erëm mat eis diskutéiert. Dat ass leider esou.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An ech soen et nach eng Kéier. An dësem Fall scheitert dat Ganzt fir de Moment un engem Dialog, deen net besteet. Mir mussen als Gemengerot oppassen – an do si der alleguerte matbetraff – datt, wa mir op eemol eppes do stoen hu wou jiddereen de Kapp rëselt, da betrëfft dat net nëmmen alleng de Schäfferot, mä dee ganze Gemengerot. An da froe sech d'Bierger, ob mer geschlof hunn. Wosste mir net, datt op deem Site am gaange war ofgerappt ze ginn a mir hunn net gekuckt, wat do soll geschéien. A besonnesch bei deem dote Site ass et ganz kriddeleg an dofir hu mer de Leit och erkläert, datt mir och am gaange sinn d'Intressie vun den Noperen ze konservéieren.

An dat selwecht gëllt och fir dat, wat den Här Breyer elo just gesot huet a wou mer dem Här Bausch e Bréif geschéckt hunn. Do kréie mir elo op eemol den 1. Oktober eng Situatioun, déi inakzeptabel ass. A wa mir hei näischt soen an den 1. Oktober ass déi Situatioun ëmgesat, da gëtt sech gefrot, ob mir hei am Gemengerot schlofen.

Beim Site vum fréieren LTMA komme mer elo ëmmer méi no un dee Punkt, datt eppes realiséiert soll ginn. Mir waren an engem gudden Dialog, mä deen Dialog ass elo net méi do. Ausser deenen zwou Saachen, déi mir enchainéiert hunn a wou mer gesot hunn, datt mer gären eng Réunioun hätten, ass awer näischt méi geschitt. An dat huet näischt mat der Regierung ze dinn oder watfir eng Faarf d'Regierung huet. Well dat interesséiert mech net. Ech fäerte just, datt mer hei op engem Punkt sinn, wou mer riskéiere fréier oder spéider eppes heihinner ze kréien, wou mir eis dann net méi kënne wiere well mer net prett si fir eis kënnen ze wieren. An dofir solle mer eis, besonnesch bei engem esou wichtege Projet wéi deen heiten, als Gemengerot déi néideg Mëttel ginn, fir d'Positioun unzegräifen. A wann dat, wat mer solle kréien, tipp topp ass, dann huet dat wuel eng gewëssen Zomm kascht, déi net onbedéngt gebraucht hätt miisste ginn. Mä op mannst hu mer déi néideg Seriösitéit fir deen dote Projet walte gelooss. Well mir ginn och fir aner Saache Suen aus an dat heite schéngt eis awer esou ee Kär-Projet ze sinn, wou fir mech op alle Fall kloer ass, datt déi 20.000 Euro – wann et esouvill wäert kaschten – gutt investéiert si fir eis Intressien ze verdeedegen. Wann alles gutt leeft, da brauche mer déi Sue vläicht net. Wa mer mam Stat op der selwechter Welleléngt sinn a feststellen, datt dat, wat si proposéieren, sech mat deem iwwerschneid wat eisen Urbanist – dee mir engagéiert hunn – proposéiert, dann ass dat an der Rei. Och wann nach vläicht déi eng oder aner kleng Saach muss modifizéiert ginn.

Besser wier et – an do ginn ech iech Recht – wa mer ee gemeinsame Büro hätten. Mä dat ass jo net méiglech. Awer net wéinst eiser, well mir waren Demandeur fir ee gemeinsame Büro. Dat wëll ech nach eng Kéier ganz kloer hei soen.

Pierre Norbert (LSAP):

Et ass jo elo scho vill iwwer dee ganze Projet geschwat ginn. Ech kann nëmmen de Wee ënnerstëtzen, deen de Schäfferot wëll aschloen. Ech fannen dat och dee richtege Wee. Et ass jo lächerlech, wéi mer ëmmer vum Stat an d'Längt gezu ginn a wéi en eis ëmmer dohinnerstellt, wéi wa mer net 2 an 2 kéinten zesummenzielen. Do muss een och emol erëm eng Kéier den Dicks setzen a soen, datt et bis dohinner geet an net weider.

Bei där Ruin, déi do steet, a wou all Owend Jugendlecher dran hausen, wou agebrach a futti gemaach gëtt, hu se op deem Niveau hir Engagementer emol net agehalen. Dat Gebai sollt jo scho längst ewech sinn. Et war gesot ginn, datt et d'lescht Joer de September ewech wier. An d'Gebai steet nach ëmmer do. Et ass scho richteg, datt een déi Weeër, déi elo ugeschnidde si ginn, och aschléit a mer selwer sollen eng Propositioun ausschaffe loossen. An da kann een op deem selwechten Niveau mam Stat diskutéieren.

Brecht Guy (LSAP):

Mir hunn elo haut zweemol e Beispill kritt, wéi op nationalem Plang Saachen décidéiert ginn a Projete gemaach ginn, vun deene mir als Gemeng Péiteng guer näischt gewuer ginn. An dat fannen ech e bëssen allerhand. Well wéi séier et heiansdo geet fir eppes duerch d'Chamber geboxt ze kréien, dat hu mer gesi beim Site LTMA. Normalerweis kommen d'Boboen eréischt duerno.

Da gëtt et mech och Wonner, datt déi Gréng, déi jo zu engem Drëttel an der Chamber sëtzen, géint zevill Gréngzone sinn. Do liicht mer awer eppes net an.

Op jiddefall ënnerstëtze mir dem Schäfferot seng Propose. Et ass jo esou, wann een Oppositioun mécht, da gëtt ee meeschtens gefrot, ob een eng Alternativ huet. An dat ass genee dat, wat de Schäfferot hei wëll maachen. Hie wëll eng Alternativ ausschaffe loossen an déi kann een dann deem entgéint setzen, wat vun nationalem Plang kënnt.

Wéi gesot, mir als LSAP-Fraktioun ënnerstëtzen dat doten.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir begréisse schonn, datt de Schäfferot méi Gréngfläche virgesinn huet. An et huet net alleng eppes domatter ze dinn, datt déi Gréng dat wëllen ofblocken. Et si jo e puer Parteien an der Chamber, déi dat mat décidéieren. Also kënne mer elo net soen, datt mer nëmme vun deene Gréngen hei schwätzen. De Problem ass deen, datt weder mir nach dir wësse wéi dat Ganzt duerno soll ausgesinn. Dofir ass et eng schwéier Situatioun fir d'Gemeng an et ass eng schwéier Situatioun fir dat Ganzt ze entscheeden.

De Moment si se jo erëm am gaangen d'Gebai ofzerappen. Et ass ebe schued, datt dee ganze Projet net an engem Stéck ofgerappt ginn ass. Well da wiere mer scho laang roueg gewiescht an d'Police hätt och manner Aarbecht op där Plaz gehat. An d'Leit ronderëm wieren och méi roueg gewiescht. Mä et ass ebe kee gléckleche Projet an et ass schued, datt hei vu Parteie geschwat gëtt an datt eng Partei där anerer Virwërf mécht. Mä normalerweis sollen d'Parteie matenee schaffen an net géinteneen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir schwätzen hei net vu Parteien. Mir schwätzen hei vun enger Relatioun tëscht der Gemeng an der Regierung. A mech interesséiert net, wien an der Regierung sëtzt. Mir mussen hei d'Intresse vun der Gemeng oprecht erhalen. An ech soen iech, datt déi Situatioun do näischt mat der aktueller Regierung ze dinn huet. Déi Situatioun do war och scho bei aner Regierungen. Och beim Grand-Bis si mer elo 15 Joer am gaangen. An do waren all Parteie bis elo an de Regierunge vertrueden an et geet awer net virun. Mir sollen d'Interessen hei um Niveau vun der Gemeng kucken an – an dofir si mer gewielt – am Intressi vun der Gemeng agéieren. An hei ass et mir ganz egal wien an der Regierung sëtzt. Hei geet et mer just drëm, datt mir bei dësem wichtege Projet – well et ass ee vun deene wichtegste Projeten, well et geet ëm d'Entwécklung vum Zentrum vu Péiteng – d'Intresse vun eiser Gemeng Péiteng bewahren. An et geet nëmmen an deem, datt mer zesumme geschafft hätten. An elo ass de Choix deen – an dee Choix hu mir net getraff - , datt jidderee säi Wee geet an datt – wa mer zesummekommen – jidderee prett ass fir seng Argumenter op den Dësch kënnen ze leeën.

A wa mer géife waarde bis de Projet bis um Dësch läit, da fäerten ech, datt eis d'Zäit fort leeft fir kënnen eis Positioune virzebréngen an och ze verdeedegen. An dat ass deen eenzege Punkt, dee mech hei interesséiert. A mech interesséiert net, wien an der Regierung ass a watfir Parteien dra sinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt just dozou soen, datt ech dem Schäfferot hei kee Virworf wëll maachen, datt hie vu Parteien oder Faarwe geschwat hätt. Den Här Brecht hat eng Partei ernimmt an dofir wollt ech just soen, datt dat net ganz gutt war. Ech wëll just drop hiweisen, datt seng Partei och an der Chamber ass.

Accord par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

11.3.

Urbanisation.

Approbation des rectifications apportées au Projet d'Aménagement Particulier NORD 2 à Rodange présenté par la société «Rodange Lotissement S.A.» - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et waren Diskussiounen, besonnesch wéinst engem Terrain, dee mir sollte cédéiert kréien. An do hat d'Commission d'évaluation vum Stat e puer Remarquë gemaach. An do goung et haaptsächlech ëm den CMU vun 2 Terrainen. Et gouf sech elo op déi 2 CMU-e gëeenegt, déi virgesi sinn um Terrain vum Lotisseur an op deem Terrain vun der Gemeng a wou mer dann déi Critèren erfëllen, déi am PAP virgesi waren, dat heescht net iwwer 1. Dat war eng länger Geschicht, mä mir sinn op deem ganzen Îlot elo net iwwer 1, esou wéi de PAP dat virgesinn huet. Esou datt déi «erreur matérielle», déi urspréinglech am Projet war, elo behuewen ass.

Wann de Gemengerot domatter averstanen ass, da stëmme mer dat elo. De Projet ass jo souwisou scho weider an der Ausféierung, mä da kënne mer och – wa mir deen Terrain als Gemeng eng Kéier kréien – genee definéieren, wat mir fir Gebaier op deem Terrain opriichten.

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 18. September 2014

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Gonçalves Cátia (LSAP)

1. bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Ingenieurs (m/w) - Beschluss.

Herr *Falco Michel* aus Differdingen wurde in die Funktion des Ingenieurs ernannt.

Lehrkontrakte mit 5 Lehrlingen (m/w) unterschrieben - Ratifizierung.

Folgende Lehrkontrakte wurden ratifiziert:

Name des Lehrlings	Beruf
Goergen Mike	*Landschaftsgärtner*
Laroche Céline	*Bademeisterin*
Maquet Max	*Bademeister*
Ribeiro Faria Dane	*Lebenshilfe*
Schaack Vanessa	*Lebenshilfe*

Ernennung eines Diplomerziehers (m/w) für die Maisons Relais - Beschluss.

Frau *Spigarelli Alissa* aus Rodange wurde als Diplomerzieherin – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden pro Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Der Schöffenrat erläutert die Probleme mit den Lastwagen an der Grenze in Rodange und den in diesem Kontext offenen Brief an Herrn François Bausch, Minister für Nachhaltigkeit und Infrastrukturen.

5.1. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Erste Modifizierung der Einnahmen und Ausgaben im ordentlichen Haushalt des Geschäftsjahres 2014 - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

5.2. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Einnahmen in Höhe von 2.579.452,32 Euro – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.3. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Abstimmung eines Zusatzkredites über 30.000 Euro in Bezug auf Bausubsidien und Bauverbesserungen für Wohnungen.

Beschluss einstimmig.

5.4. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Festlegung des Multiplikatorsatzes, welcher im Bereich der Gewerbesteuer im Rechnungsjahr 2015 anzuwenden ist – Beschluss.

Einstimmiger Beschluss, den Multiplikatorsatz im Bereich der kommunalen Gewerbesteuer für das Jahr 2015 festzulegen, dies laut Betriebsgewinn (325%).

5.5. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Festlegung des Multiplikatorsatzes, welcher im Bereich der Grundsteuer im Rechnungsjahr 2015 anzuwenden ist – Beschluss.

Einstimmiger Beschluss, den Multiplikatorsatz für das Jahr 2015 im Bereich der Grundsteuer festzulegen:

Grundsteuer A:	
Landwirtschaftliche Flächen	400%
Grundsteuer B1:	
Industrie- und Handelsgebäude	640%
Grundsteuer B2:	
Multifunktionsgebäude	400%
Grundsteuer B3:	
Gebäude für andere Zwecke	200%
Grundsteuer B4:	
Einfamilienhäuser, Mietshäuser	200%
Grundsteuer B5:	
Nicht errichtete Gebäude sowie Baugrundstücke nicht für Wohnzwecke	400%
Grundsteuer B6:	
Baugrundstücke für Wohnzwecke	600%

5.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Vortrittstabelle des Gemeinderates – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritte und Ernennungen in verschiedenen Ausschüssen – Beschlüsse.

Geheimabstimmung:
Mit 15 Stimmen und einer Enthaltung

- wurde der Rücktritt von Frau Stéphanie Streveler, verh. Arendt als Mitglied des Familienausschusses angenommen;
- wurde Herr Alvaro Pica als neues Mitglied des Familienausschusses ernannt;
- wurde der Rücktritt von Herrn Robert Polfer als Mitglied des Familienausschusses, des Verkehrsausschusses sowie des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit angenommen;
- wurde Herr Jo Soares als neues Mitglied des Familienausschusses ernannt;
- wurde Herr Romain Peters als neues Mitglied des Verkehrsausschusses ernannt;
- wurde Herr Laszlo Toth als neues Mitglied im Ausschuss für Öffentlichkeitsarbeit ernannt;
- wurde der Rücktritt von Herrn Guy Joseph Wagner als Mitglied des Finanzausschusses angenommen;
- wurde Herr Robert Mines als neues Mitglied des Finanzausschusses ernannt;
- wurde der Rücktritt von Herr Robert Mines als Mitglied des Kulturausschusses angenommen;
- wurde Herr Jos Engel als neues Mitglied des Kulturausschusses ernannt;
- wurde Herr Gaston Freymann als neues Mitglied des Verkehrsausschusses ernannt und ersetzt den verstorbenen Herrn Jean-Claude Bouché;
- wurde Frau Marie-Louise Berens als Mitglied des Sportausschusses ernannt und ersetzt den verstorbenen Herrn Jean-Claude Bouché.

5.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Antrag zur Aufnahme der Gemeinde Walferdingen in das „Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique“ (SIGI) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.1. - Unterrichtswesen.

Abstimmung eines Spezialkredits in Höhe von 25.000 Euro bezüglich der Kosten für eine Studie zur Erneuerung des vorderen Schulhofes des Gebäudes „Am Park“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und einer Gegenstimme (adr).

6.2. - Unterrichtswesen.

Abstimmung eines Spezialkredits in Höhe von 25.000 Euro bezüglich der Kosten für die Erneuerung der Schulhöfe in Lamadelaine sowie der unmittelbaren Umgebung - Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und einer Gegenstimme (adr).

7.1. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Verkauf einer Parzelle in der rue Jos. Philippart in Rodange an Herrn Joao Carlos De Sousa Araujo und Frau Maria Lucilia Ribeiro Antunes - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.2. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf einer Parzelle in der rue de l’Eglise in Petingen von der Gesellschaft „Agilis“ sàrl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.3. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf einer Parzelle in der rue du Chemin de Fer in Petingen von der Gesellschaft „Polari“ S.A. - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.4. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf von Parzellen an den Standorten „rue de la Providence“, „avenue de la Gare“, „rue Mathias Heinen“, „Auf den Gehren“ und „rue des Prés“ in Lamadelaine von Herrn Romain Thill - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.5. - Liegenschaften.

Bewilligung eines Vergleichs in Bezug auf den Kauf der Neoapostolischen Kirche in der rue du Moulin in Lamadelaine und Abstimmung eines Spezialkredites in Höhe von 350.000 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.6. - Liegenschaften.

Akt mit dem Luxemburger Staat in Bezug auf den Tausch von Grundstücken an den Standorten „Hinter den Garten“ und „Im Laerchen“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.7. - Liegenschaften.

Akt mit den Konsorten Holz-Chabot in Bezug auf den Kauf eines Grundstückes in der rue de la Providence in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.8. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf einer Parzelle am Standort „rue du Clopp“ in Rodange an Herrn Guy Thill und Frau Anita Jennetten - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.9. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf einer Parzelle am Standort „Zwischen den Recher“ in Lamadelaine an Herrn Luc Gindt und Frau Christiane Baltes - Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

7.10. - Liegenschaften.

Akt mit Frau Jacqueline Bérat, Witwe Sarti, in Bezug auf den Kauf von Grundstücken in den Standorten „Im Dielchen“ und „In Stackels“ in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.11. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Kauf einer Parzelle von der Gesellschaft „Elsa Immo sàrl“ am Standort „rue de la Fontaine“ – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

8. - Soziales.

Bilaterale Konvention 2014 mit dem Ministerium für Erziehung und Berufsausbildung sowie der Jugend für die Maisons Relais – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.1. - Umwelt.

Umweltabkommen in Bezug auf die Abfälle von elektrischen und elektronischen Geräten - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.2. – Umwelt.

Kostenvoranschlag in Höhe von 98201€ bezüglich der Konstruktion eines Waldwegen am Standort „Rollénger-bësch“ in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

10. - Hygiene.

Neue Friedhofverordnung - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

11.1. - Stadtplanung.

Bewilligung des Kostenvoranschlags über 420.000 Euro bezüglich der unterirdischen Verlegung und Erneuerung der Netze in einem Teil der rue du Clopp in Rodange (Phase III) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11.2. - Stadtplanung.

Abstimmung eines Spezialkredites über 20.000 Euro in Bezug auf die Einrichtung des Teilbebauungsplanes des alten Standortes des „Lycée technique Mathias Adam“ in Petingen – Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

11.3. - Stadtplanung.

Bewilligung der Modifizierungen des Teilbebauungsplanes NORD 2 in Rodange, präsentiert von der Gesellschaft „Rodange Lotissement S.A.“ – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Questions des conseillers communaux

Réponses du collège des bourgmestre et échevins

Question écrite du 13 juillet 2014 de M. Joe Thein (adr):

Betrëfft: Behënnertegerechtegkeet

D’adr leet vill Wäert op eng behënnertefrëndlech Gemeng an huet och all Verbesserunge vun der Liewenssituatioun vun eise behënnerte Matmënsche matgestëmmt. No enger politescher Visite zu Stockholm fuerdert d’adr och fir d’Gemeng Péiteng e modernen Zebrasträifen, deen net just obligatoresch beliicht ass, mä och iwwert e Piipssystem fonctionnéiert, deen et blannen, gehbehënnerten oder eeler Leit erlaabt, hire Wee iwwer d’Strooss mat genuch Sécherheet a genuch Zäit ze maachen – de Foussgänger huet a priori Virfaart. D’adr freet beim Schäfferot dowéinst ëm seng Äntwert op folgend Fro:

Ass dem Schäfferot dëse Modell bekannt? Wa Jo, huet de Schäfferot sech schonns mat dëser Iddi ausernee gesat an eng méiglech Analys, eng konkret Käschteberechnung an eng seriéis Efficacitéitsbewäertung gemaach?

Réponse écrite du 12 août 2014 du collège des bourgmestre et échevins:

De Schäfferot analyséiert regelméisseg mat sengen technesche Servicer d’Problematik fir d’Sécherheet vun all de Foussgänger bei roude Luuchten a Kräizungen ze verbesseren. Ma hei stéisst een dacks op Problemer, déi net ze iwwerwanne sinn. Wëll een d’Borduren ewech huele fir datt d‘Rollstullfuerer besser iwwer d’Strooss kommen, dann hëlt een deene blanne Matbierger hire Repère ewech. Hei si sech d’Experten net eens, wat déi bescht Léisung ass. Esoubal eng Léisung fonnt gouf, déi jidderengem gerecht gëtt, wäerte mir déi op eise Stroossen ëmsetzen.

Wéi jidderee feststelle konnt, huet eis Gemeng an de leschte Joere lafend d’Sécherheet op eisen Zebrasträife verbessert. Am Budget stinn zënter Joeren déi néideg Kreditter fir dëst kënnen ze maachen. An allen neie Stroosse sinn eis Foussgängersträifen an de leschte Joere systematesch handicapéiertegerecht aménagéiert ginn, an dat konform zu de leschten Erkenntnisser op dësem Gebitt. Dat ass zum Beispill de Fall an der avenue de la Gare zu Péiteng respektiv an der rue Philippart zu Rodange, fir nëmmen déi ze nennen.

Question écrite du 13 juillet 2014 de M. Joe Thein (adr):

Betrëfft: Plans sectoriels

D'adr erënnert Iech mat dëser "Question communale" un déi 4 Plans Directeurs Sectoriels, déi d'Lëtzebuerger Regierung den 21. Mee 2014 presentéiert huet: de Plan sectoriel de transport (PST), de Plan sectoriel des zones d'activités économiques (PSZAE), de Plan sectoriel logement (PSL) et paysage (PSP). Fir d'Revisioun vun de PAGen, a fir dës a Konformitéit mat de geplangte Plans sectoriels ze setzen, gouf op 4 Joer definéiert. Den Aménagement du territoire ass allerdéngs esou e wichtege politeschen Dossier, datt d'Interesse vum nationalpoliteschem Plang d'Interesse vun der Gemeng Péiteng net blesséieren däerfen an och an onsem eegenen Intérêt musse sinn. D'adr huet e puer konkret Froen, wou si d'Fachwësse vum Schäfferot wéilt consultéieren, wuelwëssend, datt dëse Sujet och schonns méi oder wéineger Géigestand vum Gemengerot gewiescht ass:

1. Wéi steet de Péitenger Schäfferot zu de presentéierte Plans sectoriels?
2. Wéi laang géif eng méiglech Ëmsetzung vun dëse Pläng daueren, a wéi eng direkt an indirekt Konsequenzen op de Budget, Territoire an d'Interesse vun der Gemeng géife sech do presentéieren?
3. Wat begréisst, a wat leent de Schäfferot an dëse Pläng of?
4. Wat sinn déi wierklech wichteg, prinzipiell an ausschlaggebend Elementer fir d'Gemeng Péiteng mat Referenz op déi 4 Haaptdossiere vun dëse Pläng?
5. Wéivill Geld géif dat d'Gemeng Péiteng kaschten, a wat miisste mir kommunal (mat-)finanzéieren?
6. Gleeft de Schäfferot drun, datt dës Plans sectoriels wierklech ëmgesat ginn?

Réponse écrite du 12 août 2014 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Bréif vum 13. Juli 2014, dee mir de 14. Juli 2014 kritt hunn, stellt Dir dem Schäfferot verschidde Froen zu de "plans sectoriels". Hei dem Schäfferot seng Äntwerten:

Bis den 28. Juli konnten d'Bierger dës Pläng an eisen Service technique konsultéiere kommen an hir Remarquen oder Reklamatioune schréftlech un de Schäfferot riichte bis den 11. August 2014. Dat däerf selbstverständlech och jiddwer Konzelljee maachen an esou seng Biergerrechter notzen.

D'Gemeng huet 4 Méint Zäit fir déi 4 Pläng ze analyséieren an een Avis ofzeginn, den Délai leeft den 28. Oktober 2014 of.

An der Oktobersëtzung wäert dëse Punkt op den Ordre du Jour vum Gemengerot kommen, dee sech dann iwwert all dës Interventioune vu senge Bierger wäert positionéieren. Ma de Gemengerot wäert dann och déi 4 Pläng analyséieren a kucken, op déi kommunal Intressien net hypothekéiert oder geschiedegt ginn. Dem Schäfferot seng Aufgab ass et dann, der Regierung déi Péitenger Positioun an dësem Dossier matzedeelen, wat am virgeschriwwenen Délai wäert geschéien. Ma wéi schonns gesot si mer momentan an der Phase vun der Konsultatioun vun eise Bierger.

Gläichzäiteg wéi de Bierger krut och eis Verwaltung d'Hausaufgab fir déi 4 Pläng ënner d'Lupp ze huelen, an de Schäfferot diesbezüglech an d'Bild ze setzen. An esou engem Dossier muss ee Step by Step virgoen, an dat si mer zu Péiteng am gaangen ze maachen.

Eng Äntwert vun der Fro betreffend Dépensë vun dësem Dossier eriwweregt sech.

Question écrite du 13 juillet 2014 de M. Joe Thein (adr):

Betrëfft: Fändelreglementatioun

D'adr emfënnt d'Fussballweltmeeschterschaft als e ganz flott internationaalt Sportsevenement, wat och mat vill Emotiounen, a selbstverständlech engem gutt gelieftem Patriotismus, verbonnen ass. Zäitgläich um 23. Juni war, matzen am Kader vun dëser Weltmeeschterschaft, awer och eise schéinen a wäertvollen Nationalfeierdag.

Aus aktuellem Intressi géif d'adr dowéinst gäre wëssen, wat d'Reglementatioun zum Fändel virschreift, a freet dowéinst konkret:

1. Existéiert eng kommunal (oder national) Reglementatioun déi d'Aushänken an de Gebrauch vum Fändel definéiert, virschreift oder regelt? Wa jo, wat sollt een als Bierger vun dëser Gemeng wëssen, beuechten a respektéieren? Wann dat net de Fall ass, wat sinn dem Schäfferot seng Erklärungen?
2. Muss en auslännesche Fändel op Nationalfeierdag erageholl ginn?
3. Muss e lëtzebuergesche Fändel mat aushänken?
4. Gëtt et e méigleche Choix fir béid Optiounen oder applizéiert sech carrément eng ganz aner Gebrauchsform?
5. Wat sinn d'Konsequenzen am Fall vun engem Netrespektéiere vun der Reglementatioun?

Réponse écrite du 12 août 2014 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Bréif vum 13. Juli 2014, dee mir de 14. Juli 2014 kritt hunn, stellt Dir dem Schäfferot Froe betreffend d'Fändelreglementatioun.

Hei dem Schäfferot seng Äntwerten op dës Froen:

1. Laut eisen Informatiounen existéiert weder eng kommunal nach eng national Gesetzgebung fir d'Aushänken an de Gebrauch vu Fändelen. Et däerfe just keng ustéisseg Fändelen (wéi z.B. rassistescher Natur, Hakekräiz, ….) ausgehaange ginn.

2. Och kënnen déi auslännesch Matbierger hiren Nationalfändel aushänken (z.B. bei hirem Nationalfeierdag, bei enger Fussballweltmeeschterschaft oder aneren Evenementer, …). Dëse Fändel, wéi och de Lëtzebuergeschen, soll awer net dat ganzt Joer dobaussen ze gesi sinn.
3. De Schäfferot huet schonn e puermol duerch Avisen d'Awunner aus der Gemeng invitéiert, fir um Nationalfeierdag de lëtzebuergesche Fändel auszehänken. Dëst Joer huet eis Gemeng eng ronn 250 lëtzebuergesch Fändele gratis un d'Leit aus der Gemeng verdeelt. D'Awunner konnten de Fändel am Accueil vum Stadhaus ewechhuelen. Domatter wollte mer erreechen, datt nees méi lëtzebuerger Fändelen op eisem Nationalfeierdag vun de Bierger opgehaange ginn, wat och réusséiert ass.
4. Well et kee Gesetz a kee Reglement gëtt, kann een och net bestrooft ginn, ausser wann een ustéisseg Fändele géif ophänken.

Question écrite du 24 juillet 2014 de M. Romain Becker (déi gréng):

Betrëfft: Zoustand vun der Kor

Säit méi wéi engem Mount ass mir opgefall, datt d'Kor / d'Chiers net méi esouvill Waasser huet wéi soss, net méi esou kloer ass wéi soss an zäitweis vill méi sténkt wéi soss an datt den Zoustand vun der Baach sech ëmmer méi degradéiert huet. Et hunn och schonn e sëlleche Leit mech doropper ugeschwat. Ech krut op meng Nofroen als Äntwert, dass dat d'Resultat wier, well zu Déifferdeng de Switch vun der Arcelor-Kläranlag gemaach gi wier. Elo géif da manner Waasser vun Déifferdeng kommen an dofir wier d'Kor dann elo esou.

Bon, ech hu mech mat där Äntwert zefridde ginn, an der Hoffnung, datt nom ville Reen dat Ganzt sech erëm géif verbesseren.

Mä deem ass nach laang net esou. Menge leschten Informatiounen no ass d'Kor dout, absolut dout, ouni eng Grimmel Sauerstoff, ouni Liewewiesen, ouni näischt, dout mat där passender schwaarzer Faarf. Et ass och esou, datt héich Ammoniumwäerter gemooss gi wieren an datt dës Wäerter deen normalen Taux vun Ammonium, dee souwisou an enger Baach ass, wesentlech géif iwwerschreiden.

- Ass de Schäfferot iwwer den Zoustand vun der Kor informéiert ginn?
- Wa Jo, wéini a vu wiem (Administratioun oder ...) ass de Schäfferot informéiert ginn?
- Firwat huet de Schäfferot et net fir néideg fonnt fir de Gemengerot ze informéieren?
- Weess de Schäfferot, datt d'Firma "Kronospan" vun Zolwer wahrscheinlech d'Ursaach ass fir déi doudeg Kor, well hiren Iwwerlaf anstatt an de Schmotzwaasserkanal an de Reewaasserkanal leeft?
- Wat wëll de Schäfferot ënnerhuelen, vu datt vun der rue de la Piscine zu Péiteng bis op d'Grenz zu Rodange d'Kor bei eis ee vun de gréisste Weeër vun all de Kordallgemengen huet?
- Miissten net, an dat virun allem bei der Spillplaz a Skatepiste zu Péiteng, Schëlter stoe fir d'Leit an d'Kanner ze warnen, datt si net an d'Waasser solle goen (z.B. mam Sprëtzrevolver spillen, de Ball an d'Waasser siche goen)?
- Miissten net d'Leit, déi laanscht d'Kor wunnen (z.B. Péiteng, rue de la Chiers a rue de l'Eglise) gewarnt gi fir kee Waasser méi aus der Kor ze huele fir hire Gaart ze netzen?
- Ass de Schäfferot informéiert, datt eng Réunioun aberuff ginn ass mat der Administration de la Gestion de l'Eau, wouhinner och déi Responsabel vun der Firma "Kronospan" invitéiert sinn?
- Huet de Schäfferot an dëser traureger Geschicht Kontakt mat de Schäfferéit aus de Kordallgemengen, fir vläicht eppes géint d'Firma "Kronospan" oder iwwerhaapt eppes zesummen ze ënnerhuelen?
- Wier et net eventuell um Schäfferot, fir eng ëffentlech Informatiounsversammlung, mat Experten an Naturschutzveräiner, ze organiséiere fir eis Bierger ze informéieren?

Réponse écrite du 12 août 2014 du collège des bourgmestre et échevins:

Mir hunn Äre Bréif zur Kenntnis geholl, an deem Dir op d'Problemer vun eiser Kor hiweist, a géingen Iech dës Äntwerte matdeelen:

- De Schäfferot ass vu verschiddenen Awunner informéiert ginn, datt d'Kor net méi esou propper wier an ëmmer méi géif sténken. Als éischt krut de Schäfferot vun Experten erkläert, dat kéim dohier, well et ze laang net méi genuch gereent hätt an d'Kor net genuch Waasser géif féieren. Dat huet hien awer net esou richteg gegleeft. Wéi et dunn emol bis richteg gereent hat, do gouf festgestallt, datt d'Situatioun vun der Kor sech alles anescht wéi verbessert hat.
- De SIACH hat den 08.04.2014 déi Déifferdenger Kläranlag ofgeschalt, wouduerch tëscht Nidderkuer a Péiteng ongefëier 80l/s Waasser aus der Kor geholl si ginn. De Waasserpegel ass doduerch erofgaangen. Fir dës Situatioun ze verbesseren, huet de SIACH ab dem 07.06.2014 nëmme méi eng 30-40l/s Waasser aus der Kor geholl.
- De 06.06.2014 huet de SIACH iwwer Mail an iwwer Telefon d'Gestion de l'Eau informéiert - mat Kopie un den Wirtschaftsministère -, datt Waasserqualitéit vun der Kor schlecht wier, an datt d'Ursaach méi wéi wahrscheinlech op der Gadderscheier ze siche wier. De SIACH huet och Waasserprouwe gemaach an déi weider ginn, wou se awer, wéi et schéngt, bei der Firma LuxControl verluer gaange sinn. Dës Interventioun vum SIACH ass ouni Reaktioun bliwwe vun Säite vun den zwou Statsverwaltungen, Gestion de l'Eau a Wirtschaft.

- Den 03.07.2014 huet de SIACH nei Analyse vum Waasser vun der Kor geholl fir se vum Laboratoire vun der Gestion de l'Eau analyséieren ze loossen. De SIACH huet an der Industriezon Gadderscheier Waasserprouwe geholl vun deem wat an d'Kanalisatioun vum Reewaasser respektiv an déi vum Ofwaasser gefloss ass. Esou koum des Affaire dunn un d'Rullen.
- Den 07.07.2014 haten d'Servicer vun eiser Gemeng eng Entrevue mam Här Paul Weiker vun der Gestion de l'Eau op der Plaz, wou d'Gemeng ënner anerem erkläert krut, datt si d'Kor net dierft botzen, dat géif an d'Kompetenz vum Stat falen. Den Här Weiker huet des Weidere gesot, datt och seng Divisioun vun hirer Verwaltung d'Kor net géif botzen, ma datt hien den Dossier géif weiderginn un Divisioun vun der Protection de l'Eau. D'Gemeng waart haut nach op eng Äntwert, scho guer net ze schwätze vun enger Interventioun. Der Gemeng sinn an dësem Dossier d'Hänn gebonnen, an de Stat bougéiert net.
- D'Ëmweltministesch huet den 30.07.2014 en Arrêté d'Urgence geholl fir datt déi néideg Moossnamen direkt kéinten an d'Weeër geleet an déi richteg Ursaachen opgedeckt a gestoppt kënnte ginn.
- Den 01.08.2014 koum du Bewegung an den Dossier. D'Administratioun vun der Gestion de l'Eau huet eng Réunion d'Urgence aberuff, an déi och di 4 betraffe Gemenge Péiteng, Käerjeng, Déifferdeng a Suessem esou wéi och de SIACH invitéiert gi waren. Do krute mir da matgedeelt, datt d'Verschmotzung vun der Kor vum Iwwerlafbecke vun der Gadderscheier verursaacht géif.
- Gläichzäiteg gouf och ee Comité d'Accompagnement instauréiert, deen de Suivi vun den Étuden an de Moossnamen assuréiert, fir datt d'Waasserqualitéit, d'Fauna an d'Flora nees kënnen hirgestallt ginn. An dësem Comité sinn d'Gemeng Péiteng an de SIACH vertrueden. Dëse Comité kënnt wéinstens zwee Mol am Mount zesummen, an dat zënter dem 06.08.2014.
- De Schäfferot huet de Pressecommuniqué vun der Regierung ouni ze waarden op eisen Internetsite gestallt, wou mer d'Bierger och drop hiweisen, datt een d'Waasser vun der Kor net soll drénken, an datt een och net soll an d'Kor piddele goen. Mir krute vum Stat offiziell matgedeelt, datt keng direkt Gefor fir de Bierger besteet.
- Wéi een aus dem Historique eraus gesäit, hat de Schäfferot iwwerhaapt keng Méiglechkeet fir de Gemengerot speziell ze informéieren, well hien nach keng Äntwerten op seng Froe kritt hat, ausser déi, datt d'Gemeng d'Kor net dierf botzen. Et ass evident, datt de Gemengerot an der nächster ëffentlecher Sëtzung iwwer dësen Dossier ënner de Kommunikatioune vum Schäfferot in extenso an d'Bild gesat gëtt.
- Aus därselwechter Ursaach huet et absolut kee Sënn gemaach fir eng Biergerversammlung anzeberuffen an onnëtz Panik ze maachen. D'Gemeng wier jo nach net amstand gewiescht, fir op de Leit hir Froen ze äntwerten. Esoubal wéi dat de Fall ass, a wann dann nach ee Besoin besteet, huet de Schäfferot absolut kee Problem fir sech mat senge Bierger an dësem Dossier un een Dësch ze setzen. Et soll een awer net vergiessen, datt et e Problem vum Stat a vun der Regierung ass, an datt d'Gemeng eng ënnergeuerdnet Roll an dësem Dossier spillt.

Question écrite du 27 juillet 2014 de M. Camille Gira (CSV):

Betrëfft: Zoustand vun der Kor

Bedéngt duerch dee wéinege Reen an de leschte Wochen, féiert d'Kor wéineg Waasser. Et ass awer och festzestellen, datt vun dësem Waasserlaf, deen deelweis donkel gefierft ass, en onangenehme Geroch ausgeet. Ass dëser Ursaach schonn op de Fong gaange ginn?

Betrëfft: Gestaffelte Waasserpräis

Laut engem Presseartikel am Lëtzebuerger Wort vum 15. Mee soll e gestaffelte Waasserpräis dach elo méiglech sinn, wéi den Innen- an Ëmweltministère signaliséieren. Wéi steet de Schäfferot zu dësem gestaffelte Waasserpräis, wann d'Gemeng doriwwer bestëmme kann, an d'Regierung net un engem Eenheetspräis fir Lëtzebuerg festhält?

Betrëfft: Grénganlagen

Et ass festzestellen, datt eng Rei vu Grénganlagen – virun allem déi méi kleng laanscht d'Stroossen – sech zu engem groussen Deel selwer iwwerlooss sinn, esou datt d'Natur hei hiren eegene Gesetzer kann nogoen, wat awer net ëmmer am Sënn vun den Awunner a sécher och net vun de Gemengeresponsabele ka sinn. Kann een hei net envisagéieren, dës "Beeter" esou ze beplanzen, datt eng manner intensiv Fleeg néideg ass? (Blummewiss, Buedemdecker, ...)

Betrëfft: Circuit autopédestre an Natuerweier um Hierschtbierg

Ech wollt weider op de schlechten Zoustand vum Circuit autopédestre a gläichzäiteg op den Naturweier um Hierschtbierg hiweisen, dee kaum nach Waasser huet. Ass an dësem Punkt schonn eng Léisung envisagéiert?

Réponse écrite du 28 juillet 2014 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Bréif vum 27. Juni 2014, deen Dir un de Schäfferot adresséiert hat, wollt Dir Äntwerten op dës Froe kréien:

Zoustand vun der Kor

De 7. Juli 2014 war eng Entrevue mat dem Här Paul Weiker, Vertrieder vun der „Administration de la gestion de l'eau", zesumme mat dem zoustännege Schäffen, engem Vetrieder vun eisem techneschen Service an eisem Ëmweltservice. Do ass festgehale ginn, datt d'Flossbett vun der Kor net dierf gerengegt ginn. Den Här Weiker gëtt den Dossier awer a sengem Service virun un d'„Protection de l'eau" fir der Ursaach vun deem donkel gefierfte Waasser op de Grond ze goen. De Schäfferot bleift selbstverständlech un dem Dossier drun an informéiert de Gemengerot esoubal wéi Resultater virleien.

Gestaffelte Waasserpräis

De Schäfferoot steet der Iddi vun engem gestaffelte Waasserpräis open géigeniwwer, verweist allerdéngs op d'parlamentaresch Fro n°169 vum 25. Mäerz 2014, déi vum Deputéierte Fränk Arendt gestallt ginn ass. Mat dem Datum vum 30. Abrëll 2014 hunn d'Ëmweltministesch an den Inneminister an enger gemeinsamer Erklärung drop verwisen, dass d'Europäesch Kommissioun effektiv zur Conclusioun komm ass, dass e gestaffelte Waasserpräis konform zur europäescher Directive iwwert d'Waasser wier. Des Weidere gëtt an der parlamentarescher Äntwert drop verwisen, dass:

« Le Gouvernement poursuivra la démarche d'une harmonisation des prix de l'eau selon le schéma élaboré par l'Administration de la Gestion de l'Eau en prévoyant un prix spécifique pour les ménages, l'industrie et l'agriculture, dans le respect de l'autonomie communale ».

Heizou ass ze soen, dass d'Péitenger Gemeng dës Waasserpolitik zu engem groussen Deel - sou wéi vum Waasserwirtschaftsamt prekoniséiert - ëmgesat huet. Sollt vu Säite vun der Regierung allerdéngs Initiativen an d'Richtung vun engem gestaffelte Waasserpräis kommen, sou géif de Schäfferot den Entretien mat de 4 Kordallgemenge siche fir eng gemeinsam Strategie ze fannen.

Weiderhin ass och ze soen, dass Bierger, déi e finanziell problemateschen Hannergrond hunn, sech och haut scho kënnen un den "Office social" wenden, fir eng Léisung ze fannen.

Grénganlagen

Och wann d'Natur hir eege Gesetzer huet, an no Reen, dréchenem a waarme Wieder alles méi séier wiisst, sinn eis Gemengeservicer dozou ugehale ginn, fir och méi regelméisseg no de Grénganlagen - besonnesch déi laanscht de Stroossen - ze kucken a se ze ënnerhalen.

Ausserdeem gëtt och gekuckt, wou et méiglech ass, eng Blummewiss oder eng Plantatioun ze maachen, déi ëmmer gréng ass. Den Haaptproblem vun deene Beeter ass, dass do immens vill Dëschtelen a Wann stinn, déi dann och an déi aner Beeter wuessen. Wahrscheinlech muss een zum Deel och e Buedemaustausch virgesinn.

Circuit autopédestre an Naturweier um Hierschtbierg

Och hei sinn d'Gemengenservicer chargéiert ginn, déi néideg Aarbechten ze maachen a se regelméisseg an hirem Aarbechtsplang virzegesinn.

Wat den Naturweier um Hierschtbierg ugeet, esou hoffe mir, Iech eng Léisung am Hierscht kënnen ze presentéieren.

Séance publique du 13 octobre 2014

Durée de la séance: *15.00 à 18.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Absents et excusés:

Néant

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.00 heures)

1. Personnel
   1.1. Démission volontaire d'une employée communale - décision.
   1.2. Deuxième échec d'un expéditionnaire-stagiaire à l'examen d'admission définitive - information.

2. Enseignement musical: Ratification de contrats de travail - décision.
3. Affaires sociales: Ratification d'un contrat d'apprentissage - décision.

Séance publique (15.15 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Enseignement: Approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire relatif au réaménagement de l'Ecole de Lamadelaine - décision.
6. Enseignement musical: Approbation de l'organisation scolaire de l'Ecole de Musique pour l'année 2014/2015 - décision.
7. Propriétés
   7.1. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'une parcelle sise à Rodange, Chemin de Brouck de la part de ASA Bâtiments sàrl - décision.
   7.2. Approbation du compromis relatif à la location par bail emphytéotique d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «zone commerciale» au Garage Martin Losch sàrl - décision.
8. Affaires sociales: Approbation de la convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'exercice 2014 - décision.
9. Urbanisation
   9.1. Prise de position concernant les plans directeurs sectoriels - décision.
   9.2. Taxe de participation au financement des équipements collectifs - décision.
10. Dépenses diverses: octroi de cadeaux de service.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Démission volontaire d'une employée communale – décision.

La démission volontaire de ses fonctions est accordée à Mme Christiane Bindels avec effet du 1er mars 2015. L'intéressée aura droit à une pension annuelle et viagère.

Par conséquent, le poste d'employé communal au service du secrétariat général à l'Hôtel de Ville est supprimé avec effet du 1er mars 2015.

Contrat d'apprentissage signé avec un apprenti (m/f) – ratification.

Le contrat d'apprentissage suivant a été ratifié:

Nom de l'apprenti	Métier
Morais Lopes Jessica	dessinateur en bâtiment

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn d'Resultater vum Minett-Kompost kritt, bei dee mer eisen Dreck ginn dee biologesch ofbaubar ass. Si maachen ëmmer Analysen do drop a si hunn eis elo d'Resultater vun 2013 matgedeelt. An der Moyenne hu si 1,54% Offall fonnt, deen net biologesch ofbaubar ass. An d'Gemeng Péiteng huet awer e ganz gutt Resultat kritt, mat nëmmen 0,47% vu Saachen am gréngen Dreck, déi net ofbaubar sinn. Wéi gesot, dat ass méi ewéi 3 mol ënner dem Duerchschnëtt an et ass an engems deen nidderegsten Taux, dee se beim Minettkompost festgestallt hunn. A si encouragéieren eis Bierger aus der Gemeng, fir och weiderhin esou gutt matzeschaffen an nëmmen déi Saachen an déi gréng Dreckskëscht ze geheien, déi och dra gehéieren. Si sinn och der Meenung, datt dat gutt Resultat zeréckzeféieren ass op déi gutt Informatiounspolitik vun eisem zoustännege Service, respektiv duerch eis Brochuren.

Breyer Roland, Schäffen:

Beim «Grand Bis» hu mer eng Nouvelle kritt, déi an der Rei ass, an déi op dee richtege Wee hiweist. Mä et ass e Wee, deen awer nach laang schéngt ze sinn.

Op Grond vun deenen Démarchen, déi mer ënnerholl hunn, an op Grond vun deenen Entrevuen, déi mer mam Minister vun der Economie haten, hu mer den 29. September e Bréif kritt, datt de Stat sech elo formell engagéiert fir d'Frais de viabilisation vum «Grand Bis» ze iwwerhuelen. Déi Fraise si geschat ginn – mat der Astandsetzung a mam Assainissement, well den Terrain jo polluéiert ass – op iwwer 17 Milliounen Euro. An dovunner géif de Stat da 85% iwwerhuelen, wat ronn 14,5 Milliounen Euro ausmécht.

De Stat ass och averstane fir der Gemeng déi Suen zeréckzebezuelen, déi mir als Maître d'ouvrage scho virbezuelt hunn. De Projet geet op d'Joeren 1998/1999 zeréck an do si scho bal eng hallef Milliounen Euro vun der Péitenger Gemeng mat investéiert ginn an déi Viraarbechten. De Stat wier averstanen, fir déi Suen zeréckzebezuelen. Dat soll dann iwwer de Sikor lafen, well et eng regional Zon ass. An de Sikor soll och déi Terraine kréie mat engem «droit de superficie» op 50 Joer, a soll déi bezuele mat 200 Euro den Hektar, wat jo praktesch näischt ass.

De Sikor soll dann domatter beoptraagt gi fir Interessenten ze fannen, déi den «droit de superficie» géifen op 30 Joer lounen, mat enger «indemnité unique» vun 10.000 Euro den Ar. Dat ass e bësse méi héich wéi déi, di am ZARE war, mä et ass awer manner héich wéi an neien Zonen, déi an der Périphérie entstinn. Déi moralesch oder physesch Persounen, déi sech dofir interesséieren, mussen och selwer déi Zonen exploitéieren.

Mir schwätze beim «Grand Bis» vun enger Zon vun am Ganzen 15,67 Hektar. Dovunner si 4,14 Hektar fir d'Utilité

publique, esou datt 11,50 Hektar viabilisabel bleiwen. Dovunner kënne 60% verbaut ginn, wat de PAP ubelaangt.

D'Projektioun wier, fir an absehbarer Zäit wéinstens eng 50 Surfacen ze kréien, déi tëscht 15 a 50 Ar géife leien, an déi awer cumulabel wieren. Wa gréisser Betriber géife kommen, da wier et och méiglech fir verschidde Secteure beieneen ze maachen.

Dat ass eng gutt Nouvelle. Wat awer net esou gutt ass, dat ass, datt nach zousätzlech eng «Umweltverträglichkeitsuntersuchung» gemaach soll ginn. Zwar net méi iwwer all dat, wat um «Grand Bis» ass. Déi Saache mat de Biotopen, der Verseuchung oder dem Problem mat de Fliedermais ass gekläert. Hei geet et elo drëm, datt dee «Grand Bis» muss opgefëllt ginn. Well deen Terrain läit jo méi niddereg. Op der belscher Säit ass e schonn opgefëllt. Hei sollen 232.000 Tonne Füllmaterial drop kommen. Dat sinn ongeféier 8.000 bis 10.000 Camionen, déi dat dohinner solle bréngen. An do gëtt elo vum Ministère aus eng zousätzlech «Umweltverträglichkeitsuntersuchung» gefrot, fir ze kucken, wéi déi Camionen elo sollen dohinner kommen a wéi soll opgefëllt ginn. De Ministère huet festgestallt, datt – Oh Wonner ! – d'Avenue de l'Europe net fonctionnéiert an datt déi Strooss éiweg blockéiert ass an een doduerch net nach kann déi zousätzlech Camionen dropsetzen.

Eng Méiglechkeet wier den Zuch, deen derlaanscht leeft. Mä da miisst een nach zousätzlech Halte maachen. Eng Léisung war an der «Umweltverträglichkeitsstudie» proposéiert gi fir sech mat deene franséische Partner eens ze ginn, fir datt een iwwer deenen hiren Territoire kéint erafueren. Mä deenen hire Buergermeeschter wäert awer soen, datt déi Chancen awer ganz kleng sinn, datt dat kéint geschéien.

Esou datt mer elo mussen ofwaarden, wat an deem Sënn nach vun Oploe kommen a wat bei där «Umweltverträglichkeitsuntersuchung» dobäi eraus kënnt fir de Mënsch a punkto Kaméidi a Belästegungen duerch d'Camionen. 232.000 Tonne mussen awer dohinnerkommen. An esoulaang dat net kloer ass, ass et schwéier eng Pronostique ze maachen.

Mir sinn awer ganz optimistesch a mir rechnen domatter, datt 2015 déi éischt Opfëllung ka geschéien. An da wäert et nach 2 Joer daueren, bis d'Viabilisatioun fäerdeg ass. Mä de finanziellen Accord vum Stat ass emol do. Et ass emol dat, wat sécher ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer nach zu enger Matdeelung, déi an deene leschte Wochen «à la une» ass a wou mer verschidde Saache mussen als Schäfferot richtegstellen oder op mannst eis Vuen dem Gemengerot matzedeelen. Well de Gemengerot huet d'Recht, datt hien d'Vuë vum Schäfferot an dësem Dossier kennt. An et geet hei ëm déi grouss Geschicht mat de Camionen op der Grenz zu Rodange.

An der leschter Gemengerotssëtzung hat de Schäfferot de Gemengerot informéiert, datt hien en oppene Bréif un de Minister François Bausch geschriwwen huet, fir hien op eng extrem kritesch Verkéierssituatioun op der Route nationale N5 hinzeweisen, déi sech nach wesentlech verschlechtere wäert duerch een Arrêté vum neie Buergermeeschter vu Longlaville Jean-Marc Duriez, fir hanner der Grenz en Tronçon fir de Camionsverkéier iwwer 3,5 Tonnen zouzemaachen.

D'Äntwert vum Här Bausch war eigentlech fir mech eng onnëtz a bëlleg Polemik, déi hien op Facebook duerch seng onnuancéiert, onkomplett – an do kommen ech nach drop zeréck – a falsch Interpretatioun vun der Rechtslag lassgetrëppelt huet. Ech hunn als Buergermeeschter drop verzicht, fir op deem nämmlechten Niveau ze äntweren. A mengen 21 Joer Politik, wou ech bis elo all Dossier sachlech ugaange sinn, wäert ech mech och elo net vum Minister François Bausch aus der Rou brénge loossen. Den Débat iwwer dëse Verkéiersproblem huet duerch eng parlamentaresch Ufro vun zwee sozialisteschen Deputéierten – deenen ech op dëser Plaz och dofir perséinlech wëll Merci soen – erëm zeréck fonnt op déi Plaz, wou dësen higehéiert. Ech kommen awer nach méi spéit op dem Här Bausch seng Äntwert zeréck.

Virdru wëll ech awer nach emol op den Ursprong vun dëser Diskussioun zeréckkommen. Den 21. Dezember d'lescht Joer huet den deemolege Buergermeeschter Roger Corbelotti mir an enger vun de regelméissege Réuniounen, déi ech mat him hat, matgedeelt, datt hien envisagéiert d'Strooss hanner der franséisch-lëtzebuerger Grenz fir de Schwéiertransport ze späre. No enger längerer Diskussioun, wou ech hien drop opmierksam gemaach hat, datt d'Gemeng versiche wäert fir den zoustännege Minister ze kontaktéieren, fir gemeinsam no eventuelle Léisungen ze sichen, huet den Här Corbelotti vorübergehend drop verzicht, fir dës Décisioun ëmzesetzen.

Den 13. Januar dëst Joer – an net eréischt am Mäerz – huet de Péitenger Schäfferot de Minister François Bausch iwwer dës eventuell Décisioun, déi verheerend Konsequenze fir de Verkéier op der Route nationale N5 hätt, an d'Bild gesat an an enger Réunioun vum 13. Mäerz hu mir dann ënnert villen anere Verkéiersproblemer, déi an eiser Gemeng duerch de massiven Transitverkéier verursaacht ginn, och dëse Problem ugeschwat.

De 24. Juli huet den neie Buergermeeschter vu Longlaville mech fir den 1. September 2014 ëm 10 Auer an eng Réunioun op Longlaville geruff, fir, ech zitéieren, «pour que nous puissions échanger sur les solutions que je me propose de mettre en oeuvre». Dat heescht, et ass ganz kloer, hien hat seng Décisioun scho geholl an hie wollt eis just informéieren. Mir hunn doropshin dem Buergermeeschter geäntwert, datt dëst een nationale Problem ass, an datt mer aus deem Grond och dee selwechten Dag e Bréif un den zoustännege Minister geschéckt hätten, fir an enger gemeinsamer Réunioun all zesummen eng Léisung ze fannen. Leider – an dat muss ee ganz kloer soen – huet den Här Bausch eis bis haut nach net op dee Bréif geäntwert an de Buergermeeschter vu Longlaville huet eis dann awer den 8. September schréftlech matgedeelt, datt hien décidéiert hätt, ech zitéieren nach eng Kéier «de prendre un arrêté municipal d'interdiction de circulation au plus de 3,5 tonnes sur cette artère».

Mat där Décisioun ass d'Route nationale N5 fir eng Rei Verkéiersteilnehmer – d'Camionen iwwer 3,5 Tonnen – zu enger Sakgaass degradéiert ginn, wat verkéierstechnesch op dëser Nationalstrooss zu ganz grousse Problemer féiere wäert.

Wat elo d'Äntwert vum Minister op déi parlamentaresch Ufro ubelaangt, wier ganz vill ze soen, mä ech wëll mech nëmmen op dat Wesentlecht beschränken:

1. Et ass sécherlech schwéier, fir korrekt Konklusiounen zu engem Problem ze zéien, wann een den Ursprong vum Problem «dès le départ» falsch presentéiert. Wat den Här Bausch hei gemaach huet. Den Här Bausch huet näämlech a senger Äntwert behaapt, ech zitéieren – ech sinn ëmmer korrekt an ech zitéieren déi Saachen – «La proposition d'identifier des zones à caractère industriel ou commercial dans le PAG de la commune de Pétange longeant la N5 à Rodange, résulte à la base de décisions politiques au niveau communal. L'implantation des stations essence à cet endroit, qui remonte aux années

1970-1980 en a été la conséquence.» Effektiv waren d'Tankstelle schonn 1970-1980 op där Plaz, mä den éischte PAG vun der Gemeng gouf eréischt – wéi mer alleguerte wëssen – am Joer 1992 gestëmmt an huet noutgedronge sech der existenter Situatioun ugepasst. D'Tankstellen waren deemno schonn do, wéi 1992 am PAG dës Terrainen als «Zone artisanale et commerciale» definéiert goufen.

2. Weider seet den Här Bausch, dass, ech zitéieren hien erëm eng Kéier «Dans la mesure où des établissements se sont implantés dans une zone urbanistique qui le permet, l'Etat ne peut refuser la délivrance des autorisations commodo-incommodo». Dës Ausso ass deemno och falsch an deem Sënn wou et an de Joeren 1970 bis 1980 keng esou eng Zon gouf. Och wëll ech hei ervirsträichen, dass an dëse Joeren de Schäfferot a quasi all de Fäll een «Avis défavorable» am Kader vun der Commodo-Incommodo Prozedur ginn huet. Och huet de Péitenger Gemengerot een Avis juridique vum Maître Steve Helminger virleien, deen dës Ausso vum Här Bausch wesentlech nuancéiert, wann net esouguer carrément widderleet. Ech zitéieren den Affekot Maître Steve Helminger: «Par contre, les autorités compétentes en matière d'établissements classés peuvent-elles directement invoquer des considérations ayant trait à la sécurité, la salubrité, la tranquillité et la santé publique pour veiller à la sureté et la commodité du passage sur les voies publiques par le billet mêmes de leurs autorisations respectives. Ainsi, si sur base d'une étude trafic par exemple il devait s'avérer qu'à tel ou tel endroit une station-service d'une telle envergure causerait problème ils pourraient imposer les restrictions voire même tout simplement refuser leur autorisation. Si donc les deux autorités tant communales que ministérielles peuvent intervenir pour refuser l'implantation d'une station-service, on doit constater que les moyens pour y aboutir sont directs pour les autorités étatiques, qui peuvent statuer sur la problématique dans le cadre même de leur autorisation à délivrer, tandis que l'autorité communale directement concernée, à savoir le bourgmestre a les mains liées et qu'une commune ne peut s'opposer à une telle implantation que par le biais d'une procédure lourde d'une modification ponctuelle de son PAG». Op mannst widderleet den Affekot dat, wat den Här Bausch gesot huet.

3. Och muss ech soen, dass déi Ausso vum Här Bausch, ech zitéieren «L'Etat a déjà pris nombre de mesures réglementaires et infrastructurelles afin de contribuer à augmenter la qualité de vie dans les localités de la Commune de Pétange, comme la construction de la collectrice du sud et la N31 pour contourner les localités de Pétange, Lamadelaine et Rodange, ainsi que le réaménagement de la N5 pour ne citer que quelques exemples» eigentlech nëmme vun engem Minister komme kann, deen d'Situatioun an eiser Gemeng net emol usazweis kennt an eigentlech als ee Schlag an d'Gesiicht fir all d'Bierger aus eiser Gemeng ëmfonnt muss ginn, déi all Dag ënnert dem enormen Transitverkéier - also keen hausgemaachte Verkéier - leide mussen.

4. Ganz vergiess huet de Minister, den Här Bausch, a senger Äntwert drop anzegoen, dass de Ministère, deem hien elo virsteet, an all deene Fäll eng «Permission de voirie» ausgestallt huet, eng «Permission de voirie» ouni déi, trotz Baugenehmegung vum Buergermeeschter de Bau vun dësen Tankstelle laanscht der Route nationale net méiglech gewiescht wier.

5. Den Här Bausch huet op engem Punkt Recht, an zwar, dass d'Tankstelle schonn 1970 bis 1980 op der Grenz entstane sinn. Zu deem Zäitpunkt war kee Problem, wat bedeit, dass d'Tankstellen u sech op där Plaz kee Problem duerstellen. D'Problem ass Enn der 90er Joeren, mä haaptsächlech an de leschten 10 Joer entstanen, wéi mat der A13 ëmmer méi Camionneuren d'A13 tëscht Rodange a Schengen vun der Belsch a Frankräich an Richtung Saarland an zeréck benotzen. A well si op deem ganze Lëtzebuerger Tronçon keng Approvisionnements-méiglechkeet hunn - wéi zu Capellen, Bierchem a Waasserbëlleg - si se forcéiert d'A13 ze verloosse fir ze tanken. Hei deelen ech dem sozialisteschen Deputéierten Yves Cruchten seng Meenung, dass esou eng Tankstell op der A13 eng Entlaaschtung vun de Rodanger Tankstelle mat sech brénge géif.

Schlussendlech sinn ech frou, dass de Minister, den Här Bausch, dem Péitenger Schäfferot den 12. November eng Entrevue zougestanen huet fir eng Léisung vum Verkéiers-problem ze fannen, fir deen hien, ech zitéieren de Minister nach eng Kéier «je ne qualifierais pas ces problèmes d'exclusivement nationaux» – an do ass dat, wat d'Press heiansdo bréngt, an zwar datt et just e Gemengeproblem wier – sech dann awer op mannst zu engem Deel verantwortlech fillt, wat fir mech schonn deen 1. positive Schratt ass.

Mir hoffen, datt mer den 12. November zesummen eng Léisung fannen an datt mer ophalen, fir een deen anere responsabel ze maachen. Well domatter komme mer net virun.

Dat war déi Kommunikatioun, déi mer an deem Dossier wollte maachen. A mir hu laang nogeduecht, op mer sollten an der Press reagéieren. Mä mir waren awer der Meenung, datt mer dat net sollte maachen, mä de Gemengerot huet awer d'Recht ze wëssen, wéi d'Situatioun richteg ass an datt net alles esou richteg a komplett richteg ass, an esou ondiskutabel ass, wat vu ministerieller Säit gesot gouf.

5.

Enseignement.

Approbation du décompte provisoire au montant de 7.470.000 euros et vote d'un crédit supplémentaire de 1.020.000 euros relatif au réaménagement de l'école de Lamadelaine – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jiddereen, dee gëschter op der Journée de la commémoration nationale zu Rolleng mat dobäi war, konnt gesinn, datt d'Rollenger Schoul lues awer sécher fäerdeg gëtt. Fir déi Rollenger Schoul hu mer de 17. Dezember 2010 en Devis gestëmmt an duerno hu mer och nach décidéiert, fir d'Fassad ronderëm frësch ze maachen. Dat war den 20. Dezember 2013, wou ganz vill a ganz intensiv an all Eck vun där Schoul geschafft gouf. Et waren 3 al Gebaier, déi mer komplett renovéieren a wou mer aus enger Schoul mat 3 Gebaier, déi duerch e Gank verbonne waren, elo eng Schoul gemaach hunn, déi eng Eenheet duerstellt. An dir wäert gesinn, datt dat gelongen ass.

Mir hunn effektiv während all deene Méint – a besonnesch während deene leschte Méint – eng Rei Décisioune miissten am Schäfferot huelen, fir datt dee Projet och anstänneg a valabel iwwer d'Bühn soll goen. Do sinn Iwwerraschunge komm, wat bei engem Albau, dee renovéiert gëtt, net ausgeschloss ka ginn. Do sinn och Dépassementer komm. An dir hutt an ärem Aide-mémoire eng Rei vu supplementaren Aarbechten opgelëscht, déi mer am Schäfferot guttgeheescht hate fir dee ganze Projet och kënnen anstänneg ofze-schléissen. Ech wëll der e puer hei opzielen, fir och e bëssen

ze erklären, wat do op eis zoukomm ass a wat a priori am Ufank net virgesi war. Et si sécherlech och Saachen dobäi – an déi wäert ech och speziell ernimmen - , déi vum Architekt vergiess gi ware fir an de Bordereau respektiv an den Devis ze setzen. Dat ass awer nëmmen e klengen Deel. De Gros sinn Aarbechten, déi mer «en cours de route» hu miissten décidéieren.

Wat war dat? Mir hu während den Aarbechte festgestallt, datt am Keller ronderëm d'Heizungsréier Asbest verschafft gi war. Dat hu mer miissten entsuergen. Et war och e Mazoutstank do, dee mer dunn och erausgeholl hu fir spéider déi Plaz och kënnen éierbar ze notzen. Dat war am urspréinglechen Devis net virgesinn.

Mir hunn – wat d'Sécherheet vun de Kanner wéinst dem Schantjen ubelaangt – eng Rei Décisioune miissten huelen. Engersäits war et e supplementare Kran, dee mer opgeriicht hunn, well mer net wollten hunn, datt dee Kran während der Schoulzäit iwwer dem Daach vun der Schoul géif goen. Well do war eng Kéier en Accident geschitt a mir wollten op kee Fall, datt sech dat widderhëlt. Dofir hu mer 2 Krane geholl, fir esou all Eck och kënnen ze erreechen. Dat war natierlech eng zousätzlech Ausgab, déi net am Devis virgesi war.

Mir hunn och vu Sécherheetsleit gesot krut, datt a verschiddenen, scho bestoenden Trapenhaiser d'Gelänner net héich genuch wier. Mir hate wuel en neit Trapenhaus gebaut, mä et ass eis gesot ginn, datt mer aus Sécherheetsgrënn och miissten an deenen Trapen – déi duerno als Fluchtwee gebraucht ginn – d'Gelänner miissten erhéijen. Dat heescht, déi sinn alleguerte komplett ersat ginn. Mir wollten am Ufank e bëssen dru bastelen, mä mir hunn awer elo komplett nei Gelänneren installéiert. Well wa mer et elo scho musse maachen, da soll et och anstänneg gemaach ginn.

Mir haten och eigentlech virgesinn, fir deen ënneschte Stack handicapéiertegerecht ze maachen, dat heescht, datt do och an all Klassesall ee mat engem Rollstull kann hikommen. Mir hunn awer dunn «en cours de route» festgestallt – an d'Schoulmeeschteren hunn eis och gesot, datt et wichteg wier -, datt wéinst deenen 3 bis 4 Träppleker, déi an déi «salle polyvalente» féieren, den Accès net méiglech wier fir eng Persoun am Rollstull. Dowéinst hu mer elo do en «assenseur-marche» installéiert. Et ass dat eng Plattform, op déi ee kann och e Rollstull dropsetzen, esou datt elo wierklech dee ganze Rez-de-chaussée zesumme mat där «salle polyvalente» handicapéiertegerecht ass.

Dann hu mer während den Aarbechte festgestallt, datt d'Kanalisatioun ronderëm ganz schlecht war. Do ass d'Kanalisatioun elo komplett an d'Rei gesat ginn. Dat war och e Käschtepunkt, deen urspréinglech net am Devis virgesi war.

Dat selwecht gëllt och fir dee ganze «réseau téléphonique et informatique», wou mer an enger éischter Phase gemengt haten, datt mer en Deel dovunner kéinten erhalen. Mir hunn awer elo festgestallt, datt déi Kabelen awer elo net esou gutt waren an datt et besser wier, fir dee ganze Cablage frësch ze maachen. Et sinn zousätzlech Kilometere vu Kabel verluegt ginn, an dat war och net am Devis virgesinn. Mir hätten et och kënne si loossen an deem ale Gebai, mä da wiere mer vläicht d'Gefor gelaf, datt mer an e puer Joeren erëm hätte miisste vu vir ufänken.

Mir hunn och an der «salle polyvalente» festgestallt, datt de Buedembelag net méi optimal wier, besonnesch doduerch, datt déi Bühn hannen ewechgeholl gëtt. Mir haten am Ufank gemengt, datt mer de Buedembelag kéinten erhalen. Mä mir hunn awer elo kuerzfristeg décidéiert, fir dee ganze Buedembelag an deem Sall vu fir bis hannen ze erneieren an esou eng Unitéit ze kréien.

D'Schoulmeeschteren hunn eis dunn och gesot, datt se dee Sall – deen u sech am Ufank nëmmen als Turnsall sollt fonctionnéieren – och léiwer wëllen als «salle polyvalente» wëllen notzen. An dofir hätten se gären eng Multi-Média-Anlag gehat, an dat esouwuel an där «salle polyvalente» ewéi och duerno am Musekssall. Dat waren och zwou Saachen, déi net am urspréngliechen Devis virgesi waren.

Och net virgesi war eng Kichen am Sous-sol. An der Tëschenzäit si ganz vill Réuniounen iwwer d'Mëttesstonn an et si vill Schoulmeeschteren, déi iwwer d'Mëttesstonn do bleiwen. An dofir hätten se gären eng Kiche gehat fir iwwer d'Mëttesstonn dann e Maufel do kënnen ze iessen a sech eppes waarm ze maachen.

Och dat koum dobäi, esou wéi och eng «étude acoustique», well um Niveau vun deem Atrium war awer duerno relativ vill Kaméidi a mir wollte kucken, wéi mer dee Kaméidi kënnen e bëssen dämmen. Dofir ass eng «étude acoustique» gemaach ginn, déi eigentlech och net virgesi war.

Eppes wat zur Schéinheet sollt bäidroen, waren d'Storen. Et war virgesi fir nei Storen am ale Gebai ze maachen – an deem mëttelste Gebai – mä an deem neie Gebai waren esou gro Storen. Mir hunn awer gemengt, datt dat e bësse gelunge géif ausgesinn, wann déi eng Store rout an déi aner gro wieren. An dofir hu mer am Schäfferot décidéiert, fir d'Storen am ganze Gebai d'selwecht ze maachen.

Esou wéi mer och hu miissten «en cours de route» Sanitairë lounen, well d'Aarbechten awer net esou séier virugaange si wéi mer urspréinglech geduecht haten, an datt zäitweileg d'Schoul schonn erëm am gaange war. A mir haten um Rez-de-chaussée keng Sanitairë méi. Am Ufank hate mer geduecht, datt d'Kanner kënnen e Stack méi héich goen. D'Léierpersonal war awer der Meenung, datt dat näischt géif ginn an dofir hu mer während e puer Méint am Schoulhaff Sanitairë gehat fir besonnesch déi Kanner vum Rez-de-chaussée.

Dann hu mer och nach eng nei Sireen gesat, esou wéi och en neie Blitzableiter. Och do hat sech erausgestallt, datt deen net méi deen allerbeschte war. D'Léierpersonal hat och gefrot, datt se gäre méi Föhnen am Keller hätten, well an deem Gebai awer elo ëmmer méi Turne gehale gëtt an datt déi ablécklech Zuel vu Föhnen net géif duergoen.

Déi lescht Saach, déi elo nach bäikomm ass, ass den Daach vun deem neie Gebai. Do war urspréinglech gesot ginn, datt dee gutt wier. Mir hunn awer elo gesot krut – a mat deenen Aarbechte fänke mer elo un – , datt déi ganz Fassaden isoléiert gi sinn an datt awer beim Daach keng Isolatioun virgesinn ass. An deen Effet vun der Isolatioun vun der Fassad wier quasi Null duerch déi ganz schlecht Isolatioun vum Daach. Dobäi koum och nach, datt dee Moment, wou den Atrium fäerdeg war – nach ëmmer Fiichtegkeet do war. An et gouf festgestallt, datt den Daach – deen ëmmerhi scho bal 40 Joer huet – net méi ganz dicht wier. An dofir hu mer elo am Schäfferot décidéiert, fir den Daach dann och elo an engems mat nei ze maachen, ëmsou méi mer elo och kënne vun der Stee, déi fir de Moment nach do steet, kënne profitéieren.

Dann ass awer och nach ee Punkt, wou ech muss dem Architekt d'Schold ginn. Hien hat ganz vergiess, datt och e Buedembelag muss an der Haaptentrée gemaach ginn. Do war am Devis guer näischt virgesinn. An dat ass eng Saach, déi een dem Architekt honnertprozenteg kann ukräizen, well dat hätt hien vu virera miisste virgesinn.

Dat anert waren Aarbechten, déi duerch d'Ëmstänn an duerch d'Entwécklung vun den Aarbechten an deem Albau, noutwenneg gi sinn a wou mer als Schäfferot décidéiert hu fir

déi ze maachen. Dat bedeit awer – an dat ass sécherlech net onwesentlech fir ze soen – , datt den «devis approuvé» vu 6.450.000 Euro elo muss ëm 1.020.000 Euro gehéicht ginn. Esou datt mer elo op en «décompte provisoire» vu 7.470.000 Euro kommen. Mir hunn eis do nach eng kleng Reserve gelooss, fir datt mer mat Sécherheet net nach eng Kéier mussen an de Gemengerot komme fir d'Aarbechte kënnen ofzeschléissen.

Thein Joe (adr):

Dir hutt elo selwer gesot, datt den Devis vun der Schoul sech urspréinglech op 6.200.000 Euro beleeft. Elo kënnt d'Fassad vun 250.000 Euro dobäi an dann dee «crédit supplémentaire» vun 1.020.000 Euro. Dat heescht, dat wieren a Plaz vu 6.450.000 Euro dann elo 7.470.000 Euro.

Mir als adr soen Nee zu weidere Spezialkreditter. An et ass och net esou wéi d'Press dat deemools gesot huet, datt mir eis prinzipiell un deem Term do stéieren, dee gesetzlech virgeschriwwen ass. Mä mir steieren eis einfach dorunner, datt ëmmer erëm Projete musse mat neie Kreditter nogestëmmt ginn, well d'Suen dann net duer ginn, respektiv well et einfach Feelplanunge sinn. Feelplanungen, well all déi Mängel, déi elo hei opgezielt goufen, si jo awer Saachen, déi hätte miisste professionell – esouwuel vun deene Leit, déi sech dorëms këmmeren, wéi awer och vum Schäfferot – miisste gesi ginn an dat dann deementspriechend méi professionell och berechent ginn. Well wéini endlech gi Käschtepunkte berechent, déi wierklech dann och deem Projet carrément entspriechen. Natierlech, et huet een ëmmer Variatioune wat de Präis ugeet, emol méi deier, emol méi bëlleg, awer net – ewéi hei – a Milliounebeträg. Well Jo, mir hunn d'Sue wahrscheinlech. «Streut Kaviar unters Volk, damit der Pöbel ausrutscht !».

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass net esou, datt hei Aarbechte méi deier gi sinn. Ech hu jo probéiert, fir dat hei ze erklären. Et sinn eng ganz Rei zousätzlech Aarbechte gemaach ginn. Do kann een der Meenung sinn, datt een dat hätt kënnen oder miissten am Virfeld gesinn. Mä et sinn awer eng ganz Rei Saachen dobäi, déi net am Virfeld ze gesi waren. Zum Beispill déi ganz Geschicht mam Kanal, wou een emol fir d'éischt muss alles opmaache fir ze gesinn, datt do e Problem mam Kanal besteet.

Dee Mazoutstank hätt een och nach kënnen am Gebai loossen. Mir hunn awer décidéiert fir deen erauszehuelen an esou méi Plaz ze schafen. Et war dat absolut keng Prioritéit fir dat direkt ze maachen, mä mir waren der Meenung, datt dat – a Fonctioun vun deem flotte Projet vun der Rollenger Schoul – awer noutwenneg wier.

Och déi ganz Geschicht mat deem zousätzleche Kran. Natierlech hätt ee kënne soen, datt mer de Risiko aginn a mir loossen e Kran iwwer dee ganzen Daach goen, an dat och während där Zäit, wou d'Schoul fonctionnéiert. Mir hunn eng Rei Décisioune geholl a mir hunn och déi Responsabilitéit am Schäfferot geholl fir ze soen, datt mer dat elo net maachen. Mir maachen eng Rei vun zousätzlechen Aarbechten a mir stinn och als Schäfferot dozou.

Ech soen ëmmer, datt bei engem Albau bis zu 10% Zousazkäschten an der Rei sinn. Mir leien awer elo bei ronn 15%, mä mir sinn nach wäit ewech vu risegen Dépassementer. Ëmsou méi datt hei jo och dokumentéiert ass, wat do geschitt a wat do vun Aarbechte gemaach ginn.

Wa mir elo haut décidéieren, datt den Daach elo net gemaach soll ginn, dann huele mer déi 120.000 Euro eraus a maachen den Daach net. Mir sinn awer als Schäfferot der Meenung fir dem Gemengerot ze proposéiere fir deen Daach frësch ze maachen, well verschidde Feststellunge bei der Isolatioun a bei der Dichtegkeet vum Daach – déi eis urspréinglech net bekannt waren – elo gemaach si ginn. A mir sinn der Meenung fir déi Aarbechten direkt ze maachen an net nach e puer Joer ze waarden.

Dat ass d'Positioun vum Schäfferot an dofir kënnt hien och mat dësem «décompte provisoire» hei an de Gemengerot.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn dee Betrag vun 120.000 Euro net an deene Beträg, déi hei opgelëscht sinn, fonnt. Kënnt deen nach no?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Deen ass an deem Chiffer hei mat dran.

Scheuer Romain (déi gréng):

A wat ass dann dee Punkt «Divers» vu 85.000 Euro, deen do steet?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann der de Betrag kuckt, da kommt der op deem Tableau op 804.000 Euro am Total. Mir maache jo e «crédit supplémentaire» vun 1.020.000 Euro, an d'Differenz dovunner sinn déi dote Geschichten.

An op deem ganze Chiffer huet ee jo och nach verschidde Käschten, wéi zum Beispill Fraise vum Architekt, vum Kontrollbüro, an déi Saache musse mer jo nach dobäi rechnen. An dat fält ënner d'Positioun «Divers».

A supplementar zu deem Ganze kënnt elo nach de Volet vum Daach dobäi, an domatter komme mer op déi 1.020.000 Euro.

Scheuer Romain (déi gréng):

Bei där Saach mam Lift hutt der jo gesot, datt nëmmen e Lift gemaach ginn ass, fir déi puer Träppleker fir an d'Salle polyvalente ze iwwerbrécken. Hätt keng Méiglechkeet bestane fir e Lift fir dat ganzt Gebai ze maachen, esou datt een domatter op all Stack komm wier?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat wier ganz komplizéiert ginn. Wann ee sech deen alen Deel emol eng Kéier ukucke geet, esou sinn an deem alen Deel, wou et an de Musekssall geet, andauernd Trapen. A fir e Lift an deem Albau ze installéieren, war net méiglech. Am Neibau ass et eng aner Saach an do maache mer jo och Liften. Mä an deem alen Deel, wou d'Niveauen all verschidde sinn, hate mer deemools hei am Gemengerot gesot, datt mer dee Lift nëmme géifen um Rez-de-chaussée maachen. A wa mer esou e Fall hunn, wou e Kand en Handicap huet oder am Rollstull ass, da musse mer déi Klass erofhuele fir déi puer Joer, wou dat Kand do ass.

U sech waren um Rez-de-chaussée all d'Klassesäll erreechbar. Mä duerno ass opgefall, datt een net kann an d'Salle polyvalente kommen. A well awer vill a flott Aktivitéiten an deem Sall géife stattfannen, huet d'Léierpersonal gesot, datt se gären eng Plattform wëlle fir datt ee mam Rollstull och an dee Sall ka kommen. Domatter ass den Accès an all Klassesall ënnenan, souwéi och an déi Salle polyvalente, garantéiert.

Mä, wéi gesot, fir an deem alen Deel e Lift anzebauen, mat deem een op all Stack hätt kënne kommen, wier eng Saach vun der Onméiglechkeet gewiescht. Well zum Beispill um Späicher muss een, fir an de Musekssall ze kommen, e puer Trapen erop an dann erëm e puer Trapen erofgoen. An et wier quasi onméiglech gewiescht, fir dat ze realiséieren.

Scheuer Romain (déi gréng):

A fir baussen um Gebai e Lift unzebauen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et huet een dauernd Niveausënnerscheeder tëscht all deene Gebaier. An dann hätt een e Lift fir all Gebai miisste maachen. Zum Beispill hätt een am Gebai, beim Musekssall, déi eng an déi aner Säit ee miisste maachen, well do dertëschent geet et, wéinst der Sécherheetstrap, 3 Träppleken erop an dann erëm erof. Dat ass also bal net ze realiséiere gewiescht. Mä bei der Inauguratioun kënnt der lech dovunner iwwerzeegen, datt et onméiglech gewiescht wier.

An da muss een och soen, datt et e risegen Invest gewiescht wier, fir awer e Lift ze installéieren. Wa mer an där Schoul 1.800 Kanner hunn, dann hu mer vläicht ënner deenen eng hallef Dosen, déi esou Besoinen hunn an déi doropper mussen zeréckgräifen. An da muss ee sech natierlech d'Fro stellen, op een net besser hätt fir eng Klass op de Rez-de-chaussée ze setzen, wéi datt een – fir bis ënner de Späicher ze kommen – esou vill Suen investéiert an e Lift. An technesch wier et quasi onméiglech gewiescht.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et si jo elo Saachen nogemaach ginn, déi net virauszegesi waren. Mech stéiert awer ëmmer, wann d'Architekten allerhand Saache vergiessen, mä si kréien awer ëmmer hir Honorairen. Ech maache mech mat där Ausso net beléift bei den Architekten, mä dat ass mer och ganz egal.

Ech gesinn elo hei bei Luxcontrol en «honoraire supplémentaire» vun 45.889 Euro. Dat ass net näischt. Wat ech och nach e bëssen héich an deem Devis fannen, ass deen «multi média» fir 29.180 Euro. Ass dat den «nec plus ultra», oder wéi? Also ech verstinn dat net. Gëtt do ëmmer op all Schoulmeeschter gelauschtert, wou deen ee gären dat eent an deen anere gären dat anert hätt? Ech maache mer net ëmmer Frënn mat menge Saachen, déi ech ze kontestéieren hunn, mä dat ass nun eben esou.

Bei der Kiche sinn et e bësse méi wéi 26.000 Euro, wat och relativ deier ass fir nëmme mëttes just vläicht eppes waarm ze maachen.

Ech stëmmen zwar de Projet mat, mä et miisst awer an nächster Zukunft opgepasst ginn, datt wann d'Architekten allerhand vergiessen – wat jo hei e ganze Koup ass – si dann och net méi alleguerten Honorairë bezuelt kréien. Well wa mir doheem eppes vergiess hunn an nodréiglech musse maachen, da musse mir dat jo och aus eiser Täsch bezuelen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt awer do op e puer Saachen agoen. Wou ee wierklech ka soen, datt den Architekt eppes vergiess hat, dat ass déi Saach mam Buedembelag an der Entrée. Bei all deenen anere Saache si mer als Schäfferot ee Moment mat enger Situatioun befaasst ginn, wou de Choix war, ob mer et solle maachen oder net. Wa mir als Schäfferot gesot hätte fir déi Saachen net ze maachen, da wier de Projet nawell realiséiert ginn.

Wat déi Geschicht mat Luxcontrol ugeet, esou hu mer festgestallt, wéi mer d'Aarbechten ugefaangen hunn, datt do e Problem mat Asbest wier. An da musse mir natierlech Luxcontrol ruffen, fir datt si eis soen, wéi dat soll entsuergt ginn. Dat ass zum Beispill hei dee relativ héije Chiffer vun 23.000 Euro. Mä wann ee mat esou enger Situatioun confrontéiert ass, da wëll een dat jo och anstänneg entsuergen. An da musse mer natierlech Luxcontrol dobäizéien an dee Präis bezuelen, deen et kascht. Mir sinn elo awer op deem Punkt ukomm, wou mer keen Asbest méi an eise Gebaier hunn. Mir hunn all Gebaier renovéiert a mir hu bis elo bei all Schoulgebai – dat mer renovéiert hunn – Asbest op iergendenger Plaz entdeckt. A wann der nach wësst, wéivill et eis bei der Park-Schoul kascht huet, dann ass dat net mat deem Käschtepunkt hei ze vergläichen. Well dat hei si Peanuts géint dat, wat mer hu miisste bei der Park-Schoul bezuelen. De Problem mam Asbest war eng Situatioun, déi net virgesi war. Mä wann een awer dann esou eng Situatioun entdeckt, da muss een och déi néideg Mesuren – och Sécherheetsmesuren – huelen. An dofir si mer responsabel genuch fir dat ze maachen.

Wat de «multi media» ubelaangt, esou muss ee wëssen, datt deen Turnsall e relativ grousse Sall ass. A wann ee an deem Sall gäre Filmer weist oder esou eng Anlag gäre gebraucht fir och aner Aktivitéiten, da brauch een eng performant Anlag. Déi doten Anlag ass eis proposéiert ginn a mir hunn dunn décidéiert, fir déi Anlag ze realiséieren.

Wat d'Kichen ubelaangt, esou muss ech soen, datt mer do schonn op engem ganz gudde Punkt ukomm sinn. Déi Kichen hei ass ausgewisen ewéi eng Kichen, déi gebraucht gëtt, fir sech eppes iwwer d'Mëttesstonn ze maachen. Mä déi Kiche gëtt och gebraucht, fir Aktivitéite mat de Kanner ze maachen. Mir verzichten awer bewosst drop, fir eng professionell Kichen ze maachen, wou d'Kanner kënnen dobäi sinn. Well wa mer dat géife maachen, da géife mer hei net vun 20.000 Euro mä vun 100.000 oder 150.000 Euro schwätzen. Mir hunn a kenger Schoul esou Kiche gemaach, well mer einfach gesot hunn – an do ware mer eis mam Léierpersonal eens - , datt eng einfach Kichen duergeet fir dräimol am Joer Kompott ze kachen. An der Eigent-Schoul hu mer esou eng Kichen, déi wahnsinneg Sue kascht huet, an an deenen anere Schoulen hu mer drop verzicht. D'Kiche gëtt ausgewisen, wéi wann et eng Kichen ass, déi exklusiv fir de Bedarf vum Léierpersonal wier, mä si gëtt awer och vun Zäit zu Zäit genotzt fir Kompott ze maachen oder fir während der Chrëschtzäit Kichelcher ze baken.

Déi Kiche läit och am Volumen an am Präis d'selwecht wéi déi Kichen an deenen anere Schoulen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech sinn nach net zefridde mat där Affaire vum Asbest. Et weess jo awer jiddereen, och eis Architekten, datt an deenen ale Gebaier kéint Asbest sinn. Firwat gëtt dat dann net virdru gekuckt fir dat ewech ze maachen? Well den Asbest muss jo ewech gemaach ginn. An e muss jo och duerch eng spezialiséiert Firma ewechgemaach ginn. Dat weess bal jiddereen. An da fannen ech et komesch, datt dat net am viraus gekuckt ginn ass. Dat den Asbest ewech gemaach ginn ass, dat fannen ech ganz an der Rei. Mä datt awer duerno Verschiddener sech domm an däämlech dorunner verdéngen, well se dat eréischt duerno gemierkt hunn a mir dee Supplément musse stëmmen, dat fannen ech net an der Rei.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Firwat gouf dat elo net direkt gekuckt? Ma de Gemengerot muss jo emol fir d'éischt en Devis stëmmen ier iwwerhaapt emol Aarbechten op där dote Plaz kënne gemaach ginn. Wann Dir natierlech elo sot, datt mer scho sollen e ganzen Deel vun Aarbechte maachen ouni datt mer emol iwwerhaapt e Kredit stëmmen, ouni datt de Gemengerot mat deenen Aarbechten averstanen ass, da maache mer dat esou. Ech war nach ëmmer der Meenung, datt et besser wier, fir an de Gemengerot ze kommen an do den Devis ze stëmmen a sech mat den Aarbechten averstanen ze erklären, ier mat den Aarbechten ugefaange gëtt. Natierlech kéint ee sech an engem Devis nach eng Reserve vu 500.000 Euro ginn. Dann ass ee sécher, datt een do nach alles kann erapaken, wat

nach bäikënnt. Mä och dat ass fir mech net dee richtege Wee. Fir mech soll een och den Architekten eng Grenz setzen, bis wouhinner e ka goen. A wann den Architekt elo driwwer gaangen ass, dann huet e miisste vis-à-vis vum Schäfferot argumentéieren, wat d'Ursaach fir den Dépassement ass. Wann ech dem Architekt nach eng Enveloppe ginn, mat där e ka fräi driwwer verfügen, da kënnt der sécher sinn, datt dee ganze Betrag verschafft gëtt, egal op et noutwenneg ass oder net.

Dofir ass deen heite Wee – dee vläicht duerno mat 15% trotzdem nach an de Limite läit – dee richtege Wee, well de Schäfferot bei all Fall eng individuell Décisioun kann huelen, ob déi Aarbechte gemaach ginn oder net. Déi Aarbechte waren och méi oder wéineger alleguerte chiffréiert a mir hunn déi Aarbechten duerchgezunn, well mer der Meenung waren, datt et noutwenneg war an datt se zum gudde Fonctionnement vun der Schoul bäidroen. An dofir komme mer haut mat deem Bilan, mat engem «décompte provisoire» an de Gemengerot, fir ze soen, wat do nach alles geschitt ass. Dat alles ass jo relativ detailléiert opgelëscht an dat beweist ganz kloer, datt mer als Schäfferot e Suivi gemaach hunn. Et kann een och nach hannendru schreiwen, wéini datt déi eenzel Décisiounen am Schäfferot geholl gi sinn.

Ech mengen, datt deen heite Wee awer nach dee beschten ass, well mer domatter eng besser Kontroll iwwer dat hunn, wat d'Architekten an d'Büroen décidéieren. Well si musse mat all Punkt, wou se driwwer ginn a wou se net virgesinn haten, de Schäfferot individuell befaassen.

Wat elo déi Saach mat den Honorairen ugeet, esou muss ee soen, datt et OAI-Kontrakter sinn, déi tëscht der Regierung, de Gemengen an dem OAI ausgehandelt goufen. An dat si Standard-Kontrakter. A mir sinn am gaangen ze kucken – grad wéi aner Gemengen och – ob een déi Kontrakten net kann änneren. Ech kann iech och soen, datt mer a verschiddene Fäll – zum Beispill bei der PiKo-Schwämm – dem Architekt op engem Deel näischt méi bezuelt hunn. Well dat ganz kloer zum gréissten Deel dem Architekt säi Feeler war.

Bei deem heite Projet awer kann ech dem Architekt net allzevill Feeler virwäerfen. Deen eenzege Feeler, deen ech him ka virwäerfen, ass beim Buedembelag an der Entrée. Deen hat hie komplett am Devis vergiess. Dat ass deen eenzege Punkt – an dat ass e Chiffer vu 40.000 Euro – wou ee ka soen, datt dee Punkt wierklech vergiess gi war fir an den Devis ze setzen. Mä all déi aner Saache sinn Décisiounen, déi mer «en cours de route» geholl hunn a wou ech net direkt dem Architekt ka soen, datt hien dat hätt miisste vu virera virgesinn. Well bei ganze ville Punkten hätte mer och kënne soen, datt mer déi Aarbechten net maachen. Mir kéinte jo och soen, datt mer den Daach elo net maachen. Mä dann huele mer an de puer Joer erëm en Architekt fir den Daach kënnen ze maachen.

Rosenfeld Romain (CSV):

Spéitstens de leschte Sonndeg, wou mer hanner där Schoul beim Monument stoungen, huet ee gesinn, datt et eng Réussite ass. Ech hunn de Bau elo nach net vu banne gesinn. Mä ech kann de Schäfferot nëmme félicitéiere fir déi Initiativ, déi hie geholl huet fir déi verschidden Aarbechten ze maachen, déi wierklech op der Hand louchen an déi hu miisste wéinst de Sécherheet, der Isolatioun, asw. gemaach ginn. All déi Aarbechten hu miisste gemaach ginn an ech géif mengen, datt mer elo fir Joeren eng sécher Schoul hu fir eis Kanner.

Ech fannen et just net korrekt, datt e Mandatéierten heibannen, deen normalerweis de leschte Sonndeg op der Journée de la commémoration mat derbäi hätt miisste sinn, dem Schäfferot hei Virwërf mécht iwwer déi Aarbechten, déi se gemaach hunn. Et geet net duer fir mam Fändelchen hei an de Gemengerot ze kommen an dann esou Remarquen hei ze maachen.

Thein Joe (adr):

Et ginn och Leit, déi hunn nach aner Prioritéiten, Här Rosenfeld, an déi vläicht nach eng aner Versammlung zu deem Ablack haten. Ech fannen et net an der Rei, datt Dir hei vu Commémoratioun schwätzt. Dat huet iwwerhaapt näischt mat deem Sujet ze dinn. Ech wunnen iwweregens bei där Schoul a weess ganz genau wéi et do ausgesäit. A fir de Rescht, spuert Iech Är Remarquë léiwer fir politeschen Inhalt wéi fir Populismus hei.

Bosseler Camille (CSV):

Ech wëll nëmme just drop hiweisen, datt de Bau tipp topp ass. Dat huet ee gesinn. Et gouf och laang dru geschafft. Wat ech awer ze beanstanden hunn, dat ass déi Annexe. Déi war bäigebaut ginn hannenaus. An do hate mer eng Kéier därmoosse Stuerm. An ech hoffe just, datt net nach eng Kéier esou eppes erëmkënnt. An ech hoffen och, datt se d'Diech anstänneg verankert hunn. Well den Daach war och nei gemaach ginn an de Stuerm huet en awer opgehuewen an en ass bis ënnen op Strooss geflunn. Do kann ee sech ausmolen, watfir eng Wucht et war. An ech huelen un, datt se dat awer elo richteg stabiliséiert hunn. Net datt nach eng Kéier esou eng Katastrof do geschitt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Daach gëtt elo eréischt gemaach, mä mir wäerten hinnen dat awer och un d'Häerz leeën.

Accord par 16 voix contre une voix (adr).

6.

Enseignement musical.

Organisation scolaire pour l'année 2014/2015 de l'Ecole de Musique – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Rentrée ass gelaf a mir hate Kommissioun vun der Musekschoul. Déi hunn och d'Schoulorganisatioun fir 2014/2015 guttgeheescht. Mir hunn elo méi oder wéineger d'Aschreiwunge virleien. Well mir hunn d'Kontrakten elo alleguerten ofgeschloss an normalerweis ass et jo esou, datt wann d'Kontrakte mat de Chargéen ofgeschloss sinn, mir dann och e ganzt Joer mat deene Schüler fueren. Ausser et ass emol deen een oder anere Schüler, deen ophält, a mir huelen dann en neie Schüler vun der Waardelëscht eran.

Mir hu fir dëst Joer 488 Schüler, déi ageschriwwe sinn, mir hunn der 300, déi an der Formation musicale matmaachen. An der Initiatioun hu mer der fir de Moment 130, dat sinn déi Kleng. Do musse mer natierlech e puer Efforte maachen an der Initiatioun. Mir musse kucken, fir eis an deenen nächste Joeren d'Mëttelen ze ginn – well ëmmer méi Kanner an de Crèchen an an de Maisons Relaise sinn – fir datt déi eis net verluer ginn. Do si mer de Moment schonn am gaange fir deene Kanner, déi an der Maison Relais sinn, d'Méiglechkeet ze gi fir un de Coursen deelzehuelen. Esou datt mer déi nächste Joere mat Workshopen, mat Presentatiounen an de Maisons Relaisen an an de Crèchë kucken, fir datt mer déi Kanner och kënne motivéiere fir an d'Musekschoul ze goen.

Mir hu 65 «élèves adultes», déi eis Musekschoul besichen. D'Musekschoul gëtt vun engem Chargé de direction gefouert. En ass ënnerstëtzt vun enger Sekretärin «à mi-temps», déi mer elo zanter engem hallwe Joer hunn. 31 Chargéë schaffen de Moment an der Musekschoul.

De Moment fonctionnéieren 11 Ensemblen. Dat ass «à part». Dat anert leeft jo alles nom Programm, dee vum Ministère virgeschriwwen ass a wou d'Kanner dann och hir Cyclen duerchlafen. An dann hu mer awer och nach ëmmer Ensembele lafen. Du hu mer zum Beispill «ensembles à cordes» oder «ensembles de cuivres». Dat ass eng gutt Virbereedung fir d'Kanner, wa se an déi Ensembele ginn, well mer jo och d'Kanner drop virbereede fir duerno an enger Musek matzespillen. A wann d'Kanner ëmmer nëmmen an de Coursë spillen, da kréien se dat Gefill net wéi et an engem Ensembel ass. An dofir fannen ech et ganz wichteg, wa mer Ensembele lafen hunn, fir datt d'Kanner gesi wat et heescht an engem Ensembel ze spillen, wat et heescht op den Noper opzepassen, op den Asaz opzepassen. An dat ass eng ganz wichteg Geschicht am Museksunterrecht.

Dann hu mer awer och e puer Changementer. Mir hunn en «ensemble musical», dee méi geduecht war fir Grousser. Deen Ensembel hu mer awer elo duerch en «ensemble vocal pour débutants», also fir Klenger, ersat. Well mer hu festgestallt, datt et méi Klenger sinn, déi gäre sange ginn, ewéi Erwuessener. Erwuessener kommen an d'Musekschoul, si sangen, mä si wëllen net onbedengt e Styl «Musical» maachen. Mir wollten dat emol ee Joer probéieren, mä et huet awer net dee Succès bruecht an dofir wollte mer dat änneren an en «ensemble vocal pour débutants» an d'Liewe ruffen.

Mir hunn och een «ensemble de percussion», dee mer fir de Moment net méi ubidden. Deen ass ëmgedeeft ginn an e «cours de percussion et drumset». Mir wëllen elo emol kucke wéi dat leeft, well an der Perkussioun ass et jo esou, datt se – fir den 1. Zyklus ze maachen – mussen «percussion globale» maachen a se esou déi ganz Initiatioun richteg matmaachen. A wa se den Diplom vum 1. Zyklus hunn, da kënnen se nach weiderhin – wa se wëllen – «percussion globale» maachen oder awer och e Cours vum Drumset besichen. Virdrun net. Et versteet ee jo, datt ëmmer vill Jugendlecher direkt wëllen Drumset maachen, mä da feelt hinnen eng gewësse Basis an der Perkussioun. An dofir si mer bei eis an der Musekschoul op dee Wee gaangen, datt fir d'éischt d'Percussion globale am éischten Zyklus muss gepackt sinn, ier ee kann den Drumset maachen. Dat huet bis elo fonctionnéiert an dat ass och ganz gutt.

Well mer an eiser Musekschoul net genuch Säll hunn, enseignéiere mer och an de Musekssäll vun de Museke vu Rodange, Rolleng a Péiteng. Mir hunn och Kanner, déi zu Déifferdeng oder Käerjeng mat ënnerriicht ginn, well mer jo och Conventiounen hu mat deene Schoulen, esou datt – wann an de Gemengen net vill Schüler si fir eng Klass – mir déi Klassen och kënnen zesummeleeën. Wa mer natierlech hei an der Gemeng méi Säll zur Verfügung hätten, da kéinte mer och d'Ensembelen aneschters lafe loossen. Mä fir de Moment ass et awer eng ganz gutt Léisung.

Eis «classes de jazz» hu mer nach guer net esou laang opgebaut. Déi fonctionnéieren nom nationale Programm, esou datt mer och do conforme sinn. Fréier sinn emol esou Klasse gelaf, wou mer net grad conforme mam nationale Programm waren. A wann déi Schüler da wollten hiren Exame maachen, da waren déi net conforme. A wa se wollte weidergoen, dann haten se ëmmer Problemer. Well wann d'Schüler déi Zyklen net duerchlaf haten, da konnten se och net weider an de Conservatoire goen. Esou datt mer och do op dee Wee gaange si fir eis do a Conformitéit ze setzen an d'Klassen nom nationale Programm lafen ze loossen.

Mir hunn och eis normal Coursen an den Instrumenter lafen. Eis Harmoniescoursë sinn och an der Rei. Dann hu mer d'Concoursen, wou een Deel dovunner ëffentlech sinn. Dat anert sinn esou kleng Auditiounen, déi intern lafen. Jäerlech ginn dann och vun deenen eenzelne Chargéë gréisser Auditioune programméiert an déi dann och ëffentlech sinn. Esou datt d'Elteren a mir och kënne lauschteren a kucke goen, wéi eis Musekschoul schafft.

Stagen a Workshope ginn an der Regel ganz gären organiséiert vun den Amis de l'Ecole de Musique. Den Initiator ass ëmmer de Chargé oder de Chargé de direction. D'Amis de l'Ecole de Musique organiséieren dann ëmmer déi Stagen a Workshopen, och déi di auswäerts stattfannen. Wann d'Schüler fir 2 bis 3 Deeg auswäerts un engem Stage deelhuelen, da schléisst dat se och ëmmer méi zesumme wéi wa se nëmmen hei an d'Schoul ginn. Déi Stagen a Workshope bréngen de Kanner ganz vill.

Mir sinn och ëmmer ganz frou, wann eis Musekschoul u kulturelle Manifestatiounen a Séminairen deelhëlt. Et ass och ëmmer ganz wichteg, datt mir se als Gemeng froe fir gewësse kulturell Manifestatiounen ze ënnersträichen. Mir hunn och all Joer eng «Porte ouverte», eng «Fête de fin d'année» an e «Concert de bienfaisance».

D'Schoulvakanze vun der Péitenger Musekschoul lafen esou wéi déi vun der Grondschoul, ausser datt d'Musekschoul normalerweis nach samschdes virun de Vakanze fonctionnéiert an offiziell d'Vakanz ëmmer dee Méindeg duerno dann ugeet.

Dann hu mer och nach eng «commission scolaire», déi e puermol am Joer zesummekënnt a kontrolléiert, ob alles esou leeft wéi et soll a sech fir eis Schüler asetzt.

Alles an allem kann ee soen, datt eis Musekschoul – mat alle Schüler an de Coursen, déi ugebuede ginn – e gudden an héijen Niveau huet an datt mer frou sinn, datt se op deem doten Niveau ka fonctionnéieren.

Brecht Guy (LSAP):

D'Madame Conter huet éinescht déi lokal Museken ugeschwat. Déi, di de leschte Sonndeg beim Cortège dobäi waren, konnte gesinn, datt d'Participatioun net grad berauschend war, och wa se net schlecht war. Loosse mer soen, datt d'Participatioun mëttelméisseg war. Ech amëséiere mech ëmmer domatter, fir d'Musekanten aus deenen eenzelnen Uertschaften ze zielen. An do ass mer opgefall, datt Péiteng a Rolleng mëttelméisseg gutt vertruede waren. Mä vun deene Rodanger hunn ech leider nëmmen 2 Musekante gezielt. Ech si selwer och an deem Veräin a si Keesserevisor do. Ech froen och ëmmer, wéi et mat deem Veräi geet, well se jo ee Moment a ganz schlechten Dicher waren. An da kréien ech gesot, datt et erëm biergop geet. Wann ech awer e Sonndeg gesinn hunn, datt nëmmen e puer Musekanten do waren, dann ass dat net grad iwwerzeegend. Dofir wollt ech de Schäfferot froen, ob déi Rodanger Musek schonn Entrevuë bei iech gefrot hunn? Ass eppes ënnerholl ginn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir haten eng Entrevue mat deenen 3 Museken, well si d'Jugend erëm wollten zesummebrénge fir Workshopen ze maachen. An där Entrevue hu mer ganz positiv Echoe kritt vu Lamadelaine a vu Péiteng. Wann ech richteg am Bild sinn, da wëllen déi sech och an der Allerhellegevakanz an enger Jugendherberg treffen, wou se dann och wëllen zesummen üben an duerno och e Concert zesumme wëlle spillen.

Wou mer awer keng esou positiv Echoe kritt hunn, ass vun deene Rodanger. Wéi et elo mat Rodange richteg leeft, ass relativ schwéier ze soen. Déi Rodanger Leit waren eng Kéier bei mir a si hätte gäre gewëssen Donnéeë vun de Kanner gehat, fir d'Eltere kënnen unzeschwätzen. Mir hunn hinnen awer gesot, datt mer doranner mam Dateschutz confrontéiert

sinn. Mir kënnen net higoen an den Numm an d'Adresse vun de Kanner ouni Weideres un d'Veräiner weiderginn, fir datt d'Veräiner déi Donnéeë kënnen huele fir d'Elteren unzeschwätzen. Mir hunn hinnen awer matgedeelt, datt – wa se gäre Reklamm fir hir Musek wëlle maachen – si selbstverständlech an der Musekschoul oder an deene Säll, wou eis Musekschoul prouft, Affichë kënnen ophänke fir sech iwwer dee Wee bekannt ze maachen, a wou se och kënne Matdeelunge maachen, wat alles bei hinne leeft. Et ass awer bis elo näischt an deem Sënn geschitt. Et ass un hinne fir ze kommen an an der Musekschoul d'Reklamm ze maachen. Ech hat hinnen och esouguer proposéiert, datt se an de Maisons Relaisen Affichë kënnen eraginn, well do och ganz vill Leit laanscht ginn. Mä bis elo hunn ech näischt an deem Sënn vun der Rodanger Musek héieren.

Wann Dir Member an deem Veräi sidd, da géif ech Iech bieden, fir hinnen dat nach eng Kéier un d'Häerz ze leeën.

Brecht Guy (LSAP):

Jo, si soe mir, datt et mam Veräin erëm biergop geet.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech kann nëmme soen, datt Péiteng a Lamadelaine um gudde Wee sinn.

Brecht Guy (LSAP):

Jo, dat ass richteg. Mä wou déi Rodanger Musek Affichen opgehaangen hunn, datt se géife Musekante sichen, do waren déi Péitenger an déi Rollenger awer net ganz frou, datt an hirer Uertschaft Leit gesicht géife gi fir eng Musek aus enger anerer Uertschaft aus eiser Gemeng. Dat ass eben esou.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech sinn der Meenung, datt – wa si géifen zesummeschaffen – dat dann e gudden Ufank wier fir d'Jugend aus eiser Gemeng zesummen ze féieren an datt se zesummen och eppes géife maachen. An dorauser kéint dann och e ganz flotten Ensembel entstoen.

Brecht Guy (LSAP):

Dat ass richteg an do féiert och kee Wee méi derlaanscht.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi 3 Museken hunn alleguerte Problemer beim Recrutement vun der Jugend. Dat ass normal, well se eng traditionell Struktur proposéieren. An ech ka verstoen, datt déi Jugendlech sech net fir eng Prozessioun oder e Cortège begeeschteren. Et mussen also och aner Erausfuerderungen do sinn. An do war ee Moment vun deenen 3 Museke geduecht ginn, datt Musekschoul eng Konkurrenz fir si wier. D'Musekschoul mécht jo aner an och méi flott Formatiounen, fir déi sech déi Jugendlech méi begeeschteren.

An dowéinst hu mer déi 3 Museken zesumme mat der Musekschoul un een Dësch bruecht. An et koum eraus, datt d'Musekschoul u sech keng Konkurrenz ass. A mir hu gefrot, ob si sech dann net kënne mat der Musekschoul zesummesetzen a grad esou attraktiv Programme maachen. An iwwer dee Wee vun enger gemeinsamer Formatioun kéinten se da vläicht Membere recrutéieren. An net ëmmer nëmmen deene Jonken eng Uniform ginn a soen, datt se mussen an engem Cortège mat trëppelen. Dat interesséiert kee Jugendlechen.

An déi Iddi ass u sech ganz flott fonnt ginn a mir hunn och als Gemeng gesot, datt mer se wéilten ënnerstëtzen. Mä déi Rodanger waren awer domatter net averstanen, well se net prett wiere fir mat op dee Wee ze goen. Rolleng a Péiteng géifen – mat der Musekschoul zesummen – matmaachen. A si ginn elo zesummen op Heiligenwald, wou se och zesummen e Concert spillen. An domatter weisen se och, datt et geet, fir zesummen ze spillen.

Mir sollen ophalen ze denken, datt mer nieft deene grousse Museken och nach all kéiers eng Jugendmusek mussen hunn. Dat war féier ëmmer de «potentiel de recrutement». Mir sollen eng aner Formatioun maachen, eng Jugendmusek aus der Gemeng, mat der Musekschoul zesummen, a mat deene Méiglechkeeten, déi eventuell och elo nach an der Neo-apostolescher Kierch entstinn. Well do kënne mer hinne Méiglechkeete gi fir esou kleng Formatiounen ze maachen. A wann déi Jonk bis dorunner interesséiert sinn, da si se vläicht och interesséiert fir an der grousser Musek matzewierken.

Mä et soll ee sech an där Saach net verstoppen. D'Realitéit weist ganz kloer, datt mer 3 Museken haten a mir wäerten ni méi 3 Museke kréien. An et muss een och emol kucken, ob déi Cortègen an där Form nach erhale kënne bleiwen. Do muss ee sech einfach lues a lues mat der Realitéit ausernee setzen.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Compromis relatif à l'acquisition de parcelles à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» de la part de ASA Bâtiments Sàrl – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Nom Bau vun enger Residenz hu mer am Kader vun der Baugenehmegung och eng Rei vu klengen Terrainen (8 Zentiar a 14 Zentiar) zegutt. Mir hunn de Compromis hei virleien a mir géifen deen dann haut och zum Vote stellen. Duerno kënne mer dann och den Acte maachen, esou datt deen Trottoire eis dann och gehéiert.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Compromis relatif à la location par bail emphytéotique d'un terrain sis à Pétange, au lieu-dit «zone commerciale» au Garage Martin Losch sàrl – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hanner deem Garage läit en Terrain vun 20,11 Ar, dee brooch läit an der Gemeng Péiteng gehéiert. De Garage Martin Losch wëll säi Betrib gäre vergréisseren an dofir wier en un deem Terrain interesséiert. De Schäfferot proposéiert fir dem Garage Martin Losch dësen Terrain iwwer Bail emphytéotique fir 1.100 Euro d'Joer zur Verfügung ze stellen. Do gëtt et natierlech och d'Méiglechkeet fir deen Terrain ze kafen, wa se dat wéilten. An do ass och e Betrag festgeluegt, zu deem een den Terrain da ka kafen.

Dee Compromis ass den 11. August 2014 ënnerschriwwe ginn a wann de Gemengerot domatter averstanen ass, da wäert dat och notariell aktéiert ginn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Meng Fro betrëfft elo net direkt deen Acte mam Garage Losch, mä d'Zone commerciale am allgemengen. An zwar d'Situatioun vum parken. Ass do och eppes reglementéiert a sinn déi Parkplazen, déi do aménagéiert sinn, richteg an hu mer och den Iwwerbléck doriwwer? Besti Virschrëfte fir

d'Garagen an d'Betriber an deem Zoning, wéi se däerfe parken a wéi se hir Parkingen dierfen aménagéieren?

Breyer Roland, Schäffen:

Dee Zoning fält ënner dat normaalt Verkéiersreglement. Normalerweis kënnt dat Reglement nach eng Kéier am November an de Gemengerot, fir definitiv aktualiséiert ze ginn. Et sinn e puer Ännerungen an deem Reglement virgeholl ginn, awer näischt Extraes fir dee Zoning. Déi Firmaen, déi do sinn, parken no deene Beschëlderungen an deene Reglementatiounen, déi do sinn. Et ass e Problem am Zoning, well ganz vill Demanden do sinn. Et muss ee kucken, ob een net nach en zousätzleche Parking ka schafen. Et kommen ëmmer méi attraktiv Saachen an dee Zoning, wéi zum Beispill elo dee «Fun City». Déi huelen natierlech eng gréisser Plaz an Usproch. Déi Plaze sinn alleguerte genormt, vis-à-vis vun hirer «surface exploitable», mä et gesäit een awer, datt dat net ëmmer duergeet. An do muss ee vläicht generell am Bautereglement kucken, datt ee bei neie Zoningen d'Oploe méi streng mécht. Wann et wierklech net méi sollt fonctionnéieren, da musse mer dem Dauerparker entgéintwierken. Da maache mer dann einfach «résidentiel» op 2 oder 4 Stonnen. Natierlech muss een och wëssen, datt eng Kontroll muss hannendru kommen. Well wann déi Kontroll net do ass, huet dat alles och kee Wäert.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et fält näämlech op, datt et momentan ëmmer méi komplizéiert gëtt, fir duerch de Zoning ze fueren. An der Mëttesstonn, wann d'Busse mat de Kanner sollen an d'Maison Relais oder bei d'Schoule fueren, da sinn déi blockéiert well egal wéi geparkt gëtt. An dofir hunn ech dee Problem hei ugeschnidden.

Breyer Roland, Schäffen:

Wéi gesot, dee Problem kritt een nëmmen an de Grëff, wann een dem Dauerparken entgéintwierkt. Méi ass de Moment net do ze maachen.

Approbation à l'unanimité.

8.

Prévisions sociales.

Convention avec le «Club Senior Prënzebierg» pour l'exercice 2014 – approbation.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn haut eng Conventioun vum Centre Régional d'Animation et de Guidance pour Personnes Âgées, kuerz genannt «Club Senior Prënzebierg», fir d'Joer 2014 virleien, an zwar tëscht dem Stat (Ministère de la Famille) an deene Gemengen, déi do implizéiert sinn – dat wieren d'Gemengen Déifferdeng, Käerjeng, Suessem a Péiteng – , souwéi dem Gestionnaire «Aide pour Personnes Âgées Prënzebierg».

Wéi gesot, mir hunn dat virgeluegt kritt an et geet u sech drëm, fir eisen Deel vum Budget bäizeleeën. De Stat iwwerhëlt 87% vun de Käschten an déi reschtlech 13% gi am pro rata op déi jeeweileg Gemengen, déi Member sinn, opgedeelt. Péitenger Gemeng stellt an deem Ganzen en Deel vu 25,9% an dat mécht fir eis 23.706 Euro aus. Déi Conventioun ass vun deene jeeweilege Schäfferéit, respektiv vun der Familljeministesch de 26. Mee 2014 ënnerschriwwe ginn. An dofir géif ech de Gemengerot och biede fir déi Conventioun guttzeheeschen.

Stoffel Marco (LSAP):

Wéivill Leit aus der Gemeng Péiteng huelen un deenen Aktivitéiten deel? Well et wier jo och flott, datt – fir déi Leit déi hei wunnen – och esou eng Struktur hei an der Gemeng géif fonctionnéieren. Ass scho vum Schäfferot dru geduecht gi fir eventuell eng Antenn hei an der Gemeng opzeriichten?

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech kann iech elo kee geneeë Chiffer soen, wéivill Leit aus der Péitenger Gemeng deelhuelen. Dat fënnt jo u sech op fräiwëlleger Basis statt. Awer déi Kéieren, wou ech am Club Senior Prënzebierg present war, waren net wéineg Leit aus der Péitenger Gemeng do.

Wat elo eng Antenn bei eis ubelaangt, esou dierf een net vergiessen, datt een domatter och zousätzlecht Personal muss hunn. Mir wëssen och alleguerten, wat d'Personal hautdesdaags eis kascht. A mir kéinten de Leit och net déi selwecht Strukture bidden. Doduerch datt déi 4 Gemenge sech zesummegedoen hunn, huet een och d'Méiglechkeet, fir de Leit vill méi kënnen ze bidden.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech sinn och der Meenung, datt mer elo net onbedéngt eng Antenn vum Club Senior bei eis an der Gemeng brauchen. Ech wollt och soen, datt si bei eisen Aktivitéiten – a mir haten do z.B. déi leschte Kéier de «Café des Âges» – och ganz gäre matmaachen. An et waren och vill Leit do. Dat heescht, dat eent verhënnert net dat anert. Well mir kënnen zesumme schaffen ouni eng Struktur hei an der Gemeng ze hunn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir waren als Schäfferot de leschte Freideg um Ofschloss vun hire Festivitéite vum 25. Anniversaire. An de Schäfferot ka confirméieren, datt vill Péitenger Leit do waren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss een awer och soen, datt sech och eng Rei Aktivitéiten hei zu Péiteng ofspillen. Dat heescht, hir Aktivitéite sinn net eleng zu Déifferdeng, mä si ginn an deene 4 Gemengen ofwiesselnd gemaach. Et ass just, datt se vun enger gemeinsamer Struktur organiséiert ginn. An déi Collaboratioun huet bis elo gutt geklappt an et soll een déi och bäibehalen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Urbanisation.

Prise de position concernant les plans directeurs sectoriels – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer déi sektoriell Pläng virgestallt kritt hunn. Do ware jo schonn eng ganz Rei Versammlungen. Déi Pläng goufen dann och vun der Regierung de 24. Juni 2014 un d'Gemenge verschéckt a sinn dann och bei eis an der Gemeng de 25. Juni 2014 déposéiert ginn.

Vum 27. Juni bis den 28. Juli 2014 mat loungen déi Pläng an der Gemeng aus an d'Leit konnten déi op d'Plaz kucke kommen an hir Observatiounen zu dësem Dossier bis den 11. August 2014 maachen.

Mir hunn déi Prozedur dann och gekuckt a mir haten eng Rei Leit, déi Observatioune gemaach hunn. Dat war eng Observatioun vun der Chambre d'Agriculture, déi den 31. Juli 2014 erakomm ass. Dann hate mer och eng Observatioun vun der Association des Musée et Tourisme Ferroviaires, déi de 4. August 2014 erakomm ass. Déi Observatioun huet sech och e bësse méi spezifesch op Péiteng bezunn.

Vum Mouvement écologique ass och de 4. August 2014 eng Observatioun erakomm, déi direkt eppes mat Péiteng ze dinn hat.

D'Étude d'Avocats Elvinger Dessoy Dennewald hu fir de Kont vun der Creos de 7. August 2014 eng Observatioun eraginn. Da war et nach d'Minièresbunn Doihl, déi den 18. August 2014 eng Observatioun eraginn hunn, déi ähnlech gelagert ass wéi déi vun der AMTF. A schlussendlech huet nach d'Natur & Ëmwelt asbl den 1. September 2014 eng Observatioun eraginn.

Déi eng Observatioune si méi genereller Aart an déi aner hu sech wierklech op dee Péitenger Territoire bezunn an déi hu mer alleguerte berücksichtegt.

Et sinn, wéi gesot, 4 «plans sectoriels» a mir hunn zu deene 4 Pläng eisen Avis ginn. Als Schäfferot hu mer eppes ausgeschafft a mir wollten dat elo haut zur Diskussioun stellen. A wa mer hei nach aner Remarquen hunn, da kënne mer déi Avisen nach complétéieren a mir géifen da bis spéitstens Enn dës Mounts der Regierung d'Positioun vun der Gemeng Péiteng – wat déi sektoriell Pläng ugeet – ënnerbreeden.

Mir hu 4 sektoriell Pläng an ech géif mat deem éischte Plang ufänken. Et ass dat de Plan directeur sectoriel «zones d'activités économiques» an zu deem Plang hu mer Folgendes gesot:

Éischtens hu mer Stellung geholl zu der Zone industrielle nationale vum PED. Mir ginn emol dovunner aus – mä mir sinn eis awer net honnertprozenteg sécher – datt déi Spécificitéit vum PED do erauskënnt. Dat ass awer net honnertprozenteg kloer gewiescht. An dofir hu mer och e puer Remarquen an deem Beräich gemaach. Als éischt Remarque hu mer gesot, datt de «Centre de recyclage» vun der Gemeng Péiteng an de Parking, deen ënnen an der Industriestrooss ass a wou och fir de Moment schonn Autoen hale vu Leit, déi mam Zuch an d'Stad schaffe ginn, aus där «zone industrielle nationale» sollen erausgeholl ginn.

Zweetens hu mer gesot, datt deen Terrain, dee laanscht d'rue de l'industrie zu Rodange ass, an eng «zone industrielle» muss klasséiert ginn. Dat war och ëmmer eng «zone industrielle» a mir hätten och gären, datt dat esou bleift an net eng «zone nationale» soll ginn.

Dann hu mer deen Terrain «Millesank» a do soe mer, datt dee soll an eng «zone industrielle nationale» soll klasséiert ginn oder op mannst «zone industrielle régionale» soll ginn. Mir loossen do der Regierung de Choix. Well mir sinn der Meenung, datt déi «dispositions légales et réglementaires actuellement en vigueur» am Kontext mam PED abrogéiert ginn duerch déi nei sektoriell Pläng. Mir sinn eis awer do net honnertprozenteg sécher, well et net ganz präzis ass. Dat kéint och eng «zone nationale» sinn, déi nach ëmmer de Charakter vum PED huet. Mir mengen awer, datt een dat einfach soll als «zone nationale» definéieren, well da kënne mer eis aneschters entwéckelen. Well et si jo och schonn Terrainen am PED, déi fräi sinn an déi net kënnen occupéiert gi well d'Firmaen déi Critèren net erfëllen, déi mussen erfëllt gi fir kënnen am PED aktiv ze ginn.

Mir hu festgestallt, datt se de Lycée aus der «zone nationale» erausgeholl hunn. Mir soen, datt mer och gären den Terrain vum SIACH, wat d'Kläranlag ubelaangt, respektiv déi Terrainen, déi de SIACH nach brauch fir sech ze erweideren, aus der «zone industrielle nationale» wëllen eraus hunn. Well op deenen Terraine si jo schonn d'Aktivitéite vum SIACH drop an et huet kee Wäert, datt dat nach weiderhin als «zone nationale» klasséiert bleift.

De Fussballsterrain, deen an där selwechter Zon läit, hätte mer och gären aus der «zone industrielle nationale» eraus, well mer deen Terrain duerno am Kader vun eisem PAG an d'«zone de sports et de loisirs» wëlle klasséieren. Wann deen Terrain als «zone industrielle nationale» klasséiert ass, da si mer duerno ëmmer blockéiert, besonnesch wann deen Terrain dann och nach d'Dispositioune vum PED huet.

Dat ass, wat de PED ubelaangt. Dann hu mer nach d'Zone d'activité régionale «Au Grand Bis». Do soe mer fir d'alleréischt, datt se d'Limitë vun där «zone industrielle nationale» sollen esou ëmänneren, wéi se am PAG, respektiv am PAP, deen «en cours de procédure» ass, virgesi sinn. Esou datt keng Divergenze sinn tëscht de sektorielle Pläng an deem, wat mer am gaange sinn ze stëmmen.

Dann hätte mer gären, datt déi Zone d'activité régionale «Au Grand Bis» an eng Zone «ECO-R1» klasséiert gëtt. Dat war net honnertprozenteg kloer an dofir hu mer dat nach eng Kéier gesot. Well et ginn Zonen «ECO-R1» an «ECO-R2». A mir hätten et gären als «ECO-R1» klasséiert.

Dann ass ee vun deene grousse Problemer – wat déi Aktivitéitszon ubelaangt - , datt do ëmmer vun enger «zone tampon» vun 300 Meter geschwat gëtt. Dat ass an deem dote Zoning net méiglech. Wa mer dat géife realiséieren, dann ass dee ganze Projet a Fro gestallt. An dofir soe mer, datt bei deem dote Projet – esou wéi och bei all Projet, wou mer «zones d'activités existantes» hunn – esou eng «zone tampon» vun 300 Meter net ze respektéieren ass. Well soss, wéi gesot, kënne mer deen dote Projet komplett vergiessen.

Zum Schluss komme mer zu der «zone dite à restructurer Fonderie» an der «zone industrielle Arcelor Mittal Rodange». Do hu mer festgestallt, déi déi an deene «plans directeurs» ni virgesi sinn. Mir mengen awer, datt grad do, wou d'Arbed drop steet, a grad och do, wou mer op der Fonderie eppes wëlle realiséieren, mir déi Zonen als «zone d'activités économiques nationale» sollen définéieren oder op mannst als «zone d'activités économiques régionale». Déi Zone si fir de Moment net an de sektorielle Pläng virgesinn a mir géifen awer mengen, datt se besser hätte fir dat ze maachen. An datt mer och an der Fonderie eng Servitude hunn, fir datt ee vun där enger Zon, wou d'Arbed drop ass, op d'Fonderie iwwer e Passage ka kommen an esou déi zwou Zone matenee verbonne kritt. Och dat soll an de sektorielle Pläng virgesi ginn.

Dat sinn déi Remarquen, déi de Schäfferot zesumme mat de Servicer am Kontext mat de «zones d'activités économiques» ze proposéieren huet. Ech géif dann elo d'Diskussiounsronn zu dësem sektorielle Plang opmaachen, ier mer da mat deenen anere sektorielle Pläng weiderfueren.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Et ass eng erfreelech Nouvelle, datt de «Grand Bis» elo virugeet, obwuel mer nach op aner Autorisatioune waarden. Esouwäit ech weess, ass de «Grand Bis» keng national Prioritéit, wat d'Zone économique ugeet. An den «R1» wier dann eng «zone économique régionale», an do wollt ech froen, ob d'Zuel 1 fir eng Prioritéit steet oder wat ass den Ënnerscheed tëscht «R1» an «R2» ?

Breyer Roland, Schäffen:

Dat huet mat der Implantatioun ze di vun deem, wat ee kann dohinnersetzen. Dat eent sinn «industries lourdes» an de PED ass dat Restriktivst, wat mer an der Gemeng hunn. An de PED dierfen nëmmen innovativ Betriber dohinner kommen, déi an deene Länner ronderëm nach net do sinn.

Mä do ass näischt méi do. Do läit den Terrain brooch an déi meeschte Länner (Belsch a Frankräich) hu sech och net méi un déi Oploe gehalen. An dofir hu mir gesot, datt mer gären de

PED op nationalem Niveau gesinn, well doduerch Gegebenheete méi grouss si fir emol en Abnehmer ze fannen.

Beim «R1» komme Saachen dohinner, déi och kleng «activités commerciales» kënne sinn. Et kann een also och anere Saachen dohinner maachen, déi soss an deene Zonen net do sinn. Et ass also doduerch méi eng grouss Flexibilitéit fir Firmen ze fannen, déi sech do wëllen usidelen. Do kann een zum Beispill och e Busunternehmen an deem Zoning virgesinn, déi gréisser Fläche brauch. Bei deenen anere Zone muss et ëmmer mat «activités industrielles» verbonne sinn. Hei wier et dann awer méi labber.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn e klenge Problem mat der «zone tampon» vun 300 Meter. De Schäfferot proposéiert, fir déi «zone tampon» net op 300 Meter ze loossen an do wollt ech wëssen, ob dat geduecht ass, fir eng méi schmuel «zone tampon» ze maachen oder fir guer keng ze maachen. Hei steet just «dans la commune de Pétange, ceci n'est souvent pas réalisable, par conséquent il faut prévoir comme règle générale que ceci n'est pas applicable aux zones existantes». Heescht dat, guer keng «zone tampon»?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wa mir elo géifen eng «zone tampon» bei der «zone d'activité nationale» hanne beim PED maachen, da rappe mer Saachen of. Iwwer d'Eisebunn si mer méi no wéi 300 Meter bei deenen éischten Haiser. A besonnesch beim «Grand Bis» kënne mer et vergiessen. Wa mer do bei deenen 300 Meter bleiwen – an dir wësst wou d'Haiser stinn – da gëtt de «Grand Bis» esouvill Meter méi kleng.

Dofir si mer der Meenung, datt iwwerall do, wou mer elo eppes hunn, mer keng «zone tampon» solle virgesinn. Wa mer elo eppes Neies géife maachen, dann hunn ech kee Problem domatter, datt déi «zone tampon» muss respektéiert ginn. Mä do, wou mer elo eng existent Situatioun hunn, respektiv e Projet zanter 15 Joer am Lafen hunn, kënne mer net erëm mat där «zone tampon» vun 300 Meter ufänken. Well da kënne mer den Dossier definitiv zoumaachen. Well da fänke mer erëm bei Null un.

Becker Romain (déi gréng):

Mä grad beim «Grand Bis», wou een op där enger Säit keng «zone tampon» brauch, mä awer op där anerer Säit, zur Uertschaft an zur Rodanger Strooss zou, do wier et jo net domm, wann een do eng «zone tampon» géif virgesinn. Och wann et keng 300 Meter sinn. Well deemno watfir Industrien duerno dohinner kommen, kréie mer e Problem wéi um Monkeler. Well do war keng «zone tampon» an do ass Misère geschitt. Dat heescht, do miisste mer awer am viraus esouwäit denken, datt eis duerno näischt op de Kapp fält.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat de «Grand Bis» ubelaangt, esou sinn awer déi Betriber – ech wëll se elo net mam Numm nennen - , déi eng Gefor duerstellen, schonn do. Da miisste mer déi ewechrappen. Déi Betriber loosse mer awer do stoen. An da gi mer hin a stellen an enger Zon, déi quasi steet, – a wann alles riicht gelaf wier, déi wier déi Zon scho fäerdeg – dee Projet duerch déi sektoriell Pläng dann a Fro. An da miisste mer dee Projet erëm vu vir ufänken, well mer jo déi «zone tampon» duerch déi sektoriell Pläng operluegt kréien. Dofir mengen ech, datt mer – do wou elo eppes steet – d'Situatioun kennen a mer sollen elo net erëm vu vir ufänken.

Bei neie Saache si mer komplett domatter averstane fir eng «zone tampon» vun 300 Meter virzegesinn. Awer net do, wou mer elo schonn eppes stoen hunn.

Becker Romain (déi gréng):

Dat verstinn ech jo. Mir kënnen elo net zu deene soen – déi dir net wëllt mam Numm nennen - , si sollen ofrappen well mer eng «zone tampon» vun 300 Meter wëlle bauen. Do ass deemools eppes schif gelaf an déi sinn direkt un deene leschten Haiser. Do war deemools net vun der Regierung dru geduecht gi fir eng «zone tampon» anzeriichten. Do hätt een deemools och kënne soen, datt grad bei esou enger Industrie e klengen Ofstand zu deene leschten Haiser miisst agehale ginn. A bei neie Saache miisst een awer eng «zone tampon» virgesinn, och wann et keng 300 Meter sinn. Well soss, deemno wat vun Industrien dohinner kommen, fält eis dat op de Kapp. Da geschitt hei dat selwecht wéi um Monkeler.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei gëtt jo awer eng «zone regionale» an do kënnt net esouvill Industrie dohinner.

Breyer Roland, Schäffen:

Jo, an déi Zon kommen éischter Handwierksbetriber.

Becker Romain (déi gréng):

Mä och déi kënne Kaméidi maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass richteg. Wann elo e Busunternehme mat 100 Bussen dohinner kënnt, an dee kierpt seng Bussen alleguerte mueres un, dann ass et sécher, datt een dat héiert.

Becker Romain (déi gréng):

A wann zum Beispill een dohinner kënnt, wéi an der Kierchestrooss an dee Marber schneid, da mécht dat och Kaméidi. Och an enger «zone artisanale» ginn et Betriber, déi eng Lärmbelästigung maachen. Och wann et keng grouss Belaaschtung duerch den Dreck ass, esou kann et awer eng grouss Belästegung duerch de Kaméidi ginn. A wa Beem dotëschent stinn, dann ass dat net grad esou schlëmm.

Ech wollt iech dat just mat op de Wee ginn a wollt emol wëssen, wéi dir doriwwer denkt.

Breyer Roland, Schäffen:

Eis Gemeng ass eng laang gezunne Sträif. A wa mer iwwerall 300 Meter aus dem Kär ewechhuelen – lenks a riets – da bleift net méi ganz vill. Da si mer direkt um Hierschtbierg an um Prënzebierg. Dofir muss een där Situatioun och Rechnung droen. Mir kënnen awer och domatter liewen, wann op verschiddene Plazen nëmmen 200 oder 100 Meter sinn, oder datt mer aner Mesuren dohinner maachen. Wa mir elo e Strëch zéie mat deenen 300 Meter, wéi et an de sektorielle Pläng virgesinn ass, da bleift net méi ganz vill iwwereg. An da kënne mer ophalen an et huet kee Wäert méi, datt mer weider iwwer de «Grand Bis» diskutéieren.

Becker Romain (déi gréng):

Et ass jo haaptsächlech zu där Säit, wou eis Awunner wunnen.

Breyer Roland, Schäffen:

Jo. Et kann ee jo och nach kucken, wat een alles do ka maachen. Et muss souwisou op deem Terrain opgefëllt ginn an do kann een da versichen, datt een eng «zone tampon» mécht, déi méi dicht ass an déi méi efficace ass, ouni mussen déi 300 Meter anzehalen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et drëm, fir eng éischt Approche ze maachen. An d'Ministeren hu jo och gesot, datt se gäre wëlle mat eis an

d'Gespréich kommen, nodeem mer dat heite gemaach hunn. An da kann ee jo an deem Kader vu PAP, am Kader vun deem Projet, kucken, wat do machbar ass. Fir eis ass et kloer, wann et «tel quel» mat deenen 300 Meter am Text stoe bleift, da kënne mer den Dossier begruewen. Well dann ass den Dossier gestuerwen.

Breyer Roland, Schäffen:

Nëmme fir ze soen, am PAP vum «Grand Bis» – deen nach net offiziell leeft, well mer nach am gaange sinn ze diskutéieren – sinn e ganze Koup Alléeë virgesi fir d'Fliedermais. Et kënnt also e ganze Koup dohinner an do kann ee sech och virstellen, datt een a Saache Lärmschutz och deementspriechend eppes virgesäit. An dat op eng aner Manéier wéi déi 300 Meter.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da géif ech dann zum «Plan directeur sectoriel 'Transport'» iwwergoen. Dozou hätte mer net allzevill ze soen. Dat eenzegt, wou mer trotzdem wollten drop hiweisen, ass, datt de Parking P&R – wou mer wëssen, datt de Minister am gaangen ass drun ze schaffen – «de toute urgence» miisst realiséiert ginn. Et sollt een och Démarchë maachen, fir esou Parkinge P&R iwwer d'Grenz – zu Longlaville an zu Ibbeng – ze schafen.

Mir sinn och der Meenung, datt eppes muss realiséiert gi mat der «avenue de l'Europe». Well fir de Moment fonctionnéiert déi «avenue de l'Europe» net onbedéngt. A mir kéinten eis virstellen, datt een – laut enger Étude, déi virläit an déi mer dem Minister och zoukomme gelooss hunn – do e «boulevard urbain» géif maachen. Wichteg ass fir eis, datt mer wollten de Message vum Gemengerot viruginn, datt ee beim Transitverkéier an dem Verkéier, deen all Dag duerch eis Gemeng geet, muss Mesuren huele fir dee Problem ofzeschwächen. An do kann de P&R eng Roll spillen, mä awer och d'Ëmgestaltung vun där «avenue de l'Europe». Mir wollten doropper hiweisen, och wa mer elo gesot kréien, datt et u sech näischt mat de sektorielle Pläng ze dinn huet. Mä mir mengen awer, datt e wichteg ass fir nach eng Kéier op dës Noutwennegkeet hinzeweisen.

Stoffel Marco (LSAP):

Bei deem Rond-point op der «Porte de Lamadelaine» hunn ech gelies, datt eventuell rout Luuchte virgesi sinn. Do muss een awer oppassen, datt dat awer nëmmen zäitweileg wier. Well wann déi Luuchten dohinner kommen an de Verkéier hëlt nach weider zou, da packen déi rout Luuchten dat och net méi. Et wier wichteg, fir eventuell och nach Bypassen ze maache fir op Athus eriwwer, oder esou. Et ass och wahrscheinlech esou, wou et an der Iddi ass. Et muss een awer kucken, datt dat nëmmen temporaire ass an net definitiv fir déi nächst 30 Joer. Well soss hu mer duerno erëm déi selwecht Problemer. Well och déi rout Luuchte ginn zwar vläicht deelweis eng Erliichterung zu där Situatioun, déi de Moment do ass, mä et kann een dat awer net als definitiv Léisung zeréckbehalen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn eis do op eng Étude baséiert, déi vum Sikor gemaach ginn ass an déi op 2009 zeréckgeet. An do war einfach nëmme gekuckt ginn, wat ee ka maache fir déi ganz «avenue de l'Europe» méi fléissend ze gestallten a wat ee ka maache fir d'«mobilité douce» och mat eranzekréien.

An do waren déi spezialiséiert Büroen zur Conclusioun komm, datt – wann een an e «boulevard urbain» iwwergeet – do en Investissement fir déi ganz «avenue de l'Europe» déi Zäit vu 6,1 Milliounen Euro néideg wier, fir déi Investissementer ze tätegen. Par contre, wann een déi verschidden Autobunnen (franséisch, belsch a Lëtzebuerger) matenee géif verbannen, da wieren 78 Milliounen noutwenneg. Dat war 2009.

Dofir war zeréckbehale ginn, datt dee «boulevard urbain» eng Léisung kéint sinn. E Beispill vun engem «boulevard urbain» hu mer um Kierchbierg. Deen huet déi selwecht Kadenz – 28.000 Autoen am Dag – an dee fonctionnéiert besser wéi d'«avenue de l'Europe». E fonctionnéiert net super, mä e fonctionnéiert awer besser, well de Verkéier duerch Luuchten drainéiert gëtt. An d'Luuchte kann ee steieren. Et kann een se mueres méi laang gréng loossen a Richtung Stad an owes dann ëmgedréint a Richtung Grenz. An do kann een och d'Säitestroosse blockéieren. A mir hunn déi glécklech Lag, datt mer zu där «avenue de l'Europe» och parallel Stroossen hunn. Dat heescht, ech muss d'«avenue de l'Europe» zum Beispill net mueres huelen, wann ech a Richtung franséisch Grenz wëll fueren.

D'Luuchten hunn och de Virdeel, datt se dem Verkéier vill méi séier kënne Rechnung droe wéi e Rond-point. Déi meescht wëssen net, wéi se richteg an engem Rond-point solle fueren. Et gëtt esou gefuer, datt se de Rond-point blockéieren, an dat haaptsächlech deen op der «Porte de Lamadelaine» an dee klenge Rond-point am PED, dee geduecht ass, fir datt d'Camione kënnen dréinen.

Wann déi 2 Rond-pointen net do wieren, da wiere mir op alle Fall emol roueg bis iwwer d'Grenz. An da si mer am Frankräich an dann ass et un hinne fir de Problem ze léisen.

Wa mir géife mat Luuchte fueren, da kéinte mer e ganze Koup Berouegunge virgesinn. Déi Léisung mat de Luuchte wier net optimal, mä si wier awer besser wéi dat, wat mer de Moment hunn.

2009 souz Ponts et Chaussées zwar mat um Dësch, mä mir hunn awer déi Étude nach eng Kéier u si weiderginn. Well si haten hir Copie net méi erëmfonnt. An d'Iddi mat de Luuchte schéngt an eisen Aen awer d'Léisung ze sinn, wann een net mat engem Tunnel dee Rond-point wëll évitéieren.

Stoffel Marco (LSAP):

Dat ass an der Rei. Fir elo d'Situatioun ze entschäerfen, wier dat déi beschten an déi séierste Léisung.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn elo schonn deelweis eng Äntwert op déi Fro kritt, déi ech wollt stellen. Ech wollt näämlech wëssen, wéi déi Kräizung op der «Porte de Lamadelaine» sollt ausgesinn. Ech begréissen awer, wann déi Kräizung géif dohinner kommen, eleng scho wéinst de Foussgänger. Déi hätten dann och emol eng Méiglechkeet, fir iwwer déi Strooss ze kommen. D'Schüler, déi an de Lycée ginn, hätten och eng Méiglechkeet fir dohinner ze kommen.

A manner Verkéier kéinte mer jo och kréien, wa mer deen Opfangparking zu Rodange géife kréien. Dofir wier dee Projet scho gutt.

Breyer Roland, Schäffen:

Et muss een dat am Kontext mat deem Parking P&R gesinn. Wann et sollte 1.500 Plaze ginn, da géifen déi natierlech och manner op eise Parkingen an den Uertschafte stoen. Well de Moment stinn déi bei eis an den Uertschaften an huele vun hei aus den Zuch.

Duerch dee «boulevard urbain» kréie mer och den Trafik aneschters kanaliséiert. Wann dee «boulevard urbain» bis leeft, dann hu mer déi Schläichweeër och net doruechter. Wann op deem «boulevard urbain» eng Gréngzon besteet – mueres fir an d'Stad an owes a Richtung Grenz – da gëtt déi Strooss och genotzt.

Brecht Guy (LSAP):

Ech sinn am Fong geholl frou, datt mer dat Thema so upaken. Well ech mengen, d'Parteien haten et alleguerten an hirem Walprogramm stoen. Mir hunn och schonn deemools gesot, datt mer alles géife versichen. Mir hunn zwar nach net déi ideal Léisung, mä mer versichen awer, fir zesumme Léisungen ze fannen, an dat och op nationalem Plang. Ech hoffe just, datt op nationalem Plang och esou gutt matgeschafft wéi mer eis dat wënschen. Op jiddwer Fall fannen ech et gutt, datt mer endlech dee Problem do uginn.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt eigentlech de P&R-Rodange uschwätzen, well ech déi ganz grouss Freed hunn, all mueres den Zuch ze huelen. An dee Parking ass effektiv ze kleng. Ech kommen zu Fouss op d'Gare a brauch dee Parking net, mä ech gesinn awer, datt de Besoin natierlech immens akut ass an datt et wierklech gutt wier, wann dee Parking – mat deene 1.500 Plazen, esou wéi et vum Minister annoncéiert ginn ass - géif realiséiert ginn.

Da wollt ech nach eng aner Saach uschwätzen. Mir schwätzen hei iwwer de «Grand Bis», mir schwätzen iwwer «zones économiques», mir schwätzen iwwer den Transport. An ech mengen an ech denken, datt do och e bëssen eng méi regional Approche miisst geholl ginn. Well et gëtt och vun Ëmgehungsstroossen zu Käerjeng, asw., geschwat a mir wëssen, datt mir eigentlech duerno de Wupp sinn an datt mir déi Autoen duerno alleguerten heihinner kréien.

Dir wësst vläicht, datt de Prosud un engem regionalen Avis vun deenen 11 Membersgemenge schafft an dee muer soll presentéiert ginn. Deen Avis ass nach ëmmer «amendable». An ech wier och frou, wann do eng e bësse méi regional Dynamik aus deene Froe géif entstoen, well et eis jo awer direkt betrëfft. An ech fannen et ëmmer erstaunlech, wann ëmmer iwwer d'Gemenge Käerjeng oder Suessem geschwat gëtt, awer ni richteg iwwer déi Péitenger Gemeng. Well mir leiden eigentlech dorënner, datt och do net vill geschitt oder nach net vill geschitt ass. An dofir hoffen ech, datt dat och regional besser ugepaakt gëtt.

Breyer Roland, Schäffen:

De Minister huet ganz kloer gesot, datt hien esou ee Parking P&R wëll dohinnersetzen. An d'Étudë sinn anscheinend och ënnerwee. Mir hunn awer elo aus deene Gespréicher, déi mer mat verschiddene Bureaux d'étuden haten, héieren, datt et scho gutt ausgesäit an awer net esou gutt. Dat heescht, wa mer gären eng séier Léisung fir de P&R hätten, da kréie mer eng kleng Léisung, an dat wier kee Parking mat 1.500 Plazen. Da wier e Parking mat 300, 400 oder 500 Plaze méiglech. Dat ass besser ewéi näischt, mä et muss ee kucken, ob dat duergeet an ob dat net dann einfach nëmmen eng Drëps op e waarme Steen ass an datt et dann net méi virugeet. Well wann ee gären e Parking mat 1.500 Plaze wëll, da muss een och un der Rodanger Gare eng Rei Transformatioune maachen. Dat heescht, tëscht der Gare an dem Parking huet een d'Gleiser. Et muss een dann d'Quaië versetzen an et huet een dann dee Moment eng ganz aner Approche. Et muss een och en Tunnel maachen. Well d'Leit acceptéieren de P&R nëmmen, wa se och wierklech en direkten Accès op den Zuch hunn.

Dofir muss ee kucken, wat ee wëllt an datt een net ofgespeist gëtt mat enger séierer Léisung, déi vläicht dann nëmme provisoresch wier, mä duerno awer näischt méi geschitt.

Eng Méiglechkeet wier, fir am Ausland Mesuren ze schafen an d'Autoen do schonn opzefänken. Mä do muss awer eng Harmonisatioun mam ëffentlechen Transport geschéien. Well d'Präisser sinn net déi selwecht an d'Sécuritéit ass och net iwwerall déi selwecht op deene Parkingen.

Dofir muss een opmierksam sinn. Mir schwätzen hei bei de sektorielle Pläng «Transport» vun enger séierer Léisung, mä et muss awer eng séier Léisung sinn, déi efficace ass an déi och akzeptéiert gëtt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif soen, datt dann och zu dësem «Plan directeur sectoriel» d'Discussioun ofgeschloss ass a mir géifen dann zu deem nächste Plang iwwergoen. An zwar wier dat de «Plan directeur sectoriel 'Logement'».

Zu deem Plang hätte mer u sech 2 Saachen ze soen. Mir sinn eng «commune prioritaire» an do gesäit dee sektorielle Plang «Logement» vir, datt ee muss 20% wuessen. Mir sinn an deene leschte Joere ganz zolitt gewuess a mir sinn der Meenung, datt mer Problemer kréie fir déi 20% ze assuréieren. An dat, well mer schonn eng gewëssen Densitéit hunn, an ëmsou méi, datt dat muss an neie Quartiere sinn. Dat schéngt eis kaum realisabel ze sinn an dofir proposéiere mer, datt deen «taux de progression» soll iwwerkuckt ginn. Iwweregens sinn och aner Gemengen, déi dat och scho beanstandet hunn. Och de Syvicol huet gesot, datt 20% fir prioritär Gemenge vill ass an datt een dat miisst e bësse méi nuancéiert gesinn an net pauschal fir all d'Gemengen.

Et si sécherlech Gemengen, wou déi 20% ouni weideres realisabel sinn, mä et gi Gemengen, wéi Péiteng, déi vläicht kënne wuessen, mä an neie Quartieren e Wuessen ëm 20%, do soe mir einfach, datt dat eng Saach vun der Onméiglechkeet ass. An dat wëlle mer vu virera kloerstellen.

Dann hu mer awer – mengen ech – fir d'Madame Nagel eng ganz positiv Saach. Ech hunn héieren, datt e ganze Koup Gemenge sech awer opgereegt hunn, well se eng «zone pour projets d'envergure déstinée à l'habitat» an hirem Territoire definéiert kruten, déi relativ grouss ass. Mir hu keng esou eng «zone pour projets d'envergure déstinée à l'habitat» an eiser Gemeng festgeluegt krut, mä mir géifen awer mengen, datt mer eng Propositioun ze maachen hunn. Dat ass do, wou d'«Eucosider» steet a wou mer scho méi laang e «plan directeur» drop leien hunn. E groussen Deel dovunner gehéiert Arcelor Mittal, mä deen aneren Deel gehéiert der Gemeng Péiteng. A mir géifen der Madame Nagel proposéiere fir an hirem sektorielle Plang «Logement» eng «zone pour projets d'envergure déstinée à l'habitat» virzegesinn. Well mir géife mengen, datt dat sech ganz gutt do géif eegenen, no beim Zuch a bei der Gare. An iwwer dee Wee géife mer och erreechen, datt méi Drock op dee Projet gemaach ka ginn a mir géifen dann och ee vun de Propriétaire méi dozou beweegt kréien, fir mat eis un deem Projet matzemaachen.

Dat waren 2 Punkten, déi mir zum «Plan directeur sectoriel 'Logement'» festgehalen hunn. Wann et dozou keng Wuertmeldunge vum Gemengerot ginn, da géif ech zum «Plan directeur sectoriel 'Paysages'» iwwergoen.

Zu dësem sektorielle Plang hätte mer e puer Reklamatiounen ze maachen. Dat ass ënner anerem d'Reklamatioun vun der Minièresbunn an dem Train 1900, déi soen, datt hir Zonen – wou si bis elo aktiv waren a wou si hir Gleiser leien hunn – elo an de sektorielle Plang «Paysages» dragesat si ginn. Déi Zone sinn elo als Gréngzonen definéiert ginn, wat sécherlech d'Exploitatioun vun deene Siten net onméiglech mécht, mä et bremst se awer doudsécher. Well do wäerten d'Oploe jo awer méi grouss a méi schwiereg sinn, wann een do nei Gebaier wëll opriichten oder iergendeen Investissement op deem Site wëll maachen. Dofir proposéiere mir, fir déi Terrainen erauszehuelen. Dat selwecht gëllt och fir de «Roudenhaff», dee mer och aus deem sektorielle Plang «Paysages» wëllen eraushuelen.

Esou wéi och de «Site archéologique Tëtelbierg». Do wëlle mer deen an Zukunft méi revaloriséieren. Do sinn och Gespréicher mam Musée, fir dee Site nach méi fir de Public opzemaachen. A mir fäerten awer, wann dee Site als Gréngzon definéiert gëtt, datt dat d'Saach net méi einfach mécht. Ganz am Géigendeel, et gëtt méi schwiereg an dofir hätte mer och gären, datt dee Site aus deem Plang als Gréngzon erausgeholl gëtt.

Esou wéi op jiddwer Fall och zu Rodange «Um Duel». Well déi Terrainen hate mer u sech ëmklasséiert als «zone de loisirs avec séjour». An elo ass deen Terrain op eemol erëm als Gréngzon definéiert ginn, wat menger Meenung no awer e Feeler ass. An dat mécht eis d'Saach erëm méi schwiereg fir dee Projet, dee mer awer nach ëmmer envisagéiere fir op där dote Plaz ze maachen, ze realiséieren.

Dann ass et nach de Scoutschalet zu Péiteng. Do proposéiere mer, fir op mannst déi kleng Parzell – wou de Chalet drop steet – aus där Gréngzon erauszehuelen. Dat géif sécherlech och an Zukunft d'Saach méi einfach maachen, wann déi Scouten déi eng oder aner Transformatioun un deem Chalet miisste maachen. Et ass e ganz klengen Eck an ech mengen, datt et net ganz vill géif der Gréngzon schueden, wa mer dat géifen eraushuelen. Et géif awer de Scouten hëllefen, wa se an Zukunft e Projet op deem Site wéilte maachen.

Schlussendlech froe mer, iwwerall do, wou mer eis Waasserbassengen an eis technesch Installatiounen hunn, datt se dat och sollen eraushuelen. Well och dat ass sécherlech net evident, wa mer eise Waasserbasseng zum Beispill um Hierschtbierg op eemol an der Gréngzon leien hunn an et muss eppes dru gemaach ginn. Da wäerten d'Prozedure sécherlech vill méi komplizéiert sinn. An dofir si mer der Meenung, datt – iwwerall do, wou schonn eppes steet a mer existent Infrastrukturen hunn – mer déi Saache sollen eraushuelen an eis domatter net onnëtzt Schwieregkeeten ze maachen, wann noutwenneg Aarbechten do musse gemaach ginn. Well et wäerte mat Sécherheet zousätzlech Oploe kommen, wann déi Terrainen als Gréngzon bestoe bleiwen.

Dat wieren am Fong geholl déi puer Punkten, wou mer mengen, déi sollten am «Plan directeur sectoriel 'Paysages'» geännert ginn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Kënnt dir mer soen, watfir Aktivitéiten um Terrain «Megatrax» de Moment sinn, wien do Propriétaire ass an op der wësst, wéi deen Terrain momentan ausgesäit?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do war jo eng Firma, déi Faillite gaangen ass an deen Terrain gehéiert nach ëmmer där Firma. Do si Bestriewunge vum Stat, datt hien deen Terrain eventuell géif kafen, awer «en vue», fir der Minièresbunn deen Terrain och zur Verfügung ze stelle fir déi touristesch Exploitatioun, déi se do wëlle maachen. Et wier geduecht, fir datt Minièresbunn hir Gefierer ënnerdaach ka stellen an hir Wagone kënne stockéieren. Well mer wëssen, datt do Gespréicher sinn, a well mer dat och ënnerstëtzen, datt an deem Sënn Efforte gemaach ginn, wollte mer soen, datt mer dee Site och wëllen aus der Gréngzon eraushuelen. An da géif et duerno – genee esou wéi de Rescht vun den Eisebunnslinne vum Train 1900 an der Minièresbunn – als «zone touristique» klasséiert ginn. Selbstverständlech kann een do keng Haiser bauen oder e Lotissement maachen. Mä mir wéilten deen Terrain awer gäre fir touristesch Zwecker gebrauchen. An ech fäerten, datt – wa mer et ënner «Paysages» stoe loossen – mer do an Zukunft Schwieregkeete kréie fir do ze investéieren am Intressi vun der touristescher Entwécklung vum Tëtelbierg.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, momentan sinn awer nach Aktivitéiten do?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, et ass komplett eidel.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, mir hunn näischt mat deem Projet ze dinn, datt mir et duerno iwwerhuelen als Gemeng? Well momentan läit a steet awer nach vill do.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hu guer näischt domatter ze dinn. Mir wësse just, datt de Kulturministère an de Service fir d'Uschafunge vum Stat am gaange sinn ze verhandele mat dem Curateur. Et scheitert fir de Moment um Präis, well deen natierlech e gewëssene Betrag wëll kréien. An de Stat ass awer nëmme bereet fir eng gewëssen Zomm ze ginn. Mä wa se sech eens ginn an et gëtt eppes op deem Terrain realiséiert, dann ass et am Intressi vun der Minièresbunn, fir datt déi sech weider kënnen entwéckelen.

Scheuer Romain (déi gréng):

De Projet JUFA, ass deen och nach ëmmer am Lafen? Well mir hu scho laang näischt méi dovunner héieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dee Projet besteet nach ëmmer. Mir wëssen, datt haut e Lëtzebuerger Architekt mat engem Ingenieursbüro op Invitatioun vun hinnen dorower gefuer ass, fir nach weider zesummen un deem Projet ze schaffen. Et ass jo och en auslänneschen Investisseur, an dee muss sech jo och hei zu Lëtzebuerg informéieren, watfir administrativ Démarchen hei zu Lëtzebuerg néideg si fir kënnen z'exploitéieren. An haut sinn zwee Leit vun hei bei hinnen, fir dat zesummen ze kucken. An Enn November kommen se op Péiteng, fir konkret deen Dossier virzestellen. A mir hoffen, datt mer bis Enn 2014 en definitive «Go» an deem Dossier kënnen ze kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, si komme bei de Schäfferot?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Si kommen an enger éischte Phas emol Enn November bei de Schäfferot. An esoubal mir méi wëssen, wäerte mer sécherlech och de Gemengerot doriwwer an d'Bild setzen. Well de Gemengerot muss jo och seng Accorden zu enger ganzer Rei Saache ginn.

Domatter – mengen ech – wieren d'Diskussiounen eigentlech zu dëse sektorielle Pläng ofgeschloss. Op Grond vun deem, wat mer hei gesot hunn, géif ech mengen, datt mer quasi e Konsens hei am Gemengerot hu fir - op Grond vun deenen Diskussiounen, déi mer hei elo gefouert hunn – dës «prise de position» guttzeheeschen.

Dofir géif ech dës Stellungnahm – mat all deene Remarquen, déi mer elo hei gemaach hunn – elo hei zum Vote stellen. Doropshi wäerten awer sécherlech nach Diskussioune mat der Regierung a mat den zoustännege Ministere gefouert ginn a mir hoffen, datt mer esou wäit ewéi méiglech deen Input – dee mer elo hei ginn hunn – och ëmgesat kréien an deene sektorielle Pläng.

Thein Joe (adr):

Ech wollt mech gären allgemeng zu deene sektorielle Pläng äusseren, well et jo awer en immens wichtegt Thema ass. Déi éischt Fro, déi ech mer hei stellen, well et ass eng

essentiell Fro an eng ganz elementar Fro, wann een iwwer d'Plans sectoriellen och wëll schwätzen, dat ass, wéi grouss soll déi Gemeng wuessen? Wéi grouss stellt sech d'Gemeng eigentlech vir? Wéivill Awunner an och vun der Struktur hir, dat hu mer jo an ären Ausféierunge gesinn. Mä et muss ee sech einfach d'Fro stellen, wéi grouss soll déi Gemeng hei ginn. An do muss emol eng Kéier eng kloer Zuel genannt ginn, dass mer kënne soen, op dat baséiert elo eis zukënfteg Planung.

Ech wëll och dobäifügen, datt d'adr géint déi sektoriell Pläng ass. Dofir hunn ech mech och net spezifesch zu deenen eenzelne sektorielle Pläng geäussert. Et ass näämlech dat hei:

D'adr ass géint Planwirtschaft. Mir si géint e Kommunismus, dee mer hei iergendwéi wëllen aféieren a mir wëlle gären, datt alles dezentral bei de Gemenge bleift an datt d'Gemengen hir Gemengenautonomie kënne spille loossen.

An dann ass et natierlech och komplett ondemokratesch. Ech mengen, déi nei Regierung, déi doudsécher kënnt, well Gambia ass näämlech net déi lescht Form vu Politik, déi mer hei am Land hunn, wäert näämlech déi sinn, dass déi nei Regierung absolut handlungsbeschränkt ass. Et muss ee wëssen, datt hei fir iwwer joerelaang festgeluegt gëtt, wéi den Territoire a wéi d'Bebauung soll stattfannen. An domatter ginn déi zukënfteg Regierungen och mat Problemer konfrontéiert.

Mir haten och dem Schäfferot schonn eng «question communale» den 13. Juli 2014 zu deene sektorielle Pläng gestallt, zum PST, PSP, PSL an PSZAE. A leider krute mer och do leider net déi néideg Äntwerten drop, esou datt ech mengen, datt ech do nach eng Kéier wäert iwwert e Schreiwes bei iech intervenéieren, fir datt dir eis do nach eng Kéier méi Renseignementer kënnt ginn. Ech mengen, dir sidd an deem Fachwëssen dran an dir musst eis dann och kënnen erklären, wat et da mat deene Saachen op sech huet.

An dann ass et och ganz wichteg, dass der absolut Stellung bezitt. Sidd der dann elo fir déi «plans sectoriels» oder géint déi «plans sectoriels». Well am Aide-mémoire steet, datt dir dofir sidd, mä dir hutt dann awer gläichzäiteg 21 Punkten, déi iech dru stéieren. A wann een 21 Punkten huet, wou een eng aner Meenung huet wéi dat, wat vun der Regierung a vum Ministère kënnt, da sinn ech der Meenung, datt ee muss soen, datt mer dergéint sinn. Da kann een net soen, mir sinn dofir.

An och ganz, ganz wichteg, et hätt ee miissten onbedingt – an do laanscht kënnt een net, an dat ass Lokalpolitik – 3 offiziell Versammlungen an den Uertschaften ofhalen, wou een d'Bierger mat involvéiert hätt zu deenen Diskussiounen, esouwuel zu Lamadelaine, Péiteng ewéi Rodange. An och wa selbstverständlech dat Ganzt hei op der Plaz oploung a sech d'Bierger konnten informéieren, esou ass et awer eng Selbstverständlechkeet, datt de Gemengen- a Schäfferot higeet an dem Bierger Ried an Äntwert steet.

Dat gesot, wëll ech och just nach dobäifügen, datt mer och en Expert haten, dee bei der adr iwwer dat Thema referéiert huet. A mir sinn eben, wéi gesot, zur Meenung komm, dass mer dës «plans sectoriels» net wäerten ënnerstëtzen. A mir géifen eben de Schäfferot och motivéiere wierklech dat hei nach eng Kéier op de Leescht ze huelen an nach eng Kéier mam Ministère driwwer ze schwätzen. Well dat doten huet «grave» Konsequenze fir d'Entwécklung zu Lëtzebuerg.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir hutt gefrot, wéi d'Gemeng wëll wuessen. Mir hunn eis dozou jo scho beim «Plan sectoriel Logement» kloer ausgeschwat, datt mer déi 20%, déi do virgesi sinn an neien Zonen an neie Quartieren, net wëllen.

A wéi d'Gemeng wëll wuessen, dat huet de Gemengerot 1992 am Kader vum PAG festgehalen. Dee PAG gouf an der Tëschenzäit zweemol modifizéiert an am Fong gouf d'Progressioun vun der Populatioun reduzéiert an deem mer eng Rei Mesuren décidéiert hu fir net méi esou héich an den Zentrume vun eisen Uertschaften ze bauen. Esou datt mer do – iwwer de PAG – festgeluegt hunn, wéi d'Gemeng soll wuessen.

Op Grond vun deene «plans sectoriels», wa se fäerdeg sinn, – an dofir hu mer jo gewaart, watfir een Impakt déi Pläng op eise PAG wäerten hunn – wäerte mer am nächste Joer de PAG definéieren. An do ass d'Progressioun dann och definéiert. An déi steet zum Beispill net a Conformitéit mat deem, wat elo hei vun deenen 20% an de sektorielle Pläng ugestrieft soll ginn. Well déi 20% ass net dat, wéi mir eis virstellen, datt d'Gemeng soll a miisst wuessen. An dofir soe mer elo emol an enger éischter Phas, datt déi Obligatioun vun deenen 20%-Wuesstem miisst aus deene Pläng erausgeholl ginn, well dat net adequat fir Péiteng ass. A wa mer dat eraushunn, da wäerte mer zesummen, am Kader vum PAG, festleeën, wéi mer dann hei an der Gemeng wëlle wuessen.

Wichteg ass elo emol, datt am Kader vun de sektorielle Pläng gesot gëtt, datt e Wuessen ëm 20% an deenen nächsten 12 Joer fir eis net a Fro kënnt. An dat ass ee wichtege Message, dee mer wollte ginn.

De Schäfferot ass averstane mat deene sektorielle Pläng. An esou wéi ech et verstanen hunn, ass et de Gros vum Gemengerot och, well mer der Meenung sinn, datt eng Landesplanung wichteg ass. Well wat hu mer fir de Moment?

Mir hunn de Moment grad dee Problem op der Collectrice, well mer de Moment net genuch organiséiert gewuess sinn. Dofir kréie mer jo dee ganze Frontaliers-Trafik duerch eis Gemeng, a wou mir drënner leiden. An ech mengen, eng Landesplanung ass absolut wichteg an do ware sech d'Regierungen an deene leschten 20 Joer eens. Et ass ugaange mat engem IVL a mir sinn elo haut bei deene sektorielle Pläng ukomm. An do gëtt dann och definitiv vun der Regierung a vun der Chamber festgeluegt, wéi d'Land soll wuessen a wou d'Land soll wuessen, a wou e coordinéiert Wuessen och Sënn gëtt.

Fir mech ass et ganz kloer, datt dat absolut noutwenneg ass. An datt mer elo endlech op deem Punkt ukomm sinn, wou mer eppes virleien hunn, begréissen ech awer. An ech kann net Är Meenung deelen, datt een dat net soll maachen. An ech mengen och, datt dee ganze Gemengerot – ausser Iech – der Meenung ass, datt dat heiten absolut noutwenneg ass.

Wéi gesot, am Kader vum PAG wäerte mer déi Diskussioun nach méi déifgräifend hei am Gemengerot féieren. Mir mussen elo just kucken, datt déi sektoriell Pläng eis elo keng Oploe ginn, déi mer net wëllen. An dat sinn déi 21 Punkten, déi mer hei opgezielt hunn. A wa mir déi 21 Punkten hei respektéiert kréien, da si mir total mat deene sektorielle Pläng averstanen. Well dann ass dat eng Entwécklung fir eis Gemeng a fir déi ganz Regioun hei. An et ass virdrun och vun der Madame Gonçalves gesot ginn, datt een dat net nëmmen op eis kleng Gemeng soll gesinn, mä et muss een dat och iwwer d'Grenze vun der Gemeng eraus gesinn. Well eng Décisioun, déi mir hei huelen, kann och en Impakt op eng Nopeschgemeng hunn. An dofir ass et scho wichteg, datt d'Regierung, datt d'Chamber, datt d'Parlament sech mat där Saach do ausernee setzt a kuckt, wéi et tëscht deenen eenzelne Gemenge coordinéiert ka ginn. An datt net jidderee ka maachen, wéi e wëllt, schéngt mer evident ze sinn.

Wat elo d'Prozedur ugeet, fir d'Awunner mat anzebauen, wollt ech soen, datt et kloer ass, datt d'Awunner d'Méiglechkeet hate fir déi sektoriell Pläng akucken ze kommen. An d'Awunner konnte jo och hir Remarquë maachen an et si jo och eng Rei Remarquen erakomm. An déi Remarquen hu mer och ugeholl an an den Avis vun der Gemeng mat iwwerholl. Et muss een awer wëssen, datt déi sektoriell Pläng – ausser deene generelle Saachen – ganz wéineg Impakt op déi eenzel Leit hunn. An dofir menge mer, datt et an dëser Phas net noutwenneg war, fir esou Informatiounsversammlungen ze maachen. Mir wäerten awer – wa mer de PAG presentéieren – selbstverständlech esou Informatiounsversammlunge maachen. Well da gi mer vill méi an den Detail. Hei si mer de Moment op engem Niveau ukomm, wou ech mer kaum ka virstellen, datt vill Leit interesséiert gewiescht wieren. An et waren och nëmmen e puer Leit hei op d'Gemeng déi Pläng kucke komm. An dat waren u sech 2 Associatiounen, déi e perséinlechen Intressi haten, datt so eppes sollt geännert ginn, well d'Pläng si an hirer Entwécklung géif bremsen.

Mä fir de Rescht war näischt dran, wat eng Eenzelpersoun interesséiert hätt. Op Grond vum PAG, dee mer d'nächst Joer wäerte virstellen, wäerte mer sécherlech d'Geleeënheet kréie fir vill méi am Detail kënne mat der Bevëlkerung ze diskutéieren. An dee Moment wäerte mer d'Leit och invitéieren, fir datt se gesinn, wéi sech d'Gemeng wäert weiderentwéckelen. An do wäerte mer och mat geneeën Zuele kënne soen, watfir Repercussiounen déi op d'Entwécklung vun der Gemeng an der Populatioun wäerten hunn.

An ech kann iech versécheren – an do si mer eis alleguerten eens - , datt mer net méi an deem Rhythmus vun deene leschte Joere weiderwuesse kënnen. An déi Mesuren, déi mer am PAG wëllen huelen, sinn net geduecht, fir de Wuesstem vun der Populatioun komplett op Null ze setzen, mä fir en e bësse méi ze bremse wéi an de leschte Joeren.

Accord par 16 voix contre 1 voix (adr).

9.2.

Urbanisation.

Taxe de participation au financement des équipements collectifs – décision.

Mir sinn an der Suerg, well mer ganz vill a leschter Zäit mussen investéieren a well d'Moyene vun deenen eenzelne Gemengen an Zukunft awer wäerten zolitt reduzéiert ginn. Net méi spéit wéi de leschte Samschdeg hunn ech eng Rei Hiobsbotschaften vum Inneminister, dem Här Daniel Kersch, héieren a wat hien alles wëll änneren. A wann dat sollt antrieden – an ech hoffen nach ëmmer, datt et net wäert antrieden – da bedeit dat en Aschnëtt an d'Gemengefinanzen, deen net onwesentlech fir d'Péitenger Gemeng ass. An «en vue» vun all deem, wat an Zukunft wäert kommen, hu mer gekuckt, wat d'Gesetzgebung hiergëtt a wat déi aner Gemenge ronderëm och gemaach hunn. Mir hu festgestallt, datt eng ganz Rei Gemengen eng «taxe de participation au financement des équipements collectifs» hunn. Mir sinn – besonnesch hei am Eck – eng vun deenen eenzege Gemengen, déi dat nach net haten. Mir haten et och scho virun e puer Joer ugedeit fir dat ze maachen, mä mir hunn et awer ëmmer erëm zeréckgeschrauft, well mer gesot hunn, datt mer fir de Moment dat Finanzement nach kënnen assuréieren. Et ass och festgestallt ginn, datt mer a leschter Zäit ganz vill an d'Schoulen, an d'Maisons Relaisen, an d'Sportsinfrastrukturen an an eis Administratioun hu miisste stiechen. Am Ganze komme mer do op 147 Milliounen Euro an deene leschten 20 Joer, datt heescht vun 1994 bis 2013. Esouguer wann een higeet an et géif ee soen, datt een den «investissement net» hëlt – well jo awer en Deel vum Stat iwwer Subside matgedroe gouf – da komme mer nach op 120,5 Milliounen Euro. Dat ass an 20 Joer en Brutto-Invest vun 8.500 Euro pro Awunner. A wann een et op den Netto hëlt, da sinn et 7.000 Euro pro Awunner.

Mir hunn eis ugekuckt, wat déi aner Gemengen esou doruechter gemaach hu fir do schonn deem virzegräifen. Mir hu festgestallt, datt d'Gemeng ganz oft dat an engem generelle Kader gemaach hunn. Dat heescht, ganz oft gouf en Ënnerscheed gemaach bei den Taxen, an zwar fir «maisons unifamiliales», fir «immeubles à appartements» an och ganz oft bei industriellen Zonen fir «zones commerciales et artisanales».

Bei den Industriezone waren d'Taxë méi niddereg wéi bei engem Eefamilljenhaus, wat och ubruecht ass, well e weidere Bierger, dee bei eis an d'Gemeng kënnt, vill méi grouss Usprëch op eis Gemengefinanzen an d'Investissementer huet wéi ee Betrib, dee bei eis kënnt. E Betrib huet och Usproch, well jo awer och do eng Rei Fraise generéiert ginn, mä e Bierger stellt vill méi ee groussen Usproch op eis Gemeng.

Doropshin hu mer am Fong proposéiert, fir hei eng Tax anzeféieren, déi ähnlech an eisen Nopeschgemenge gelagert ass. Dat heescht 5.000 Euro pro Unitéit an engem Eefamilljenhaus, wat supplementar geschafe gëtt.

3.750 Euro wieren et pro Unitéit an engem «immeuble à appartements». Firwat ass et do manner deier? Mir ginn einfach dovunner aus, datt an engem Haus méi Leit wunne wéi an engem Appartement. Well en Appartement ass ganz oft méi kleng an doduerch ass och den Impakt op d'Investissementer – déi mer musse maachen – méi niddereg wéi bei engem Eefamilljenhaus.

Mir haten awer och gesot, datt mer géifen 2.000 Euro pro Eefamilljenhaus froen, wann et en Haus «à caractère social» ass. Well et kann net sinn, datt mer soziale Wunnengsbau maachen an duerch eis Taxë gëtt et wesentlech méi deier. Mir waren awer och der Meenung, datt et ongerecht wier wa mer déi guer net géifen un deem «financemenent des équipements collectifs» bedeelege loossen. Et war gesot ginn, datt dat net richteg wier, an dofir wollte mer bei deene Fäll 2.000 Euro froen. Mir haten och ee Moment geduecht, fir dat op d'Entreprises publiques ze reduzéieren, mä do koum ënner anerem och vun der Finanzkommissioun eng Réplique, datt mer dat net kéinten op d'Entreprises publiques reduzéieren. Mir hunn deem Rechnung gedroen a gesot, datt – wa mer scho gären 2.000 Euro pro Unitéit bei den Eefamilljenhaiser wëllen hunn – da muss de Promoteur eng Demande maachen, déi motivéiert ass. An dann décidéiert de Gemengerot vu Fall zu Fall, ob et soziale Wunnengsbau ass oder net. A wann de Gemengerot der Meenung ass, datt et sech ëm soziale Wunnengsbau handelt, da kënnt de Promoteur an de Genoss vun där favorabeler Tax.

Wat déi eenzel Unitéiten ugeet, déi mer schafen als «surface commerciale», esou proposéiere mer 3.000 Euro pro Unitéit bis 200 m2, a bei enger Surface, déi do driwwer geet, kommen nach eng Kéier 1.000 Euro pro Tranche vun 100 m2 dobäi.

Dat sinn am Fong d'Propositiounen, déi um Dësch leien. Mir haten nach eng weider Diskussioun an dat war d'Diskussioun iwwert d'«Stations d'épuration et des collecteurs d'égouts». Do hat d'Kommissioun mat Recht drop higewisen, datt eng «erreur matérielle» géif bestoen. Well déi waren an déi Berechnung, déi ech virdru genannt hat, ni mat agerechent

ginn, well do am Text eppes iwwerholl gouf vun enger anerer Gemeng. Well richteg ass et, datt déi iwwer «taxes d'assainissement» am Fong mat amortiséiert ginn an iwwer dee Wee bedeelege sech d'Leit jo schonn.

Ech wëll nach eng Kéier ervirsträichen, datt dat hei eng «taxe de participation au financement des équipements collectifs» ass. Et ass net, datt d'Leit alles miisste bezuelen, well da miisst déi Tax nach vill méi héich sinn. Well soss hätt een zum Beispill – wa mer den Netto geholl hätten – bei engem Eefamilljenhaus, an deem 4 Leit wunnen, 4 mol 7.000 Euro, also 28.000 Euro miisste froen. Mir froen awer elo nëmme 5.000 Euro. Esou datt déi eenzel Promoteuren, respektiv déi Leit, déi do kafen, nëmmen eng Participatioun do bezuelen, also nëmmen en Undeel vun deem, wat muss investéiert ginn, direkt matdroen. An de Recht iwwerhëlt natierlech nach ëmmer d'Allgemengheet, dat heescht d'Gemeng Péiteng. Wann een dat elo kuckt, da kann ee soen, datt nach ëmmer 4/5 vun der Allgemengheet bezuelt gëtt.

Wéi gesot, mir sinn heimatter eng vun deene leschte Gemengen hei am Süden, déi esou eng Tax aféiert. Mir sinn der Meenung, datt mer se mussen aféieren, wa mer weiderhin am Intressi vun der Liewensqualitéit vun eise Leit wëllen investéieren. Well d'Mëttele vun de Gemenge wäerten an nächster Zukunft net méi esou sinn. An dofir muss ee sech awer aner Mëttele gi fir den Invest weider héich ze halen an datt d'Populatioun, déi bäikënnt, och weiderhin déi Servicer kritt, déi se sech erwaart, wa se an d'Péitenger Gemeng wunne kommen.

Polfer John (CSV):

De Buergermeeschter huet déi Tax hei elo gutt erkläert. D'Finanzkommissioun huet och doriwwer diskutéiert. Richteg ass, datt e Member an der Finanzkommissioun gemengt huet, datt déi Taxë fir d'Kläranlag a fir d'Égouten näischt dra verluer hunn. Dat huet de Schäfferot verbessert. Iwwer de Präis ass och diskutéiert ginn. Hei gouf och gemengt, datt – wann een en Haus baut a bei eng Bank geet fir 400.000 oder 500.000 Euro ze léinen – déi 5.000 Euro keng grouss Roll spillen. Des weideren ass gemengt ginn, datt déi Tax méi detailléiert miisst gemaach ginn, op de Metercarré oder lafend Fläch. Mä wie soll dat alles kontrolléieren? Et ass och gesot ginn, datt mer net sollen d'selwecht gi wéi an der Belsch. Well wann een do baut, da gëtt een do anescht taxéiert op ee seng Garage zum Beispill mat Placke leet oder mat Kiselsteng. A wie soll dat hei kontrolléiere goen? Ech weess net, ob d'Bautekommissioun kann doruechter lafen an dat kontrolléiere goen.

Mir wëssen och alleguerten, datt wann esou Wunnenge gebaut ginn a se da fäerdeg sinn, an d'Leit ginn esou lues dra wunnen, da ginn d'Späicheren nach ausgebaut. Dat miisst dann och nach kontrolléiert ginn. An dofir ass esou eng Tax, wéi mer se elo hei hunn an déi op d'Unitéit verrechent gëtt, vill besser.

Bei de soziale Wunnengen ass dat Wuert vun «promoteur public» erausgeholl ginn, well dat war och eng Beanstandung vun der Kommissioun. Well et hätten eventuell kënne Problemer entstoen. Ech hunn zwar nach net vill «promoteurs publics» gesinn, déi sozial Wunnenge bauen, mä loosse mer deem Rechnung droen. An dat ass hei gemaach ginn an dofir kann ech mat där Tax hei liewen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech war virdrun net op déi Geschicht vun de Metercarréen agaangen. Dozou muss een awer wëssen, datt d'Fraisen, déi op d'Gemeng zoukommen, net duerch d'Unzuel vun de Metercarréen entstinn. D'Fraise kommen op d'Gemeng duerch d'Zuel vun deene Leit, déi an deem Haus wunnen. Well et si jo d'Leit, déi vun den Infrastrukture profitéieren déi mer schafen. Och wann an engem Eefamilljenhaus vun 200 Metercarré 4 Leit mat 2 Kanner wunnen, an an engem aneren Haus wunnen op 150 Metercarré grad esouvill Leit, dann ass dee Besoin a béide Stéit dee selwechten. An dofir hu mer drop verzicht fir eng Tax pro Metercarré ze maachen. A mir hunn och e bëssen déi aner Gemenge gekuckt. An déi hunn och alleguerten e forfaitaire Betrag gemaach, well et jo engersäits eng Participatioun – e ganz klengen Deel – ass un deem, wat muss weider investéiert ginn an anersäits déi Investissementer, déi mir als Gemeng musse maachen, éischter op d'Zuel vun den Awunner sech baséiert an net op d'Gréisst vum Immeubel.

Dofir huet de Schäfferot déi méi simplistesche Wee gewielt. Well soss – an dat hutt Dir ganz richteg gesot – miisste mer dat alles kontrolléiere goen, héich komplizéiert Rechnunge maachen a weidert Personal astelle fir déi Aufgab ze meeschteren an erauszefannen, wéi déi eenzel Saache richteg sinn. Weider bréngt et dann awer net déi Gerechtegkeet, déi ee sech domatter erwaart. Well déi richteg Gerechtegkeet wier, datt ee géif kucken, wéivill Leit do géife wunnen an a Fonctioun vun deene Leit miisst een am Fong participéieren. Mä dat kann een awer am Ursprong, wann ee en Haus baut, net soen. Do kann een am Ufank zu 3 dra wunnen an duerno awer zu 7. Dat ass schwéier am Viraus ze soen an dofir si mer op de Wee vun engem pauschale Betrag gaangen. Dat ass nach bal am gerechtesten. Obwuel eng 100-prozenteg Gerechtegkeet bei esou enger «taxe de participation» schwéier hinzekréien ass.

Pierre Norbert (LSAP):

Ech deelen d'Aussoe vum President vun der Finanzkommissioun. Ech fannen et eng gutt Saach, datt mer endlech esou eng Tax aféieren. Aner Gemengen hunn dat scho laang. Et ass fir mech nëmmen normal, datt een esou eng Tax huet, well ee jo och vun all deene Servicer profitéiert, déi d'Gemeng ubitt. Fir mech ass et ubruecht, datt jidderee soll mat dorunner participéieren.

Mat där Tax kritt een et och vläicht erreecht, datt verschidde Promoteuren net méi grad esou hongereg si fir drop an dowidder ze bauen.

Ech kann déi Tax nëmme guttheeschen an ech géif och soen, datt een dat esou soll duerchzéie wéi et elo hei virgesinn ass.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Vum Prinzip hir stëmmen ech menge Virriedner zou. Dat ass och richteg esou. Dës Tax ass jo mam Gesetz vum «aménagement communal» vun 2004 iwwerhaapt emol méiglech ginn. Dat heescht, mir sinn elo 10 Joer duerno an d'Gemeng Péiteng war awer relativ gutt an deem Sënn, well mer awer eis gutt Zäit gelooss hu fir dat anzeféieren. Mä ech mengen, datt et awer elo wierklech akut gëtt fir et elo endlech anzeféieren.

Als Member vun der Finanzkommissioun sinn ech natierlech extrem frou, datt eng Rëtsch vu menge Remarquen, déi do gefall sinn an déi hei och ugeklonge sinn, considéréiert gi sinn. Notamment datt déi Kläranlagen an d'Collecteurs d'égouts net an déi Tax do falen.

Natierlech, déi Saach mat där sozialer Komponent ass ganz wichteg. Mä et ass effektiv esou, datt – wa mer drastoe gelooss hätten, datt dat nëmme fir «promoteurs publics» wier – dann hätte mer wahrscheinlech de Risiko, datt dann de «promoteur privé», och wann déi sech elo net alleguerten zerschloe fir sozial Wunnengen ze bauen, datt dat awer wichteg ass, datt déi Méiglechkeet bestoe bleift. An dofir sinn

ech frou, datt dat dran ass an datt duerno dëse Gremium hei décidéiert, wat soziale Wunnengsbau ass a wat net. Wat ech dann awer och wëll soen ass, datt mer duerno och musse kucken, datt mer déi Outilen hu fir dat ze kontrolléieren, ob déi Critèren agehale ginn. An do ginn ech dat da weider, datt mer duerno och nach kënne soen, datt mer dat accordéiert hunn, an datt mer awer och kontrolléiere ginn ob dat esou gemaach ginn ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass richteg, datt mer 10 Joer gewaart hunn. Mir hunn an deenen 10 Joer ganz vill investéiert, wat ech jo mat den Zuele konnt beleeën. Op Grond vun där neier Finanzsituatioun, déi op eis Gemeng zoukënnt, a wa mer wëlle viru fuere mat investéieren am Intressi vun der Liewensqualitéit vun den Awunner aus eiser Gemeng, si mer och elo forcéiert op dee Wee ze goen, dee scho vu ville Gemengen ageschloe ginn ass an esou eng «taxe de participation» anzeféieren.

Wéi gesot, déi Saach mat der Kläranlag war éischter e materielle Feeler, well mer an där Berechnung – déi ech selwer gemaach hunn – déi Kläranlag ni mat agerechent hat. Dat stoung duerno am Text, well dat aus engem aneren Text mat iwwerholl gi war. An dofir ass et gutt, datt esou eng Kommissioun do ass an eis drop opmierksam mécht, datt do en Textfeeler ass.

Dann hutt Dir och richteg gesot, datt mer eis Mëttele musse gi fir dat ze kontrolléieren. Wann elo deen éischte private Promoteur esou eng Demande mécht, da wäerte mer sécherlech heibanne Léisunge fannen, wéi mer dat kënne kontrolléieren. Ech si sécher, datt mer net oft mat esou Demandë konfrontéiert ginn. Déi éischt, wou mer elo domatter konfrontéiert ginn – an dat war och e bëssen den Ursprong vun den Diskussiounen, déi mer a veschiddene Kreeser haten – ass elo beim Lotissement «An den Atzéngen». Do entsti 60 Haiser, wat soziale Wunnengsbau ass. A wa mer der *Société Nationale des Habitations à Bon Marché* elo 60 mol 5.000 Euro froen, dann dreift dat sécherlech de Präis an d'Luucht. An dat ass just de Contraire vun deem, wat mer an deem Lotissement wëlle maachen, an zwar fir zu engem gënschtege Präis Wunnengsraum ze schafen. Esou datt dat déi éischt wäerte sinn, déi vun dëser Saach profitéiere wäerten an doriwwer wäerte mer dann och hei am Gemengerot diskutéieren. An do wäerte mer och kaum Schwieregkeete kréie fir dat duerno ze kontrolléieren, ob dat och respektéiert gëtt.

Thein Joe (adr):

Ech si ganz frou a glécklech, dass ech zu enger Partei gehéieren, déi sech definéiert als «Anti-Steier-Erhéijungs-partei» an als «Anti-Steier-Grënnungspartei». Mir sinn der Meenung, datt Steiererhéijungen Déifstal um Steierzueler ass, dee fir eng Politik muss bludden, well d'Politik ze onfäeg ass mat Suen ëmzegoen.

Mir sinn dofir och – virum allem, wat d'Politik vum Logement ugeet – géint Besteierungen. Bei deene Logementspräisser, déi souwisou de Moment um Marché sinn, ass et onméiglech fir esou eppes ze veräntwerten an dat hätt och chrëschtdemokratesch a sozialistesch esou nëmme richteg gewiescht sinn. Mir wëllen och net op de Kurs vun enger Gambia-Regierung goen, déi de Moment de Leit alles nëmmen ewechhëlt. Mir liewen an enger Zäit, wou d'Leit alles ewechgeholl kréien an dat ass absolut onméiglech.

Wat mer eventuell hätte kënnen akzeptéieren, dat wier en Taxe-Kompromëss gewiescht. En Taxe-Kompromëss, datt mer gesot hätten, mir setzen dat elo zäitweileg an d'Luucht an dofir setze mer awer eng aner wichteg Tax, déi och de Steierzueler betrëfft, fir eng Zäitchen erof. Mä op alle Fall droe mir keng Steiererhéijunge mat. An Äre leschte Saz war «Mir sinn eng vun deene leschte Gemengen am Land, déi esou sinn», ma da géif ech op eisen nationale Motto referéieren, komm mer bleiwe wat mer sinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech hunn Iech jo gesot, firwat mer net kënne bleiwen, wat mer sinn. Mir wëlle gären hei an eisen Uertschaften am Intressi vun eiser Populatioun weider Invester maachen. Mir wëlle jo och allen neien Awunner déi Installatiounen a vergréissert Installatiounen zur Verfügung stellen. Wann eis Populatioun esou weider wiisst, wéi et de Moment de Fall ass, da musse mer nach weider Schoule bauen, oder weider Maisons Relaise bauen. Oder gitt Dir dovunner aus, datt mer deenen neie Leit, déi heihinner wunne kommen, soen, datt se kënnen heihinner wunne kommen, mä si kënnen awer weder an eng Schoul nach an eng Maison Relais an eiser Gemeng goen. Dat heescht, nei Fraise kommen op eis zou an nei Investissementer musse mer maachen. An déi nei Investissementer kënne mer – duerch deen Ëmstand, datt d'Recettë manner wuesse wéi bis elo – net méi mat deenen aktuelle Moyene maachen. An dofir soe mer, datt déi nei Leit, déi an d'Gemeng kommen, e ganz klengen Obolus bäidroe mussen zu deem Ganzen, wat mer mussen investéiere fir hinne kënnen déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen an datt se domatter weiderhi gutt an zefridde kënne bei eis liewen.

Thein Joe (adr):

Merci fir d'Erklärung, Här Buergermeeschter. Ech kann dat och novollzéien. Mä da kommt a mer kucken, datt mer fir d'éischt emol bei der Gemeng selwer spueren. Beim Ofbau vun der Bürokratie, keng weider Spezialkreditter, wéi mer dat haut haten. A kommt, mir wieren eis géint de Minister, deen eis dat doten opzwéngt a géint d'Gemengenautonomie geet. Ech sinn der Iwwerzeegung, datt mer eng Sozialpolitik kënne maachen ouni direkt bei d'Leit mussen ze goen. Mir hu jo och e Steiersystem op kommunalem Niveau, mä muss een deen dann onbedéngt erhéijen. Et ginn esouvill Méiglechkeeten, wéi ee ka Sue spueren, ouni se elo beim klenge Mann ze huelen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir brauchen net bei de Minister ze goen. Wa mer wëssen, datt 800 Milliioune manner vun der TVA vum elektroneschen Handel erakommen, da wësse mer, datt den ëffentleche Secteur 80 Milliioune manner kritt. A wann d'Gemeng Péiteng 3% manner kritt, da sinn dat 2,4 Milliounen Euro. Esou einfach ass d'Rechnung gemaach. An dat ass keng Décisioun vun engem Minister. Et ass och keng Décisioun vun enger Regierung an och keng Décisioun vum Péitenger Gemengerot. Et ass e Fakt, deen entsteet duerch déi nei Steierlandschaft an der TVA-Landschaft, déi europawäit definéiert gouf. A mir mussen elo mat där Situatioun liewen.

Mir kënnen natierlech elo higoen a soen, datt mer fir déi 2,4 Milliounen Euro manner Invester maachen. Ech loosse mer hei net soen, datt mer hei géifen d'Suen zur Fënster erausgeheien. Dat ass net de Fall an der Administratioun. Mir hunn eng ganz straff Administratioun an Dir miisst emol e bësse ronderëm kucke goen, wéi aner Administratiounen opgestallt sinn. Bei all Erhéijung vum Effektiv gëtt dräimol gekuckt, ob déi wierklech néideg ass. An ech sinn net averstanen, datt gesot gëtt, mir hätten hei zevill Leit an datt mer an der Administratioun géifen d'Suen zur Fënster erausgeheien. Mir sinn eng vun deenen Administratiounen, déi am mannste Geld brauch. An Dir braucht nëmmen op déi Gemeng kucken ze goen, wou ee vun Äre Parteikollege

Buergermeeschter war, an deenen hir Finanzsituatioun ze kucken. Déi Gemeng nennt sech Fréiseng. An da kuckt Dir deenen hir Finanzsituatioun emol. An ech wëll hei zu Péiteng net esou wäit komme wéi se do an der Gemeng sinn.

Mir sollen awer elo net vu Parteipolitik schwätzen, well dat ass net dee richtege Wee. Mir hunn hei eng Propositioun op den Dësch geluegt. Déi Propositioun ass gediegen an net iwwerdriwwen. Déi Propositioun ass esou, wéi se och an anere Gemengen ass. An ech hunn emol net gekuckt, op Fréiseng déi Tax net och vläicht schonn huet. Dat miisst een emol nokucken.

Thein Joe (adr):

Ech hunn näischt mat Fréiseng ze dinn. Ech sinn hei zu Péiteng gewielt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dovunner hat Dir geschwat.

Thein Joe (adr):

Jo, den Här Gibéryen huet säi Budget ganz gutt geréiert, soss wier e jo och net Buergermeeschter ginn. Mä ech si Mandataire fir Péiteng an ech schwätzen hei am Numm vun der «adr Péiteng». A wann ech dat hei analyséieren a Kritik uwenne bei eiser Aart a Weis vu Politik, dann ass dat absolut berechtegt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jo, Dir kënnt dat maachen. Mä Dir hutt awer elo vum «adr» geschwat an hutt als «adr» déi landeswäit Politik ugeschwat. An dofir hunn ech lech och landeswäit geäntwert. Ech sinn och der Meenung, datt mir hei sollen eis Politik kucken. An ech wëll emol eng Kéier konkret vun lech wëssen, wou Dir wëllt de Routstëft usetzen. Sot eis emol, watfir een Artikel Dir gäre wëllt kierzen. Erkläert eis dat emol.

A wat déi aner Saach ubelaangt, déi Schoulen do, esou sinn dat grad déi Infrastrukture bei deene mer an d'Qualitéit vun eise Schoulen investéieren. Dat heescht mir investéieren an d'Qualitéit vun deem Service, dee mer de Bierger aus eiser Gemeng offréieren. An ech mengen, datt dat en Invest op laang Zäit ass an et ass net, datt mer do d'Suen zur Fënster erausgeheien. An zu Rolleng hu mer elo eng Schoul geschafen, déi besonnesch eiser Jugend – an dat virun allem, wann elo d'Lotissement «An den Atzéngen» bis bewunnt gëtt – zegutt kënnt. An déi meescht Leit wäerte frou sinn, datt d'Schoul fäerdeg ass ier déi éischt Haiser do gebaut ginn.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech begréissen déi Tax natierlech och. Well et ass wichteg, datt mer déi Tax aféieren. Et muss een déi Tax och kucken am Zesummenhang mat dem Gesamtinvest, wann een en neit Haus baut oder keeft. Et ass jo awer e klenge Betrag, deen et am Endeffekt ausmécht. Et ass also net esou, datt doduerch de Präis vum Haus esou drastesch géif an d'Luucht goen an datt ee sech doduerch keng Wunneng ka leeschten. Wat fir mech wichteg ass, dat ass, datt déi sozial Komponent dragesat ginn ass, an datt déi Leit, déi iwwer de Fonds du Logement oder aner privat Promoteuren eppes an deem Sënn bauen, doduerch d'Käschte fir déi Leit awer net esou drastesch an d'Luucht ginn. An dofir begréissen ech dat Ganzt a si frou, datt mer dat stëmmen.

Accord par 16 voix contre 1 voix (adr).

10.1.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de départ aux membres du conseil communal, des commissions légales, du personnel communal, du personnel de l'office social et du corps enseignant – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Zanter 1994 hu mer eng Regelung, datt, wa verdéngschtvoll Politiker, respektiv Memberen aus de Kommissiounen a Pensioun gaange sinn, mer se an iergendenger Form belount hunn. Dat hu mer jo bis elo all Joer gehat. Mir hunn awer festgestallt, datt – wa mer Beamten oder Collaborateuren, déi ganz laang bei eis waren, op engem Betribsiessen am Dezember Äddi gesot hunn – mer hinne bei där Geleeënheet eppes Schappeges an de Grapp gedréckt hunn. Dat heescht, et war iergendeng Sérigraphie oder eng Saach, déi net vill Wäert hat. Et huet ee sech wierklech heiansdo geschummt, wann een do Leit hat – mat deenen ee 40 Joer zesumme geschafft huet an déi a Pensioun gaange sinn – an hinnen dann e «cadeau de départ» iwwerreecht huet, deen éischter op eng Rentnerfeier gehéiert hätt.

Mir sinn eis bewosst, datt do Nohuelbedarf besteet a mir hunn emol gekuckt, wat aner Gemengen hunn. Mir hunn eis bei deenen inspiréiere gelooss a wollten nieft de Memberen aus dem Gemengerot, de legale Kommissiounen an dem Gemengepersonal och elo d'Personal vum Office social an d'Léierpersonal considéréieren, esou wéi och d'Personal vum Pompjeescorps, wat duerch de Gemengerot genannt gëtt. Et sinn dat de Kommandant a säin Adjoint.

Mir hunn eis als Virlag e Modell geholl, wéi en och schonn an anere Gemenge besteet. Wann déi Leit a Pensioun ginn, da kréien se e Cadeau an engem Wäert vun enger gewëssener Valeur. Am Detail géif dat esou ausgesinn:

- Buergermeeschter:
  7,50 € Index 100 pro Déngschtjoer
- Schäffen:
  5,00 € Index 100 pro Déngschtjoer
- Gemengerot:
  2,50 € Index 100 pro Déngschtjoer
- Member vun enger legaler Kommissioun:
  1,25 € Index 100 pro Déngschtjoer
- Gemengepersonal:
  1,25 € Index 100 pro Déngschtjoer
- Personal vum Office social:
  1,25 € Index 100 pro Déngschtjoer
- Member vum Léierpersonal:
  1,25 € Index 100 pro Déngschtjoer

Wann de Gemengerot domatter averstanen ass, da kéinte mer als «cadeau de départ» eppes Anstänneges iwwerreechen. D'Reglement géif virgesinn, datt de Cadeau op mannst engem Wäert vun 100 Euro entsprécht, och wann dee Concernéierten nëmmen 2 Joer bei eis war. A wann et méi héich ass, da gëtt de Betrag all Kéier op 50, respektiv op 100 no uewen opgerënnt. Dat si Saachen, déi kengem wéi doen, mä awer e Respekt vis-à-vis vun deene Leit, mat deene mer geschafft hunn, duerstellt. Et sief nach gesot, datt, wann eng Persoun an 2 Rubrike géif falen, et d'Fonction supérieure ass, déi a Betruecht geholl gëtt fir de Cadeau ze rechnen. Et kann een d'Joeren, déi openee falen, net duebel ugerechent kréien.

Accord à l'unanimité. Mme Conter-Klein et M. Mellina, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

10.2.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de service – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Da komme mer zum leschte Punkt vun der Dagesuerdnung. Et wier dat d'Schlussfolgerung vun deem, wat mer elo just guttgeheescht hunn. Mir wéilten dann och schonn direkt d'Reglement applizéieren an deem scho bei eisem Ofschlossiessen am Dezember Rechnung droen. Nieft deene Mataarbechter, déi 2014 an d'Pensioun gaange sinn, kréien dann och nach déi Mataarbechter, déi 20 Joer dobäi sinn, eng gëllen Auer. Et wieren dat:

Conseil communal et commissions consultatives légales:

- Conter-Klein Raymonde
- Mellina Pierre

Personnel communal:

- Krotil Tomas, chargé de cours à l'école de musique
- Koch Madeleine, portier-artisan
- Meyer Carine, aide-portier
- Reisdorff Jean-Paul, portier-artisan
- Ruckert Tania, expéditionnaire administratif
- Rossato Pauline, aide-portier

Personnel enseignant:

- Biever Chantal
- Bordonaro Sylvie
- Clees Isabelle
- Koenig Nathalie
- Solvi Manila

An e «Cadeau de départ» géifen dann nach kréien:

Conseil communal et commissions consultatives légales:

- Linden Jeannot

Personnel communal:

- Wagener Jeannot

Personnel enseignant:

- Noël André
- Rongveaux Aloyse

Service d'incendie et de sauvetage:

- Bettendorff Julien (commandant)
- Bartz Nico (commandant adjoint)

Accord à l'unanimité. Mme Conter-Klein et M. Mellina, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

Gemeinderatssitzung vom 13. Oktober 2014

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Pierre Norbert** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

/

1. bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat Petingen hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Rücktritt einer kommunalen Angestellten - Beschluss.

Dem Rücktritt von Frau Christiane Bindels zum 1. März 2015 wird stattgegeben. Die Betroffene hat Anrecht auf eine Leibrente.

Infolgedessen wird der Posten des kommunalen Angestellten im Gemeindesekretariat mit Wirkung vom 1. März 2015 an gestrichen.

Unterschrift eines Lehrvertrages mit einem Lehrling (m/w) – Ratifizierung.

Folgender Lehrvertrag wurde ratifiziert:

Name des Lehrlings	Beruf
Morais Lopes Jessica	*Bauzeichner*

4. - Mitteilungen des Schöffenkollegiums.

Untersuchungen des „Syndicat intercommunal Minett-Kompost" in Bezug auf die Qualität der organischen Abfälle, welche in den 21 Mitgliedergemeinden eingesammelt werden, haben ergeben, dass die Gemeinde Petingen den niedrigsten Prozentsatz an Unreinheiten im organischen Abfall (0,47%) aufweist.

In einem Brief des Wirtschaftsministeriums vom 29. September 2014 verpflichtet sich das Ministerium u.a. dazu, sich an der Finanzierung der Erschließung des Gewerbegebietes „Au Grand Bis“ in Rodange zu beteiligen, dies in Form einer Vorfinanzierung und in Höhe von bis zu 85% des Kostenvoranschlags über 17.050.000 Euro.

Der Gemeinderat wurde über den Fortgang des Schwertransporterproblems am Grenzübergang in Rodange informiert.

5. - Schulwesen.

Bewilligung einer vorläufigen Abrechnung über 7.470.000 Euro sowie Abstimmung über einen zusätzlichen Kredit über 1.020.000 Euro in Bezug auf die Erneuerung der Schule in Lamadelaine – Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

6. - Musikunterricht.

Schulorganisation der Musikschule für das Jahr 2014/2015 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.1. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf von Parzellen am Standort „chemin de Brouck“ von ASA Bâtiments Sàrl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.2. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf die Vermietung durch Erbpacht eines Grundstücks am Standort „zone commerciale“ in Petingen an die Autowerkstatt Martin Losch Sàrl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

8. - Soziales.

Konvention mit dem „Club Senior Prënzebierg“ für das Jahr 2014 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.1. - Stadtplanung.

Stellungnahme bezüglich der „plan directeurs sectoriels“ - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

9.2. - Stadtplanung.

Beteiligungsabgabe zwecks Finanzierung kollektiver Ausstattungen - Beschluss.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

10.1. - Verschiedene Ausgaben.

Zuerkennung von Abschiedsgeschenken für austretende Mitglieder des Gemeinderates, der Ausschüsse, des Gemeindepersonals, des Personals des Sozialamtes und des Lehrpersonals – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Conter-Klein und Herr Mellina haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10.2. - Verschiedene Ausgaben.

Zuerkennung von Geschenken - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Conter-Klein und Herr Mellina haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.